Depuis longtemps la question du déficit démocratique dans le fonctionnement de l'Union européenne est vivement débattue. Outre la question du manque de transparence des processus de décision mis en cause par la société civile dans les négociations des traités de libre-échange, des questions autour de la légitimité d'institutions non formelles dotées d'énormes pouvoirs, comme l'Eurogroupe, sont à l'ordre du jour. Depuis peu, le débat autour du futur développement des institutions de l'Union a pris de l'allure, notamment avec le rapport des cinq présidents, le Livre blanc ainsi que l'idée d'un parlement pour la zone euro, dont vous avez déjà parlé.

Mais j'aimerais savoir, dans ce contexte, Monsieur le Président, quelles initiatives vous entendez prendre en tant que Président du Parlement européen afin de combler structurellement le déficit démocratique qu'une grande partie de la société civile et des citoyens de l'Union éprouvent et qui les éloigne d'une construction dans laquelle ils ne se reconnaissent plus.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Monsieur le Président, vous avez la parole.

M. Antonio Tajani, *Président du Parlement européen.-* Merci pour votre question. Bien sûr le Président du Parlement doit être le protagoniste d'une action pour renforcer la démocratie à l'intérieur des institutions européennes. Il faut avoir plus de Parlement, mais il faut aussi que le Parlement soit capable de le faire. Il faut que le Parlement s'engage. Il faut que le Parlement soit protagoniste.

Moi, j'ai déjà commencé à essayer de donner au Parlement plus un rôle de protagoniste. Par exemple, comme je l'ai dit, le 21 nous avons organisé un grand débat sur l'immigration.

Nous avons invité tous les interlocuteurs, y compris les réfugiés, pour me permettre le jour suivant d'aller au Conseil fort d'une position pas seulement du Parlement européen, mais de ceux que le Parlement européen a été capable d'accueillir.

Nous avons déjà organisé d'autres réunions en ouvrant le Parlement aux organisations, aux citoyens, pour essayer d'avoir un contact direct. Moi, j'ai essayé de faire tout ce que je pouvais pour donner de la transparence aux décisions, même si quelqu'un s'est fâché avec moi. Je le fais aussi pour ce qui concerne les indemnités des députés.

Il faut aller de l'avant. En ce qui concerne l'accord avec le Canada, le débat est plutôt politique. Bien sûr le négociateur doit être réservé, mais on a eu tellement de débats au Parlement. On a toujours invité les négociateurs. La Commissaire Malmström a rencontré les députés. Sur la substance, il y avait des résistances à gauche comme à droite sur le contenu de l'accord.

Pour ce qui concerne l'Eurogroupe, comme vous le savez, j'ai eu une polémique avec le Président, parce que moi, je l'ai invité quatre fois. Deux fois il a dit qu'il ne pouvait pas venir; avant il avait dit «oui, oui». Le parlement s'est fâché, moi aussi, je me suis fâché. À la fin il est venu en plénière pour parler. Lui, il n'est pas obligé de venir parler face aux députés, parce que l'Eurogroupe n'est pas sous le contrôle du Parlement. Mais je pense que le Parlement doit aussi jouer un rôle face à l'Eurogroupe pour demander ce qui se passe là-bas.

À la fin, Monsieur Dijsselbloem est venu au Parlement. Il a parlé. Il a accepté notre invitation. Avant, il y avait les élections. Chaque jour, il y avait la campagne électorale. Heureusement, la campagne électorale aux Pays-Bas est terminée et il est venu chez nous pour parler sur ce que l'Eurogroupe avait décidé sur la Grèce.

Mais dans ce domaine, moi, je pense que vous avez raison. Il faut essayer d'avoir plus de transparence. Donc, moi, je ne veux pas la transparence seulement quand il y a une action de service et créer une *«intelligence»* contre le terrorisme. Mais pour les autres choses, pourquoi ne pas avoir de la transparence? Pourquoi être contre la transparence?

Et moi, je suis toujours prêt à le faire. J'ai aussi nommé une commission pour préparer la réforme des indemnités des députés. Donc, j'y suis absolument favorable. Moi, je n'ai rien à cacher. Donc, j'y suis absolument favorable. Le Parlement doit être un peu le protagoniste dans cette direction.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci beaucoup, Monsieur le Président, cher Antonio Tajani, pour votre disponibilité de dialoguer avec le Parlement luxembourgeois et avec tous les autres parlements nationaux. Nous sommes avec vous dans vos efforts de reconnexion avec nos citoyens pour améliorer notre projet commun et faire face à nos défis actuels et futurs.

De tout cœur, merci pour cet échange. Et ce ne sera certainement pas le dernier. Merci beaucoup.

M. Antonio Tajani, *Président du Parlement européen.*- Merci! Merci, Monsieur le Président. Merci à vous tous. À la prochaine!

(Applaudissements)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech ënnerbrieche kuerz d'Sëtzung.

(La séance publique est suspendue à 15.51 heures.)

* * *

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

(La séance publique est reprise à 15.52 heures.)

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, wann Der erlaabt, géife mer d'Sitzung erëm eng Kéier opmaachen. An da fuere mer viru mat eisem Programm, dee jo chargéiert a ganz interessant ass. Et kënnt elo eng Heure d'actualité, déi ugefrot ginn ass vun der CSV. An ech géif dann direkt der CSV, dat heescht, dem Här Laurent Mosar, d'Wuert ginn, fir eis d'Introduction à la matière ze maachen. Här Mosar, wann Dir wëllt heihinner kommen an da kritt Der direkt d'Wuert.

6. Heure d'actualité du groupe politique CSV sur l'avenir du libre-échange en général et du futur de l'Organisation mondiale du commerce en particulier

Exposé

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Ma Merci, Madamm Presidentin. Dir Dammen an Dir Hären, 31 Fräihandelsofkommesse ronderëm de Globus huet d'Europäesch Unioun an de leschte Joren ofgeschloss. Dobäi geet et scho laang net méi nëmmen ëm den Ofbau vun Douanesrechter. Am Fokus steet hautdesdaags virun allem den Ofbau vun net tarifären Handelshemmnisser, déi duerch ënnerschiddlech Normen oder Standarden entstinn.

Madamm Presidentin, ech hunn d'Initiativ am Numm vu menger Fraktioun haut geholl, fir eng Aktualitéitsstonn iwwert d'Thematik vum fräien Handel unzefroen, well et dach an deene leschte Wochen a Méint zu enger Rei vun Evenementer komm ass, déi riskéieren, net onwesentlech Repercussiounen op den zukünftegen Ofschloss vu Fräihandelsaccorden ze hunn.

Fir d'Alleréischt, an dat ass eigentlech eng Noriicht, déi eis alleguerten hei am Haus och misst erfreeën, huet den Europäesche Geriichtshaff eng Prinzipiendecisioun geholl, wat d'Fräihandelsaccorde betrëfft. All dës Accorde wäerten an Zukunft Accord-mixtë musse sinn, also vun den Nationalparlamenter vun deenen 28 EU-Memberlänner ofgesi (veuillez lire: ofgeseent) ginn a souguer och nach, wann dat d'Prozedur an de jeeweilege Memberlänner ass, vun deem engen oder anere Regionalparlament.

Duerch dësen Arrêt, an, ech mengen, dat ass dat, wat eis eigentlech och misst erfreeën, ginn déi demokratesch Rechter vun de Parlamenter an domadder och vun de Bierger an der Diskussioun, awer besonnesch och an der Prise de décision vu Fräihandelsaccorde gestäerkt. Allerdéngs musse mir eis bewosst sinn, datt et an Zukunft nach vill méi schwiereg an haaptsächlech laangwiereg wäert ginn, fir esou Fräihandelsaccorden an engem räsonabelen Delai duerch d'Prozeduren ze kréien.

Fir meng Fraktioun a fir mech selwer ass et duerfir och prioritär, datt an der Diskussioun vun Ufank un op Transparenz gesat gëtt, wat fir eis och bedeit, datt d'Abannung vun den nationale Parlamenter zu engem méiglechst fréien Datum a Stadium geschitt. An dësem Sënn ass de gescheiterten TTIP eigentlech e Musterbeispill, wéi een an Zukunft net méi soll virgoen, och wann d'Europäesch Kommissioun zum Schluss vun den Diskussiounen iwwert dësen Accord dach wesentlech méi op Transparenz gesat huet.

Meng Fro heizou un den Aussen-, awer haaptsächlech dann haut un den Aussenhandelsminister ass, wéi d'Europäesch Unioun an natierlech hir Memberstaten och an Zukunft mat esou Accorde wéilten ëmgoen, an natierlech ganz besonnesch, wéi déi Abannung vun den nationale Parlamenter an Zukunft wäert organiséiert ginn.

Madamm Presidentin, en zweet Evenement, wat riskéiert, substanziell Konsequenzen op d'Organisatioun vum fräien Handel weltwäit ze hunn, ass natierlech d'Wahl vum President Trump, dee sech kloer souwuel wärend wéi och schonn no de Wahle géint de Fräihandel, esou wéi en am Moment funktionéiert, ausgeschwat huet.

Déi Fro, déi ee sech hei muss stellen, ass, wéi sech d'wirtschaftlech Situatioun an den USA an déi domadder verbonnen Handelsdebatt an Zukunft entwéckele wäert. An Zäite vum Erëmopkomme vu protektionistesche Positiounen an den USA maachen ech mer natierlech an deem Kontext och ganz besonnesch Suergen iwwert d'Zukunft vun der Welthandelsorganisatioun, der OMC. An hei stellt sech natierlech virun allem d'Fro, wéi dës OMC an Zukunft reagéiere wäert op Virstéiss vun der Trump-Administratioun, ewech vu multilateralen an a Richtung vu bilateralen Accorden ze goen.

Ech hat selwer de Pleséier, d'Chamber am Comité de pilotage vun der OMC ze vertrieden, an ech kann lech, Här Minister, soen, datt do extrèmement vill Suerge bestinn, ganz besonnesch, well ee jo hei muss oppassen, datt et an den nächste Wochen a Méint net zu Präzedenzfäll wäert kommen.

Iwwert d'Fro vum Multi- oder Bilateralismus an den Handelsbezéiungen eraus sinn et awer nach eng Rei vun anere geplangte Moossname vun der Trump-Administratioun, déi eis alleguerte missten interpelléieren. Fir d'Alleréischt natierlech déi geplangten, massiv Erofsetzung vun der Betribsbesteierung op deen elo emol annoncéierten Taux vu 15%. Derniewent ass et fir mech wuel déi geféierlechst Mesure, déi d'Trump-Administratioun plangt, datt an Zukunft d'Firmen net méi do solle besteiert ginn, wou se produzéieren an also och hir Benefisser realiséieren, mä do, wou se hir Produkter verkafen.

Eng lescht Moossnam, déi sech och op der Prioritéitelëscht vun der Trump-Administratioun erëmfënnt, ass, datt et och erëm soll zu enger Aféierung vun Douanestaxe kommen, déi natierlech Gëft si fir den Import vun europäesche Produiten an natierlech ganz besonnesch och Gëft fir déi europäesch Autosindustrie.

Eng lescht ugeduechte Moossnam ass déi, fir op transatlantesche Flich an Zukunft e Verbuet vu Laptoppen anzeféieren, dëst aus Sécherheetsmoossnamen. An och esou eng Mesure, Här Minister, dat wësst Der, géif fir vill Entreprisen extrem negativ Konsequenze mat sech brëngen.

Madamm Presidentin, all dës ugeduechte Moossname si Gëft fir de fräien Handel an ech hoffen nach ëmmer, datt d'EU et fäerdegbréngt, hir amerikanesch Partner dovun ze iwwerzeegen, op esou oder äänlech Moossnamen ze verzichten.

Ech gi perséinlech och d'Hoffnung net op, datt déi amerikanesch Wirtschaft Drock op d'Trump-Administratioun wäert maachen, well si eigentlech un esou Moossnamen och mëttela laangfristeg keen Interessi kann hunn.

Mä och op dësem Punkt, Madamm Presidentin, wär et gutt, wann d'Europäesch Unioun sech esou schnell wéi méiglech op eng gemeinsam Positioun géif festleeën, an dat och ganz besonnesch am Kontext vun deem dann auszehandelnde Fräihandelsaccord, deen nom Brexit-Accord och mat Groussbritannien muss diskutéiert ginn.

Madamm Presidentin, wat kënnen d'Konsequenze sinn, déi mir elo direkt als Europäesch Unioun aus där dote Situatioun zéien? Ech mengen, datt et eng éischt, ganz kloer Decisioun misst sinn, datt mir eis nach méi wéi bis elo a Richtung Asien a ganz besonnesch natierlech och a Richtung China a Japan orientéieren. China huet virun e puer Wochen dee Mammutprojet vun der Seidestrooss, de sougenannten „One belt, One road"-Projet ugekënnegt. A fir mech muss d'Europäesch Unioun hei kucken, och ganz besonnesch an dësem Projet e wichtege Partner vu China ze ginn.

Iwwerhaapt, léif Kolleeginnen a Kolleegen, hu mir en Interessi, eis Bezéiunge mam asiatesche Raum an natierlech ganz besonnesch mat China weider auszebauen. Allerdéngs, an dat soen ech dann awer och hei ganz kloer, muss och déi chinesesch Regierung Waasser an hire Wäi schëdden, sief dat op där enger Säit wat d'Dumpingbestëmmunge ganz besonnesch am Stolsecteur betrëfft an op där anerer Säit awer och, den Accès fir auslännesch Entreprisen op d'chinesesch Mäert an och d'Accessioun op Proprietéit vu chinesesche Firmen an Infrastrukturen opzemaachen.

Madamm Presidentin, wa mir vu Fräihandelsaccorde schwätzen, ass et awer och extrem wichteg, sech bewosst ze sinn, datt esou Accorden och kënnen negativ Konsequenzen op d'Entwécklungslänner, ganz besonnesch um afrikanesche Kontinent, hunn. Mir mussen alleguer derfir Suerg droen, datt mer duerch esou Fräihandelsaccorden net déi afrikanesch Mäert mat europäesche Produiten iwwerschwemmen an domadder déi lokal Produktiounen nach méi penaliséieren.

Wann ee sech haut d'Situatioun an enger ganzer Rei vun afrikanesche Länner ukuckt, muss ee leider feststellen, datt d'Entwécklungshëllef och déi gestallten Erwaardungen net erfëllt an datt eng ganz Rei vu Vollekswirtschaften an deene Länner kaum doduerch gestäerkt gi sinn.

Mir kommen duerfir, Madamm Presidentin, net derlaanscht, datt mer déi ganz Froe vum fräien Handel vill méi enk musse verbanne mat der Fro vun der Entwécklungshëllef generell a ganz besonnesch vun där um afrikanesche Kontinent.

Wann ech da bei der Entwécklungshëllef an Afrika sinn, an domadder wëll ech dann och meng Interventioun ofschléissen, kommen ech net derlaanscht, nach eng Kéier op déi extrem wichteg Interaktioun tëschent internationalem Handel a Migratioun opmierksam ze maachen. Wa mir et nëämlech fäerdegbréngen, eis Handelsbezéiung op eng equilibréiert a fair Aart a Weis mat deene Länner ze organiséieren, wäerte mir automatesch och vill besser d'Erausfuerderung vun der Kontroll vun der Awanderung meeschteren.

Ganz besonnesch de fräien Handel vun den Déngschtleeschtunge gëtt oft als eng Bedroung vu kultureller Identitéit empfonnt. Mä grad op dëse sensibele Plaze kënne Fräihandelsofkommesse fir dës Länner eng gewësse Protektioun sinn. Mir brauchen op jidde Fall weider Handelsbezéiungen tëschent der Europäescher Unioun an den Entwécklungslänner, well ouni déi wäerte mer de Problem vun de Migratiounsstréim net an de Grëff kréien.

Mir brauchen also, Madamm Presidentin, an Zukunft weider dëse fräien Handel an dee soll fir eis esou wäit wéi méiglech iwwer ee multilaterale Wee, also iwwert d'Welthandelsorganisatioun OMC geleet ginn. Bilateral Ofkommesse sinn duerfir fir eis keng Alternativ, mä éischter e Réckschrëtt an Zäiten, déi mir eigentlech gehofft haten, definitiv hanner eis ze loossen.

Ech ginn duerfir d'Hoffnung net op, datt sech um Enn awer d'Vernunft op der amerikanescher Säit duerchsetzt, well sollt dat net de Fall sinn, kéint et zu engem Handelskrich kommen an an enger souwisou scho méi wéi opgewullter Welt wär dat sécherlech dat, wat mer am Moment am allermannste kéinte gebrauchen.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Mosar. Als éischten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Marc Angel. Här Angel, Dir hutt d'Wuert.

Débat

M. Marc Angel *(LSAP).*- Jo, villmools Merci, Madamm Presidentin, fir d'Wuert. Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll dem Här Mosar Merci soe fir dës Initiativ. Dat gëtt eis d'Geleeënheet, op dëse ganz wichtege Sujet zréckzekommen an och déi lescht Entwécklungen an der Handelspolitik ze betruechten.

Ech wëll awer och dem Ausseminister Merci soen, deen all Kéiers, wann e Conseil zu Bréissel war, wou et ëm internationalen Handel gaangen ass, bei eis an d'Kommissioun komm ass an eis doriwwer bericht huet. Net méi spéit wéi de Moien um aacht Auer nach, wou mer iwwert den Accord tëschent der EU a Japan geschwat hunn a wou de Minister eis gesot huet, dass en zesumme mat senge Benelux-Kolleegen a mat den Däitschen a mat de Fransousen eng Initiativ wëllt starten, fir dass dat Mandat public gemaach gëtt. Ech mengen, dat ass wichteg, well soss fale mer an déi nämlecht Problematik an an déi nämlecht Fal eran, wéi et deemools beim TTIP war. Dofir zur Transparenz: De Minister huet sech ëmmer fir Transparenz agesat an dofir fannen ech et gutt esou, dass en dat och weiderhi mécht.

Den Här Mosar huet sech op zwee Punkte beschränkt: den Avis vum Europäesche Geriichtshaff zu den Handelsaccorde mat Singapur an dann och d'Folgen dovunner an d'Zukunft vun der Welthandelsorganisatioun.

Vu dass ech nëmme fënnef Minutten hunn, wollt ech déi zwee Punkte beliichten. D'Singapur-Uerteel ass, mengen ech, ganz wichteg fir d'Zukunft vun der europäescher Handelspolitik. Et ass virun allem dofir esou wichteg, well den Handelstraité mat Singapur zu där neier Generatioun vun den Handelstraitée geheiert an dat Uerteel dofir och Kloerheet an den Zoustännegkeete fir déi zukünfteg Accorde schaaft. Onofhängeg dovunner, wéi ee politesch gesinn zum Avis steet, misst u sech all Partei kënnen unerkennen, dass et gutt ass, dass et elo Rechtssécherheet op der Fro vun de Kompetenze fir esou Traitée gëtt.

Mir hu jo zulescht beim CETA erlieft, wouzou et féiert, wann dës Rechtssécherheet feelt: Da muss e politesche Kampf ëm d'juristesch Interpretatioun gefouert ginn.

An esou si mir als LSAP selbstverständlech och frou, dass dësen Avis eis an eiser Positioun recht gëtt. D'Bestëmmung iwwert d'Klorechter tëschent Investisseuren a State falen an d'national Kompetenz a mussen dofir och vun den nationale Parlamenter ratifizéiert ginn.

Anerersäits huet den Avis awer och bestätegt, dass all déi aner Beräicher vun der Handelspolitik, déi an dësem Traité behandelt goufen, och wierklech eng exklusiv Kompetenz vun der Europäescher Unioun sinn. Och dat ass e wichtegt Signal.

Fir d'Zukunft vun der europäescher Handelspolitik bewäerte mer dësen Avis also als positiv. En huet nees juristesch Kloerheete geschafen a gläichzäiteg den nationale Parlamenter d'Iwwerwaachung iwwert d'Bestëmmunge vum Investitiounsschutz ginn. Fir déi Lëtzebuerger Chamber an och déi aner national Parlamenter heescht dat, dass mir als Parlamenter garantéiere kënnen, dass keen zukünftegen Handelsaccord vun der Europäescher Unioun hannert éi nei gesate Standarde vum ICS kann zréckgoen.

Op de Brexit wëll ech an dësem Kontext net am Detail agoen, well ech dovun ausginn, dass mer nach ofwaarde mussen, wéi en eventuellen zukünftegen Handelsaccord mat Groussbritannien soll ausgesinn, ier een déi méiglech Konsequenze vun dësem Avis op de Brexit kann ofschätzen.

Den zweete Volet betrëfft d'Zukunft vun der Welthandelsorganisatioun an dem Multilateralismus an der Handelspolitik. Aussoe vum amerikanesche President Donald Trump, d'Memberschaft an der OMC wëllen ze iwwerdenken, si ganz bedenklech. Mä éierlech, et soll een dat och net iwwerbewäerten! Et ass net kloer, ob

dat iwwerhaapt eng reell Iwwerleeung ass oder net. Sollt et eng sinn, da wäert et d'Aufgab vun eis Europäer sinn, de President Trump un d'Virdeeler vun der OMC ze erënneren. Dës Virdeeler leien haut virun allem doranner, dass d'OMC déi wichtegst Instanz fir d'Bäileeë vun Handelssträitegkeeten tëschent Staten ass. D'OMC ass déi wichtegst Instanz, déi mer hunn, fir regelrecht Handelskricher an ongerechtfertegte Protektionismus ze verhënneren, déi géifen näämlech a leschter Konsequenz virun allem de Leit schueden.

A loosse mer, wann ech gelift, och net vergiessen, dass et den Handel ass, op deem e groussen Deel vun eisem Wuelstand berout!

Als LSAP soe mir ganz kloer: Den Handel muss sech weiderentwéckelen. E muss méi progressiv ginn, e muss och nach méi ekologesch a sozial Kritäre beinhalten an natierlech och, wéi mäi Virriedner scho gesot huet, den Impakt op d'Entwécklungslänner, besonnesch déi an Afrika, am A behalen.

Et ass kee Geheimnis, Dir Dammen an Dir Hären, dass d'Verhandlungen iwwer nei Standarden um multilaterale Plang scho säit Jore festhänken. Dowéinst gi jo och ëmmer méi bilateral Verträg ausgehandelt respektiv Verträg tëschent verschiddene Statebléck. An dowéinst handelt och d'EU hir Verträg vun der neier Generatioun direkt mat Drëttstaten aus. Mä dat heescht awer kengesfalls, dass mer de multilateralen Niveau däerfen opginn, am Contraire: Wann ee sech d'Entwécklung an der Handelspolitik iwwer Jorzéngten ukuckt, da stellt een e gewëssent Muster fest. Ëmmer nees, wann een um multilaterale Plang net méi virukomm ass, gouf sech op bilateral Verträg verluecht. Wa bis genuch State sech op deem Wee op nei Standarde gëeenegt haten, da goufen dës Verträg nees direkt op de multinationale Plang verlagert an da fir alleguerten d'State konsolidéiert.

An ech mengen, dat soll och d'Zil si vun der europäescher Handelspolitik. Mir solle kënne Standarde setzen a mir solle kënne laangfristeg déi nei „comprehensive approach" vun der EU-Handelspolitik nees an d'OMC zréckbréngen. De Multilateralismus bleift fir d'LSAP de beschte Wee, fir d'Handelspolitik ze organiséieren.

Ech soen lech Merci.

Une voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci, Här Angel. Als nächste Riedner hunn ech am Prinzip den Här Bauler. Entschëllegt, Här Adam, et hänkt ëmmer dovun of, wien ufänkt! Et ass u sech elo um Här Bauler an da kommt Dir direkt. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

M. André Bauler *(DP).*- Merci, Madamm Presidentin. Dir Dammen an Dir Hären, spéitstens zanter dem leschte G7-Sommet an dem NATO-Treffen zu Bréissel huet wierklech mëttlerweil all Kand gemierkt, dass den Här Trump bereet ass, sech mat senge Partner unzeleeën, fir seng Ziler duerchzesetzen. Jo, et gouf an Tëschenzäit vill Parzeläin zerschloen. Esou klammen d'USA aus dem transpazifesche Fräihandelsofkommes eraus an och d'Ofkommes tëschent den USA, Kanada a Mexiko soll nei verhandelt ginn.

D'USA maachen elo esou, wéi wann de Paräiser Klimaschutzaccord, dee se nach gëschter ënnerschriwwen hunn, si haut näischt méi géif ugoen. Schlëmmer nach, de fräien Handel ass dem Här Trump, esou wéi et schéngt, en Dar am An. D'Regele vun der WTO wiere fir hien net bindend, liest een. D'amerikanesch Souveränitéit hätt fir hien absolutt Prioritéit an d'US-Bierger wiere just dem amerikanesche Recht ënnerworf.

Madamm Presidentin, fir Amerika nees grouss ze maachen, gëtt et also fir den Här Trump nëmmen ee Rezept: Mir kachen emol fir d'Éischt eis Zopp mat eisem Geméis, mat eise Gromperen an eisen Ënnen. „Our products first", kéint een dat grëffeg resuméieren. Den Här Trump vergësst awer dobäi, dass nach laang net all amerikanesch Produkter kompetitiv sinn. Dat ass och den USA hiren eigentleche Problem an dee soll dann elo mat enger protektionistescher Astellung iwwermoolt ginn.

À propos kompetitiv Produkter: An der viregter Legislaturperiod ware mer op Initiativ vum deemolege Chamberspresident Laurent Mosar e Lëtzebuerger Betrib op Stroossen kucken, dee spezialiséiert Iewe produzéiert an dee weltwäit operéiert, grad well e sur mesure, grad well en op d'Mooss schafft. Genee dës Firme setze sech op den internationale Mäert duerch, well se eben einfach schlagferteg sinn, well se Produkter ubidden, déi op d'Mooss gemaach ginn, déi gefrot ginn an och dann d'Clienten zefriddestellen.

Dat ass am Interêt vun enger Wirtschaft. Et ass am Interêt vun eiser Wirtschaft. Et ass am Interêt vun eis all.

D'WTO huet elo Angscht, dass dem Här Trump säi Behuelen zu engem neien Handelskrich géif féieren. Et ass evident, dass héich Taxen an aner protektionistesch Barrièren déi ganz européesch Ekonomie géifen treffen, awer och Amerika wäert doduerjer net méi grouss ginn.

Madamm Presidentin, fir eis als DP däerf d'EU net virun dem Trump-Amerika an d'Gette goen. Nach gëtt et international Strukturen, an deene sech och Amerika verflicht huet. D'COP21 ass e Vertrag, deen och vun den Amerikaner ënnerschriwwe gouf, do kann och de President vun den USA elo net einfach esou maachen, wéi wann dat ni geschitt wier.

Eent ass klor: A Saachen Handel wier e Protektionismus och fir Amerika e Schoss an de Knéi. Mir Europäer sollten allzäit weider um fräien Handel festhalen. D'OMC ass zanter der Doha-Ronn, déi ni wierklech op en Enn komm ass, am Standby. Dat, well Entwécklungslänner wéi Brasilien sech ongerecht behandelt gefillt hunn. Si waren der Meenung, dass de fräien Handel fir Mäert ze schnell opmaache géif an hir Industrien esou um Weltmaart effektiv net konkurrenzfäeg wieren.

Duerfir ass et wichteg, dass e Fräihandelsaccord och ëmmer sougenannt Begleetmoossnamen, Mesures d'accompagnement, virgesäit. Dat, fir verschidde méi schwaach Secteure vun enger Ekonomie, déi eben nach net esou entwéckelt ass, fir eng Zäit ze schützen.

Méi einfach ass et awer, wann een en Accord mécht um Beispill vum CETA mat Kanada. Hei handelt et sech ëm zwou gläichberechtegt Ekonomien oder zwee gläichberechtegt Partner, déi déiselwecht Valeuren hunn. Och sinn hir Gouvernancestrukture ganz äänlech an et gouf eng Convergence des normes vers le haut agefouert. Esou kann e Fräihandelsaccord fir besser a méi fair Standarde suergen. Och gi Rechtsstreidereien an der Sphère publique geregelt an net iwwer privat Schidsgeriichter. An deem Sënn steet den Accord mat Kanada fir e méi faire Welthandel.

Europa muss awer weiderhin alles drusetzen, fir d'Entwécklungslänner méi staark a méi fair an den internationalen Handel anzebannen. Et ass éinescht gesot ginn: Fairness ass ugesot, well soss kënne sech hir lokal Mäert net entwéckelen an da wäert de Migratiounsdrock aus Afrika op Europa nach méi staark ginn, wéi mer e bis ewell kennen.

A schlussendlech, Madamm Presidentin, fir ofzeschléissen, muss Europa handlungsfäeg bleiwen, wann et ëm d'Verhandele vu multilateralen Accorde geet. Européesch Normen - sozialer, ekologescher oder sanitärer - musse sech entweder duerchsetzen, wa se méi héich si wéi déi vum Partner, oder eis Norme mussen no uewe convergéieren. Den Accord mat Kanada ass do en éischte Schratt, an d'EU muss dem Här Trump dat ëmmer nees kloer ze verstoe ginn.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci, dem Här Bauler. Dann ass et elo un dem Här Adam. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Merci, Madamm Presidentin. Den Handel ass ee vun de Moyenen, fir d'Liewensqualitéit an de Wuelstand an d'Luucht ze dreiwen. Mir brauchen e fräien Handel, awer virun allem och ee fairen Handel, well just ee fairen Handel ass nohalteg, demokratesch an am Interessi vun de Mënschen.

Fairen Handel brauch gutt Ramebedéngungen, kloer Regelen an eng effikass demokratesch Kontroll. Mir sinn also der Meenung, datt mer staark Regele brauchen a keng eesäiteg Liberaliséierung. Fairen Handel dréit derzou bäi, datt d'Konsumenten-, d'Ëmwelt- an d'Sozialstandarden net ofgebaut, mä verstäerkt ginn an datt d'Mënscherechter respektéiert ginn.

2015 huet d'Weltgemeinschaft mam Klimaaccord vu Paräis a mat den nohaltegen Entwécklungsziler vun der UNO, den „sustainable development goals", eng wichteg Etapp fir en effikasse Klima- an Ëmweltschutz a fir d'Bekämpfung vun Honger an Aarmut weltwäit geholl. An eis zukünfteg Handelspolitik ass ee ganz wichtege Facteur, fir datt déi éiergäizeg Ziler, déi mer eis do ginn hunn, och erreecht ginn.

Haut, méi wéi zéng Joren nom Scheitere vun der Doha-Ronn an nodeems mer Jorzéngten dru geschafft hunn, fir ze dereguléieren an d'Taxen op de Grenzen ofzeschafen, ass de Welthandel bestëmmt méi fräi wéi jee virdrun. Mä de Welthandel dréit net, oder zumindest bei Wäitem net genuch zu enger gerechter an nohalteger globaler Entwécklung bäi, am Géigendeel: D'Käschte fir e blannen, ongebremste Wuesstum explodéieren a ginn ëmmer méi visibel a belaaschten all d'Länner.

D'Globaliséierung schaaft Aarbechtsplazen an zerstéiert Aarbechtsplazen. Mir hunn haut eng ganz grouss Fragmentéierung vu Produktiounsprozesser: Grousskonzerner probéieren, laanscht Ëmweltoplagen ze kommen, andeems se do produzéieren, wou dës Oplagen net esou streng sinn oder net agehale ginn.

Eng Ursaach, firwat datt ethesch usprochsvoll Produktiounsstandarde sech och an héichindustrialiséierte Länner nëmme lues duerchsetzen, ass de Fait, datt se bis zu engem gewësse Grad d'Exportchancë méi kleng maachen, wa se géint auslännesch Produiten a Konkurrenz stinn, déi esou Kritären net mussen erfëllen.

An deem Sënn hu mir mat Interessi am Februar 2017 de Vott vum Gesetz relative au devoir de vigilance des sociétés mères et des entreprises donneuses d'ordre an der Assemblée nationale vun eise franséische Kolleege suivéiert. Am Moment ënnerstëtzen eng zéng aner national Parlamenter déi Initiativ vun enger Carte verte vum Danielle Auroi. Hei gëtt d'EU-Kommissioun opgefuerdert, fir eng contraignant EU-Legislatioun par rapport zu der Vigilance vun de multinationale Konzerner ze schafen. Mir sollten och eng Kéier an eiser Kommissioun iwwert déi do Saach diskutéieren a wa méiglech dat och ënnerstëtzen.

Une voix.- Très bien!

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Mir sinn an deem Sënn och frou, datt mer deemnächst wäerten ee Gesetz stëmmen, dat d'Marchés publics bei eis nei regelt. Dobäi handelt et sech ëm d'Ëmsetzung vun zwou EU-Direktiven. D'Zil ass et, déi ëffentlech Ausschreiwungen un nohalteg a sozial Kritäre kënnen ze bannen an dernieft och der Qualitéit an der Innovatioun méi Gewiicht ze ginn.

D'Ausschreiwungen an d'Akafspolitik vun eise Ministèren, Verwaltungen a Gemenge mussen dës Kritäre respektéieren. An deem Kontext sinn d'Sensibiliséierung an d'Formatioun vun deene Responsabele souwéi eng verständlech Kategoriséierung a Bewäertung vu verschiddene Qualitéitslabele wichteg.

Mir hunn et haut mat internationale Konzerner ze dinn, mat globalen Akteuren, déi duerch hir Mobilitéit nëmme schwéier duerch nationalpolitesch Institutiounen ze kontrolléiere sinn. D'Verännerunge vun den Informations- a Kommunikatiounstechnologien hunn och fir eng immens Opwäertung vun de Banken- a Finanzmäert gesuergt a besonnesch d'Finanzdéngschtleeschtunge sinn duerch eenzel staatlech Regelungen net méi ze steieren an ze kontrolléieren.

Och am Handel gëllt duerfir fir eis: manner nationalen Egoismus a méi international européesch Zesummenaarbecht. A wann Trump a May eng Course um Steierdumping wëlle maachen, da musse mir se stoppen an net probéieren, se an där Course och nach ze iwwerhuelen.

Den Handel léisst vill Mënsche vum Wuelstand vun enger moderner Wirtschaft profitéieren, mä de Räichtum ass bei Wäitem net gerecht verdeelt. De Gruef tëschent deene räichsten 10% an deenen äermsten 10% vun de Leit gëtt ëmmer méi grouss.

Mir sinn der Meenung, datt mer Leitplanke fir e faire Welthandel brauchen. Sozial-, Konsumenten-, Gesondheets- an Ëmweltstandarden däerfen duerch Handelsaccorden net behënnert ginn, mä mussen duerch si gefërdert ginn. Si mussen op alle Fall d'Méiglechkeet oploossen, datt ee Land och ka Regelungen huelen am Interesse vun der Gesondheet vu sengen Awunner a vun der Ëmwelt.

Handelsaccorden däerfen net zu enger Privatiséierung vun ëffentleche Beräicher a vun ëffentlechen Déngschtleeschtunge féieren a Secteuren, déi scho privatiséiert goufen, mussen och erëm kënnen zréck un d'ëffentlech Hand gefouert ginn, wann dat am Interesse vum Land ass.

Handelsaccorden däerfen de schwaache Partner net zu Decisiounen zwéngen, déi him selwer schueden. Mir sinn der Iwwerzeegung, datt ee multilateraalt Geflecht vun Handelsverträg éischter zu engem fairen a gerechte Welthandel féiert ewéi eng Multitude vu groussregionalen oder nationalen Handelsaccorden. Mir brauchen also och an Zukunft eng OMC. Vläicht sollt déi nach anescht funktionéiere wéi am Moment, mä mir brauchen eng international Organisatioun. A mer wäerten och an Zukunft Investitiouns- an Handelsgeriichter brauchen. Déi sollen awer an ëffentlecher Hand sinn a si sollen eréischt dann zoustänneg sinn, wann all national an européesch Rechtsweeër bis hire Rôle erfëllt hunn, also no engem Subsidiaritéitsprinzip. Selbstverständlech däerfen Handelsverträg net hanner zouenen Dieren ausgehandelt an ofgeschloss ginn a selbstverständlech musse souwuel déi national Parlamenter wéi och d'EU-Parlament vun Ufank un an aller Transparenz abezu ginn.

Här Minister, ee Moment, ech sinn direkt.

(Interruption par M. Jean Asselborn)

Ah, et ass net wéinst mir! Merci. Ech sinn och um Schluss vu menger Riedezäit a vu mengen Ausféierungen.

Dat gëllt och scho fir d'Ausschaffe vun Handelsmandater a wärend dem ganzen Handelsprozess, an et ass scho vu menge Virriedner hei gesot ginn: Mir kënnen erëm eng Kéier um Beispill vun der JEFTA, den Handelsaccord tëschent der EU a Japan, weisen, datt et eis eescht ass, datt all Fräihandelsaccorden, déi an Zukunft gemaach ginn, Accords mixtes sinn an och méi Transparenz kréien, wéi mer dat an der Vergaangenheet gesinn hunn.

Merci.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Adam. Als nächste Riedner hunn ech ageschriwwen den Här Roy Reding. Här Reding, Dir hutt d'Wuert.

M. Roy Reding *(ADR).*- Merci, Madamm Presidentin. Ech stelle fest, datt mer hei a ganz grousse Linne mat ganz ville Saachen zimlech eestëmmeg d'accord sinn heibannen. D'Mënschheet benefisséiert vum fräien Handel. All Land profitéiert vum fräien Handel. A Lëtzebuerg brauch fräien Handel ganz besonnesch.

Ech konzentréiere mech a mengen Ausféierungen e bësse méi op d'WTO an hire Rôle an hir Zukunft. Leider hat déi Organisatioun an deene leschte Joren nëmmen e begrenzte Succès. An et si schonn Ursaachen dervu genannt ginn. Et gouf kee klore weltwäite Leadership méi, wat d'Liberaliséierung vum Welthandel ugeet. D'Welt ass wesentlech méi komplex gi wéi nach virun 20, 25 Joer. Et gëtt vill méi regional Leadere mat eegenen Interessen an eegenen Aflosssphären. Méi Länner si wichteg ginn, sinn um weltwäiten Handel bedeelegt a sinn diplomatesch aktiv.

Vill Länner op der Welt sinn och haut méi demokratesch an dowéinst och méi virsiichteg, wa se Decisiounen huelen. Dat huet ee gesinn un den TTIP- oder CETA-Diskussiounen an Europa, an den USA an a Kanada.

Wéi vum Virriedner gesot, gëtt et eng Proliferatioun vu regionalen Ofkommessen. An et gëtt och eng Tendenz zu engem gewëssene Protektionismus, och, mä net nëmmen, an den USA.

Trotzdeem denke mer als ADR, datt d'WTO kann immens nëtzlech sinn. Et ass en extrem wichtegen Dialog- a Verhandlungsforum, zum Beispill bei der progressiver Globaliséierung vun Handelsofkommessen, déi op regionalem Niveau getraff goufen, an och vun technesche Standarden. Och eng Globaliséierung vun engem neie Schema vun Arbitrage wéi am CETA-Accord wier eng wichteg Saach. Weider Ustrengungen, fir weltwäit Handelsaccorden, vläicht och nëmmen op sektoriellem Niveau ofzeschléissen, wiere wichteg.

De Kolleeg Bauler huet ganz zu Recht drop higewisen, datt d'Verbesserunge vun den Handelsflëss fir Staten, déi sech nach entwéckelen, wichteg sinn, an datt mer eng Evaluatioun brauche vun den Auswierkunge vu Fräihandelsofkommessen tëscht entwéckelte Länner op d'Entwécklungslänner.

Och bei der Ausschaffung vun Normverträg, fir e Gläichgewiicht ze schafen tëschent, op där enger Säit, ekonomescher Noutwendegkeet an, op där anerer Säit, regulatorescher Sécherheet, déi politesch néideg ass, schéngt eis wichteg. Et gouf op déi Aspekter hei higewisen.

Dem prinzipielle Jo zum fräien Handel steet natierlech entgéint, datt et Produkter gëtt, a mir wëssen dat, déi ënner Bedéngungen hiergestallt ginn, déi inakzeptabel sinn, sief et duerch Sklaverei, sief et duerch Kanneraarbecht, sief et duerch eng Ruinéierung vun der Ëmwelt. En plus maachen déi Bedéngungen déi Produiten dann och nach méi bëlleg a si konkurrenzéieren, ech nennen dat einfach elo emol, uerdentlech hiergestallte Produkter an eise Länner. Dat ass ganz bestëmmt eng Erausfuerderung, där d'WTO muss Rechnung droen, déi muss diskutéiert ginn an déi an de Fräihandelsofkommesse muss hiren Nidderschlag fannen.

E lescht Beispill ass d'Konkurrenz vu Klengbaueren. Ech huelen einfach emol de ganz normale Lëtzebuerger Bauer an d'Agroindustrie. Do gesäit een, datt eng präislech Konkurrenz net ze gewannen ass, wann et net Zollofgabe gëtt oder ebe Subventionéierungen.

An deem Sënn gesi mir allerdéngs eng grouss Zukunft fir d'WTO a mir hoffen, datt se an där doter Richtung weider verstäerkt wäert schaffen.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.-* Merci dem Här Reding. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Marc Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

M. Marc Baum *(déi Lénk).-* Merci, Madamm Presidentin. D'Diskussioun ëm d'Organisatioun vum sougenannten „fräien Handel" an och déi Institutioun, déi dat ganz laang Zäit staark representéiert huet, d'Welthandelsorganisatioun, sinn, mengen ech, ganz schéi Beispiller fir awer e Stéck Hypokrisie vun de westleche Länner par rapport zum Rescht vun der Welt.

Ech muss awer duerfir vläicht kuerz zréckgoen, e klengen historesche Recul maachen a virun allem emol versichen, vläicht déi ganz Fro aus der Perspektiv vun der südlecher Hemisphär ze kucken.

Wéi e puer Joer nom Mauerfall, also Mëtt der 90er Joren, d'OMC gegrënnt ginn ass, hate sech d'USA an Europa virgestallt, si kéinten och weiderhin déi international Handelsarchitektur no hire Virstellungen an no hirem Virdeel dominéieren, sou wéi se dat déi Jorzéngte virdrun am Kader vum GATT gemaach haten.

No dem Lancement vun der Doha-Ronn 2001 ass awer du relativ séier kloerginn, datt d'Entwécklungslänner a virun allem déi grouss Schwellelänner wéineg Loscht drop haten a sech net wollten iwwert den Dësch zéie loossen. An dee Moment, amplaz gedëlleg Kompromisser auszehandelen a Waasser an de Wäin ze schëdden, sinn d'USA an d'Europäer keen Zentimeter vun hire maximalistesche Positioune geréckelt, hunn der reschtlecher Welt d'Schold gi fir d'Blockad a sinn du selwer op d'Iwwerhuelspur gewiesselt.

Ab 2003 ass d'Zuel vun de bi- an de plurilaterale Fräihandelsofkommesse fërmlech explodéiert. Dës Entwécklung gouf ganz kloer vun de westlechen Industrienatiounen ageleet. An de Calcul dohannert war einfach a genial. Dat muss een em loossen. DFräihandelsofkommesse mat eenzelne Länner kann een an engem vill méi gënschtege Kräfteverhältnis aushandele wéi e multilateralen a schwéierfällegen Accord. A virun allem kann een dobäi ee Land géint dat anert ausspillen an Drock ausüben op Länner, fir eben där Accorden och unzehuelen.

Et verhält sech näämlech wéi an engem Dominospill, datt een no deem anere Steen lues, awer sécher ëmfält. Mat där aggressiver Strategie, fir en Netz vu Fräihandelsaccorden – 31, ass virdru gesot ginn - opzeriichten, sinn déi westlech Industrielänner amgaangen, dat ze erreechen, wat se bei enger éierlecher multilateraler Verhandlung mat der reschtlecher Welt wahrscheinlech op jidde Fall esou net kritt hätten, näämlech eng „Libéralisation poussée à outrance" no deenen eegene Konditiounen an déi quasi d'ganz Welt ëmfaasst. An dat, wéi ëmmer, op Käschte vun deene schwächste Länner.

An och elo soll no de Virstellunge vun der EU-Kommissioun, dat huet se an hirem Dokument „Trade for All", och nach eng Kéier geschriwwen, dës nei Welthandelsuerdnung och nach duerch d'OMC definitiv a Steen gemeesselt ginn.

Mä mir mengen, datt dat mat Sécherheet net d'Enn vun der Geschicht wäert sinn. Well och wann et d'State sinn, déi d'Fräihandelsaccorden ënnerschreiwen, esou sinn et awer net d'Länner, déi Wueren a Servicer exportéieren, mä an alleréischter Linn multinational Firmen, déi no der Logik vum gréisstméigleche Benefiss wirtschaften. An dës Firmen zéien ee beträchtlechen Deel vun hirem Profitt aus der Konkurrenz, déi weiderbestoe bleift tëschent de Steier-, Sozial-, Ëmweltsystemer vun deenen eenzelne Länner. A virun allem setze se d'Aarbechter an deenen ënnerschiddleche Länner mateneen a Konkurrenz.

Madamm Presidentin, kee Mënsch ass géint Handel oder wëllt den Handel tëschent Mënsche verbidden. D'Mënschen hunn ëmmer Handel matenee bedriwwen. Dat war ëmmer esou an dat wäert och ëmmer esou bleiwen. Déi entscheedend Fro ass awer, wéi d'Regelen ausgesinn, wéi mer deen Handel organiséiere wëllen, d'Regelen, déi deem Handel zugronn leien.

Geneesou wéi eng vollstänneg Autarkie eng extrem Positioun ass, esou ass och den Ultraliberalismus eng extrem Positioun. De Welthandel kann an däerf net eenzeg an eleng dem Dogma vun der Profittmaximéierung ënnerworf bleiwen, mä muss no demokrateschen, sozialen, ëmweltpoliteschen Objektiver ausgeriicht ginn an am Déngscht vun der ganzer Mënschheet stoen.

Fir dës Kéier ze kréien, fir fortzekomme vun enger Handelsuerdnung, déi vu Multinationalen diktéiert gëtt, d'Ëmwelt zerstéiert a sozial Inegalitéite verschäerft, wéi mer et jo virdrun hei awer och héieren hunn, hin zu enger méi demokratescher a gerechter Handelsuerdnung, déi nohalteg ass, missten eigentlech zwou Saache geschéien:

Éischtens missten déi bilateral Handelsnegociatiounen, wéi se am Moment jo och nach mat ganz ville Länner gefouert ginn, direkt op Äis geluecht ginn.

An zweetens misst een d'OMC opléisen an den Dag drop ënner komplett verännerte Virzeechen am Kader vun der UNO nei grënnen.

Soulaang dëst net geschitt, ginn déi international Verwerfungen tëschent de Länner méi grouss an d'Krisen an d'Konflikter, déi doraus entstinn, méi virulent. Mir brauchen e grondsätzlecht Ëmdenken an der internationaler Handelspolitik a mir Europäer sinn doranner an der Bréngschold.

Merci.

M. David Wagner *(déi Lénk).-* Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.-* Merci, dem Här Baum. Mir hätten elo den Tour vun den Deputéiert gemaach. Merci fir Är interessant a konstruktiv Interventiounen zu dësem ganz wichtege Sujet, an ech hunn elo de Pleséier, fir den Här Ausseminister, den Här Asselborn, op d'Tribün ze biede fir seng Prise de position. Här Minister, Dir hutt d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.-* Merci, Madamm Presidentin. Ech wollt soen, dass den Här Mosar zu Recht deen Debat hei gefrot huet an dass ech och, mengen ech, an der Kommissioun bereetstinn, fir an d'Detailer ze goen, a firwat och net eng Kéier méi déif, wat elo de Marc Baum gemaach huet.

Bon, ech mengen net, dass een an der real existéierender Welt einfach e Fatalist muss sinn an akzeptéiere muss, dass d'Wirtschaft méi staark ass wéi d'Politik. Mir musse beweisen, dass de Contraire méiglech ass. An ech mengen, et gëtt och Usätz am internationalen Handel, dass een do ka Pione setzen, déi an déi richteg Richtung ginn.

Bon, de Fräihandel, Madamm Presidentin, gesinn ech net als e Selbstzweck. De fräien Handel ouni fair Regelen ass onméiglech an dat ass hei vun alle Riedner jo och ënnerstrach ginn. Ech wëll duerfir an dësem Zesummenhang vläicht fir d'Éischt un d'Präambel vum Marrakesch-Accord vun 1994 erënneren, déi seet, dass den Handel ee Mëttel ass, fir folgend Ziler ze erreechen - dat war 1994 -: «le relèvement des niveaux de vie, la réalisation du plein emploi et d'un niveau élevé et toujours croissant du revenu réel (…) conformément à l'objectif de développement durable, (…)» Dat war also 1994 zu Marrakesch.

Ech mengen, mir kéinten eis vläicht bal alleguerten doriwwer eens ginn, dass, wann ee kuckt, den internationalen Handel, deen no de Regele vun der WTO ofleeft, an de leschte Jorzéngten awer trotzdeem derzou bäigedroen huet, d'Liewensstandarde vu ville Leit heiheem an och weltwäit ze verbesseren, selbstverständlech awer net vun alle Leit. Dat heescht awer net, dass de Welthandel eleng kéint sämtlech Ongläichgewiichter vun der Globaliséierung ausgläichen.

Wann een zum Beispill weess, dass 1980 nach 25 Aarbechter gebraucht gi sinn, fir Wueren an engem Wäert vun enger Millioun ze produzéieren, esou sinn dat der haut nach just siwen. Also dat heite weist, dass mer als Politiker op den technesche Fortschrëtt - d'Digitaliséierung - Äntwerte mussen hunn, an duerfir ass et ëmsou méi wichteg, d'Globaliséierung iwwer eng progressiv europäesch Handelspolitik ze steieren. Et geet drëm, Aarbechtsplazen ze schafen a vollem Aklang mat eisen europäesche Standarden am Aarbechtsrecht, am Sozialrecht an am Ëmweltrecht zum Beispill.

Et muss ee beispillsweis och wëssen, dass déi europäesch Exporter 44% vum PIB vun der EU ausmaachen, wärend dat a China nëmmen 22% sinn an an Amerika grad emol 13%. Et ass also e risegen Ënnerscheed, wat den Impakt vun den Exporter ugeet, wat Europa betrëfft par rapport zur Welt.

D'EU ass awer selbstverständlech och op Handelspartner ugewisen, well hiert wirtschaftspolitescht Gewiicht an deenen nächste Joren tendenziell erofgoe wäert, an dat net nëmme wéinst dem Brexit, mä natierlech och wéinst dem Brexit. Wann d'Europäesch Unioun also déi multilateral Handelsuerdnung wëllt stäipen a matbestëmmen, da geet dat just mat Partnerlänner, déi äänlech Usiichten hunn a virun allem déi nämlecht Wäerter mat eis och wëllen deelen. Déi ëmfaassend bilateral Accorde sinn zu 100% kompatibel mat de Regele vun der WTO an dat ass wichteg. Dat ass och hei gesot ginn. Dëst sinn d'Bausteng, déi d'Welthandelsuerdnung grad op deene Punkten ergänzen, wou et nach net méiglech war, dass d'WTO-Membere sech eens gi sinn.

An an deem Sënn ass d'Äntwert op d'Fro, déi och hei jo indirekt gestallt ginn ass: „Bilateral oder multilateral Accorden?" net entweder oder, mä et ass menger Meenung no, Madamm Presidentin, dat eent an dat anert.

E Beispill duerfir ass, ech soen dat ganz kuerz, den Investitiounsschutz. Hei huet d'Europäesch Unioun jo eng kloer Virreiderroll iwwerholl. Fir d'Éischt beim CETA an, ech mengen, an allen aneren Accorden, déi elo kommen, gëtt dee privatrechtleche Mechanismus duerch eng nei, ëffentlech Investitiounsgeriichtsuerdnung mat staatlech genannte Riichteren ersat. An enger zweeter Etapp soll dës Geriichtsuerdnung och zesumme mat aneren interesséierte Länner an ee multilateralen Investitiounsgeriichtshaff weiderentwéckelt ginn. Mat der EU gëtt et kee Wee - ech mengen och mam Europaparlament net - zréck bei déi privat Geriichter, bei den ISDS. Dat ass ee Beispill, wéi Europa awer trotzdeem an der Handelspolitik konnt nei Akzenter setzen.

D'Zäite vun de groussen, ëmfaassende Verhandlungsrollen tëschent 164 souveräne Memberen an der WTO sinn eriwwer, dat muss een esou gesinn. Trotzdeem bleift d'WTO eng wichteg Institutioun, wou an de leschte Jore secteurspezifesch Initiativen an och Accorde mat Erfolleg verhandelt goufen. An zum aneren ass do dat sougenannte Sträitschlichtungsorgan tëschent Länner vun der WTO - dat huet näischt mat Investisseuren ze dinn -, dat ass d'Geriichtsinstanz vun der WTO fir Sträitfäll tëschent de Memberstaten, eppes, wat an dëser Form eenzegaarteg ass a mëttlerweil och d'Häerzstéck vun engem multilateralen Handelssystem duerstellt.

Déi europäesch Handelspolitik baut op eng multilateral Handelsuerdnung an do gëllt net d'Recht vum Stäerksten, mä d'Zil ass d'Stäerkung vum internationale Recht. D'EU ass an hirer Handelspolitik däitlech besser opgestallt wéi nach viru Joren. Et ass villes geschitt, wat an déi richteg Richtung geet. Zum Beispill: D'Reform vun den europäeschen Antidumpingsinstrumenter ass um Wee a kéint deemnächst och ofgeschloss ginn. A mat dëser neier Methodik gi mer direkt géint déi onfair Handelspraktike vir - déi sinn och hei vun alle Kolleege genannt ginn -, ouni awer ee WTO-Member par rapport zu deem aneren ze diskriminéieren. Dat kënne mer net. Als Member vun der WTO ass dat net erlaabt.

Mir kënnen eventuell nach dëst Joer weider wichteg Accorde finaliséieren. Iwwer Japan schwätze mer an der Kommissioun an och hei am Plenum héchstwahrscheinlech nach dëst Joer. Mexiko, Chile ginn op dee leschte Stand bruecht. Australien, Neiséiland si Länner, weider Partner, déi wëlle mat der Europäescher Unioun verhandelen. China, Här Mosar, Dir hutt et gesot, selbstverständlech och.

Wat Amerika ugeet, ganz kuerz: Wie sech wéi mir alleguerte mat de Froe ronderëm d'Handelspolitik beschäftegt, dee ka feststellen, dass d'Handelsstrategie vun der amerikanescher Regierung an dësem Moment zimlech onkohärent ass. Et ass net einfach, vun enger Strategie ze schwätzen. Ech wëll hei net op d'Moossnamen, déi nach net geholl gi sinn, agoen, mä déi Initiativen, déi ugekënnegt sinn, féieren zu Ofschottung - dat ass evident -, zum Verstäerken a Verteidege vu Grenzen a schliisslech am schlëmmste Fall, an dat ka kommen, zur Eskalatioun a Form vun engem Handelskrich.

D'USA sinn och de Lëtzebuerger hire wichtegsten Handelspartner ausserhalb vun der Europäescher Unioun, dat däerfe mer net vergiessen. Déi aktuell amerikanesch Administratioun huet eng ganz kritesch Positioun zur WTO. Si distanzéiert sech souwuel am Kader vum G20, vum G7 an och um Niveau vun der OCDE vun den neie multilaterale Verflichtungen, also eppes, wat nom Zweete Weltkrich ni esou de Fall war. Dir kennt dat berüümt Wuert „America first", mä dat ass en „America alone"-Programm ginn, an d'EU muss, mir musse bereet sinn, falls de President Trump laang President bleift an déi aktuell Rhetorik och konkret ëmgesat gëtt, dass mer eis dergéint wiere kënnen.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

A mir sinn och, mengen ech, do dergéint opgestallt. Op jidde Fall besteet de Wëllen, fir sech do net alles bidden ze loossen.

Den amerikanesche President deelt a mengen Ae seng Welt a Gewënner an a Verléierer op, an Handel heescht, dass deen een op Käschte vun deem anere verléiert. Dat ass eigentlech seng Philosophie, dat ass Merkantilismus. Dat ass, wéi hien d'Welt gesäit. An et muss een do vläicht de Jean Jaurès zitéieren: «À qui profite le protectionnisme?»

Ech wëll vläicht, fir ofzeschléissen, och nach ee Beispill ginn, wéi komplex dass awer d'Produktiounswierker a -ketten am bilateralen Handel sinn. Zum Beispill dee modernste Fliger, deen et elo gëtt, de 787 vu Boeing, dee gëtt gebaut a China, a Südkorea, an Australien, a Japan, a Kanada, an England, a Schweden, an Italien, a Frankräich, an Amerika an zu lechternach. Och do gi Stécker fir dee Fliger hiergestallt. An da muss ee sech virstelle mat där Positioun, déi den Här Trump do huet, wat dat heescht, wann nëmme méi amerikanesch géif produzéiert ginn: Da kéinten déi Fligeren hei iwwerhaapt net méi gebaut ginn, well vun engem Dag op deen aneren ass dat guer net ëmzestellen.

E Wuert nach zu der Geschicht vu Singapur. Ech mengen, do ass alles gesot ginn. Den Investitiounsschutz ass d'Kompetenz vun den nationale Parlamenter. All dat anert, dat musse mer awer och gesinn, ass eben d'Kompetenz vun der Europäescher Unioun. Och, an dat ass wichteg, mengen ech, fir eis alleguerten heibannen: Déi nohalteg Entwécklung ass integrale Bestanddeel vun eiser gemeinsamer Äusso, vun eiser gemeinsamer Handelspolitik. Dat musse mer wëssen.

Ech wëll vläicht nach eppes soen, well meng Zäit ass, mengen ech, fort.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Neen, neen!

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.-* Ah, ech hunn nach e wéineg Zäit!

Bon, da wëll ech Iech soen - Här President, entschëllegt -, dass mer an der Europäescher Unioun bei deene Länner si mat der Belsch, mat Holland, mat Schweden, mat Finnland, mat Dänemark, déi e Bréif un d'Kommissärin geschriwwen hunn, dass de Schutz vun eise Sozial- an Aarbechtsrechter an der Handelspolitik an allen Accorden, déi kommen, musse verstäerkt ginn.

An ech kann Iech och soen, ouni nach konkret ze ginn, dass mer zu e puer och probéieren, ee Sanktiounsmechanismus anzebaue fir Länner, déi ebe géint déi Standarden do verstoussen. Dat wier och eemoleg. Dat ass jo och kritiséiert gi beim CETA zum Beispill, dass mer keng Sanktiounsmechanismen hunn. Do ass eng Diskussioun ugelaf a Lëtzebuerg bedeelegt sech dorunner.

Fir ofzeschléissen nach, den digitalen Handel, Här President, an d'digital Plattforme sinn an dëser moderner Welt net méi ewechzedenken. Heiansdo vergësst een, dass Facebook 1,9 Milliarde Benotzer huet. Dat si méi Benotzer, wéi China Awunner huet. An den digitalen Handel ass ee Beräich, an deem d'EU sech menger Meenung no méi staark engagéiere misst. Wuel wëssend, dass eis europäesch Standarden a Saachen Dateschutz selbstverständlech net zur Verhandlung stinn.

Schliisslech, ee lescht Wuert, wat menger Meenung no wichteg ass, dat ass och hei ugeklongen, ech mengen, et war den Här Mosar oder den Här Angel, déi gesot hunn, dass een op Transparenz setze muss. Ech verstinn éierlech gesot ganz schlecht, dass d'Mandat mat Japan nach ëmmer vu verschiddene Länner blockéiert gëtt. Zesumme mat de Benelux-Länner, mat Däitschland, mat Frankräich an och nach mat anere Länner, ech menge muer, ënnerschreiwen ech de Bréif, wou mer kloer soen, dass mer wëllen, dass dat Mandat publizéiert gëtt. Dat bréngt näischt, wann dat net publizéiert ass. A mer hu beim CETA gesinn, zu wat dass dat ka féieren. Ech mengen, do huet d'Opinion publique d'Recht, fir anzegesinn, wéi verhandelt gëtt, opgrond vu wat fir engem Mandat dass verhandelt gëtt.

An ech menge souguer, dass an Zukunft och an deem ganze Verhandlungsprozess vun engem EU-Handelsaccord, vum Ofschloss vum Mandat bis zum Schluss, sämtlech Interessevertrieder och musse kënnen informéiert sinn iwwert dat, wat leeft. Dat heescht selbstverständlech net, dass d'Verhandlungen op der Place publique kënne gefouert ginn, well do féiert ee jo keng Verhandlungen an deem Sënn, dass een dann och muss Accorden erbäiféieren an och vläicht Dealen da maachen.

Merci villmools.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci och dem Här Ausseminister. A mir wären domat um Enn vun eiser Aktualitéitsstonn ukomm a mir ginn zum nächste Projet vun eisem Ordre du jour iwwer: de Projet de loi 7107, en Ofkommes mam Cap-Vert iwwert de Migra-

tiounsflux. An de Rapporteur, den honorabelen Här Marc Angel, ass scho prett.

7. 7107 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre l'État du Grand-Duché de Luxembourg et la République du Cabo Verde relatif à la gestion concertée du flux migratoire et au développement solidaire, fait à Luxembourg, le 13 octobre 2015

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

M. Marc Angel *(LSAP), rapporteur.*- Jo, Här President, Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, bei dësem Projet de loi geet et drëms, wéi gesot, en Accord tëschent Lëtzebuerg an dem Cap-Vert unzehuelen, deen am Oktober 2015 ënnerschriwwe gi war.

Dir wësst, dass déi bilateral Relatiounen tëschent dem Cap-Vert an onsem Land ganz enk sinn an dass de Cap-Vert och e laangjäregen a ganz fiabele Partner vun der Lëtzebuerger Kooperatiounspolitik ass.

Am Oktober d'lescht Joer hate mer och de Premierminister vum Cap-Vert hei bei eis an der Kommissioun, wou mer och e ganz interessanten Austausch haten a mir hunn do net nëmmen iwwert déi ekonomesch Entwécklung vum Cap-Vert geschwat an hir Erwaardungen un den Handel mat Europa, mä och iwwert d'Situatioun vun der capverdianescher Communautéit hei zu Lëtzebuerg, déi iwwregens ganz gutt ass.

Ëm wat geet et also genau bei dësem Accord, iwwert dee mer haut ofstëmmen? Dësen Accord ass op Demande vum Cap-Vert hin ausgehandelt ginn an e soll déi legal Migratioun tëschent eisen zwee Länner vereinfachen. Dofir ginn, jee no Fall, Visaen ausgestallt, déi tëschent engem a fënnef Joer gülteg sinn. Am Géigenzuch enthält den Accord och Bestëmmungen, fir déi illegal Immigratioun ze bekämpfen an d'Readmissioun ze vereinfachen an dëst am Respekt vun der Dignitéit an de fundamentale Rechter vun dëse Persounen, déi sech irregulär am Land géifen ophalen.

Dir erkennt un der Logik vun dësem Accord: „legal Migratioun vereinfachen an illegal Migratioun bekämpfen", dass mer hei an der Kontinuitéit vun der europäescher Migratiounspolitik sinn.

An effektiv kann een dësen Accord och net lassgeléist vun der europäescher Politik betruechten. Erlaabt mer dofir, kuerz op déi europäesch Accorden, déi d'Relatioune mam Cap-Vert encadréieren, anzegoen. D'Relatiounen tëschent dem Cap-Vert an der Europäescher Unioun baséieren haut virun allem op dem Accord de Cotonou aus dem Joer 2000, deen, wéi Der wësst, mat allen AKP-Länner ofgeschloss gouf. D'Haaptzil vun dësem Accord de Cotonou ass a bleift d'Bekämpfung vun der Aarmut an den AKP-Staten duerch eng progressiv ekonomesch Integratioun vun dëse Staten. Dobäi soll d'nohalteg Entwécklung vun dëse Staten am Vierdergrond stoen.

D'Relatioune mam Cap-Vert ginn awer duerch zwee weider Accorden um europäeschen Niveau completéiert: Den „Partenariat spécial entre l'Union européenne et le Cabo Verde" vun 2007 an den „Partenariat pour la mobilité" vun 2008. An dës Partenariater goufen op Wonsch vum Cap-Vert hin ausgehandelt.

De Cap-Vert wollt iwwert déi bestoend Relatioune kënnen erausgoen an nach méi enk mat der EU zesummeschaffen, sief dat, wéi gesot, um ekonomeschen oder um politesche Plang.

Am Kontext vun eisem Projet de loi haut ass et virun allem de Partenariat pour la mobilité, deen ons interesséiert. D'gemeinsamt Zil vun der EU-afrikanescher Migratiounspolitik gouf säit der Konferenz tëschent der Europäescher Unioun an den afrikanesche Staten zu Tripolis am Joer 2006 ëmmer nees genannt. Déi gemeinsam Migratiounspolitik gesäit vir, dass déi irregulär Migratioun muss bekämpft ginn an dass d'EU sech dofir engagéiert, legal Méiglechkeete fir an d'EU eran ze schafen.

Dëst gouf och um véierten EU-Afrika-Sommet zu Bréissel am Joer 2014 nach eng Kéier bestätegt. An dofir goufen am Kader vun dësem Partenariat pour la mobilité mam Cap-Vert och zwou Saache festgehalen: Éischtens, dass d'Prozeduren, fir e Visa ze kréien, méi einfach sollte ginn. Dëst betrëfft d'Visae vu kuerzer Dauer, also vu maximal dräi Méint, an zwar souwuel fir d'Europäer am Cap-Vert wéi och fir d'Capverdianer an Europa.

Bei dësem Visa handelt et sech ëm de ganz normale Schengen-Visa, deen och fir de gesamte Schengen-Raum gëllt. Et gouf also keen neie Visa geschafen, mä just d'Prozedur, fir e Visa ze kréien, gouf vereinfacht.

Zweetens gouf awer och en Accord de réadmission geschloss. De Cap-Vert verflicht sech doranner derzou, seng eege Statsbierger zréckzehuelen, mä och Mënschen aus Drëttstaten, déi iwwert de Cap-Vert illegal an d'Europäesch Unioun agereest sinn. A mat dësem bilateralen Accord tëschent Lëtzebuerg an dem Cap-Vert, iwwert dee mer haut ofstëmmen, ginn dës europäesch Bestëmmungen also elo ëmgesat.

Den Accord enthält doriwwer eraus och Bestëmmungen, déi geziilt d'Entwécklung vum Cap-Vert sollen ënnerstëtzen, andeems hir Leit och hei bei ons zu Lëtzebuerg kënne formëiert ginn. Esou sollen zum Beispill d'Studente vum Cap-Vert direkt no hirem Studium op der Uni Lëtzebuerg och kënnen heibleiwen, fir éischt Aarbechtserfahrungen ze sammelen. Dës Bestëmmungen hu mer iwwregens am Kader vu rezenten Ännerungen am Immigratiounsgesetz och schonn agefouert.

Ausserdeem gëtt en Austauschprogramm geschafen, wou all Joer eng bestëmmten Unzuel jonk Leit aus béide Länner fir bis zu 18 Méint kënnen an dat anert Land schaffe goen. Dëst sinn elo nëmmen zwee Beispiller. Den Detail vun alleguerten de Mesurë vun deem ganzen Accord fannt Der a mengem schréftleche Rapport erëm.

Dës Migrante ginn awer och aktiv derbäi ënnerstëtzt, duerno an hirem Land Fouss ze faassen an esou un der ekonomescher Entwécklung nees deelzehuelen a matzeschaffen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech kommen nach séier zum formalen Deel: De Projet gouf de 17. Januar 2017 hei deposéiert. De Statsrotavis koum den 9. Mee dëst Joer a mir hunn an der Sëtzung vum 12. Juni en long et en large iwwert de Projet diskutéiert, och mat de Beamtinnen a Beamte vum Ministère de l'Immigration, a mäi schréftleche Rapport gouf dunn den 19. Juni an der Kommissioun vun alle Fraktiounen ugeholl.

Här President, ech ginn dervun aus, dass mer haut e gudden Accord wäerten unhuelen. Et ass en Accord, deen de Bierger vu béide Staten eppes brëngt. Si kënne méi einfach tëschent béide State reesen. Si kënnen un Austauschprogrammer deelhuelen an am jeeweilegen anere Land schaffen an do ganz wäertvoll Erfahrunge fir hiert Liewe sammelen.

Domat soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren a ginn natierlech och den Accord vun der LSAP-Fraktioun fir dëse Projet de loi. Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Angel. An éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Mosar.

Discussion générale

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Jo, Merci, Här President. Merci dem Rapporteur Marc Angel, deen, wéi mir dat vun him gewinnt sinn, op eng, wéi ëmmer, ganz kompetent, komplett an detailléiert Manéier dee ganze Projet examinéiert huet, soudatt ech ganz, ganz kuerz ka sinn, andeem ech awer nach eng Kéier op déi Wichtegkeet vun deem Accord hiweisen: En Accord mam Cap-Vert, engem Land, mat deem mer, an ech mengen, dat huet de Rapporteur scho gesot, exzellent Bezéiungen hunn, d'ailleurs och parlamentarescher, soudatt ech doriwwer ganz frou sinn.

Ech sinn awer och nach aus engem anere Grond doriwwer frou: Mir schwätzen oft vu Simplification administrative. Ech mengen, hei ass e ganz konkrete Projet, wou et zu enger Simplification administrative fir trotzdeem ganz vill Leit kënnt. An duerfir begréisse mir dee Projet an ech ginn och dozou den Accord vu menger Fraktioun.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Mosar. Dann ass et un dem Här Graas.

M. Gusty Graas *(DP).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, eleng d'Tatsaach, datt mer hei zu Lëtzebuerg eng grouss capverdianesch Communautéit hunn, beweist jo och déi gutt Relatioun, déi mer mat deem Land do fleegen. Ech wëll och drop hiweisen, datt de Kooperatiounsminister Schneider elo ganz kierzlech de véierte PIC mat deem Land ënnerschriwwen huet, wou mer eis engagéieren, bis d'Joer 2020 erëm eng ronn 46 Milliounen (veuillez lire: Euro) un Entwécklungshëllef ze leeschten. Dat um Niveau vun der Energie solaire, op där anerer Säit awer och um Niveau vun enger ronn 100 Schoulen, wou mer eis fir sanitär Equipementer wäerten engagéieren.

Op där anerer Säit ass scho richtegerweis hei bemierkt ginn, datt natierlech deen Accord hei awer och derzou bäidréit, datt de Cap-Vert am Fong eng besser Entwécklung ka kréien, andeems virun allem déi Studenten, déi elo hei en Ofschloss gemaach hunn, och nach kënnen zwee Joer hei bleiwen: datt se zwee Joer Stage maache kënnen, datt se zwee Joer éischt Erfahrungen am Beruffsliewe maache kënnen. Ech géif soen, datt mer domadder eng wichteg Moossnam treffen, well si kënne mat där Erfahrung dann och an hirem Land derzou bäidroen, datt d'Ekonomie do ouni Zweifel verbessert gëtt.

Vläicht nach eng lescht Remarque: Wat ech och ganz gutt an deem Accord hei fannen, dat ass, datt mer virun allem deene Jonken d'Méiglechkeet ginn, Austauscher ze maachen, well et ass virun allem iwwert déi Jonk, wou ee kann Toleranz a Verständnis fir aner Kulture promouvéieren. An an deem Sënn kënne mir als DP deen Accord hei nëmme guttheeschen.

Ech wëll awer och ofschléissend dem Marc Angel nach eng Kéier Merci soe fir seng jeeweileg Rapporten. Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Graas. Als Nächsten huet den Här Adam d'Wuert.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Här President, vläicht och ënnert dem Androck vun eisem zweete Punkt vum Ordre du jour vun haut, wou mer eis an enger Aktualitéitsstonn mam Welthandel auserneegesat hunn, wollt ech nach e bëssen op d'Käraspekter vun dësem Projet de loi agoen.

Am Exposé des motifs steet, datt dësen Accord am Kader vun engem Accord de partenariat vu Cotonou aus dem Joer 2000 tëschent der EU an den AKP-State steet. Den Accord vu Cotonou hat bestëmmt net gehalen, wat e versprach hat. Zum Beispill ass d'Zil vum Accord eng Reduzéierung vun der Aarmut bis hin zu der Ausrottung vun der Aarmut duerch eng schrëttweis Aféierung vun den AKP-Staten an d'Spillregele vun der Weltwirtschaft.

Zu den AKP-Staten zielen haut 79 Länner aus Afrika, der Karibik an dem Pazifik. Dozou gehéieren niewent dem Cap-Vert och nach zum Beispill de Mali, Burkina Faso, Haiti. Den Accord vu Cotonou huet ausdrécklech d'Ziler vun enger nohalteger Entwécklungspolitik mat an d'Handelsaccorden afléisse gelooss, zumindest um Pabeier.

Ech mengen net, datt mer mat iergendengem aneren AKP-Stat ee vergläichbart Ofkommes hu wéi dat, wat mer haut mam Cap-Vert ratifizéieren. Wann ech mech iren, da kann och gären ee mech do korrigéieren. Et ass och net vun ongefëier, datt mer ebe grad esou eng Relatioun mam Cap-Vert hunn, an et ass och interessant, wann ee Lëtzebuerg an de Cap-Vert e bëssen niewentenee stellt: Mir hunn zu Lëtzebuerg mëttlerweil méi Awunner wéi de Cap-Vert, well eise Wuesstum méi héich ass: 2,5% - virun allem duerch d'Migratioun -, an de Cap-Vert wiisst all Joers ëm 1,2%, virun allem, well hir eege Populatioun méi séier wiisst, well si méi Kanner kréie wéi mir.

Am beandrockendsten ass awer den Ënnerscheed vum PIB pro Awunner. Deen ass bei eis ronn 34-mol méi héich wéi deen am Cap-Vert. Dat erlaabt eis et dann och, eng Kooperatiounspartnerschaft mam Cap-Vert anzegoen. De Marc Angel huet och schonn dervu geschwat: Mir si mëttlerweil beim véierte Programme indicatif de coopération. Dem Cap-Vert seng Entwécklung kann een duerchaus als positiv gesinn: D'Land erweist sech als stabill a kann och eng Rei wirtschaftlech Fortschrëtter opweisen, och wann et nach ëmmer zu deenen aarme Länner zielt.

De Projet de loi vun haut ass kee Projet aus der Kooperatioun, mä direkt aus dem Ausseministère an awer ware mer dës Erklärunge wichteg, déi ech elo grad hei ginn hunn. Den Accord betount, datt e sech op Géigesäitegkeet berifft. All Mesure gëllt souwuel fir déi eng wéi fir déi aner. Ech weess net, wivill Lëtzebuerger um Cap-Vert wunnen oder wëlle schaffe goen. Ech ginn awer dervun aus, datt plus minus 7.000 Leit aus dem Cap-Vert zu Lëtzebuerg wunnen an datt Lëtzebuerg och nach ëmmer een interessanten Aarbechtsmarché fir dat Land ass.

Mir begréissen de Projet de loi 7107, well en eng Rei Saache méi einfach mécht: D'Zirkulatioun vun de Mënschen, awer och net vun alle Mënschen, mä vun de Fonctionnairen, de Geschäftsleit an den Universitären, wéi och de Kadere vun ONGen.

An den Här Rapporteur, deem ech Merci soe fir säin ausféierleche mëndlechen a schréftleche Rapport, huet och gesot: „D'Konterpartie ass, datt mer mat dësem Rapport déi illegal Migratioun wëlle bekämpfen." D'Facilitéite fir Studenten hu mer jo schonn, déi hu mer och rezent allgemeng vereinfacht. Dat gëllt also net just nëmme méi fir d'Studente vum Cap-Vert. A besonnesch gefält eis och d'Méiglechkeet vum Austausch vu jonke Leit, déi schaffe ginn oder sech berufflech wëlle weiderbilden. Hei géife mir eis wierklech wënschen, datt den Austausch och wierklech an déi zwou Richtunge géif goen, dat wier zum Avantage vun alle Jonken aus deenen zwee Länner.

Domat bréngen ech den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Adam. Als Nächsten hunn ech den Här Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Jo, Villmools Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och e grousse Merci un den Här Angel, dat war wéi ëmmer e ganz komplette schréftlechen a mëndleche Rapport.

Beim Accord, dee mer haut hei diskutéieren, wëll ech elo net laang iwwert d'allgemeng Relatioune mam Cap-Vert schwätzen, ech mengen, meng Virriedner hunn dat gemaach. Mir freeën eis iwwer eng Communautéit, déi mer hei hunn. Mir wëssen, datt et och e wichtege Partner an der Kooperatioun ass. Ech mengen, alles dat ass gesot. Dofir erlaabt mer, vläicht e puer Wuert iwwert den Accord ze soen, dee mer haut hei sollen diskutéieren an iwwert dee mer ofstëmmen.

Et ass en Accord, wann een e genau liest, wou awer eng ganz Rei Froen opbleiwen. A vläicht kréie mer d'Äntwerte vun der Regierung op eng Rei Froen, déi ee sech ka stellen, well a priori géif ech soen, datt mir eis enthalen, well awer eng Rei Onsécherheeten hei dra sinn.

Ech ginn lech just e puer Beispiller: Deen Accord bei de jeunes Professionnels betrëfft nëmmen déi Postes non déclarés vacants. An da stellt sech natierlech d'Fro, ob mer hei net liicht an eng Kontradiktioun erakomme mat enger anerer vertraglecher Obligatioun aus dem europäesche Bannemaart, näämlech der Préférence communautaire. Dat heescht, hei stellt sech also eng Fro tëschent der Kompatibilitéit vu vertraglechen Normen, déi mer agaange sinn.

Dat Zweet ass: Op zwou Plazen hu mer zwar als Parlament elo e Matsproocherecht, mä d'Regierung huet herno duerch en einfachen Échange de lettre d'Méiglechkeet, den Accord punktuell ze amendéieren. Dat gëllt souwuel fir déi Zuel vu Leit, déi bei de jeunes Professionnels betraff sinn, hei steet elo zéng pro Joer, mä d'Regierung kann dat zu egal wéi engem Zäitpunkt spéider änneren. Et gëllt och fir d'Lëscht vun de Beruffer bei den Travailleurs salariés, déi betraff sinn. Op deenen zwee Punkten hu mer also eigentlech kee Matsproocherecht als Parlament.

Da geet och vun der Integratioun rieds vun deene Leit, déi solle kommen, dat begréisse mer. Déi ass allerdéngs néierens präziséiert. Et ass näischt vun de Sprooche gesot, obschonn elo zum Beispill, wat fir eis eng wichteg Fro ass, déi professionell Capverdianer, déi wëllen heihinner kommen, och am Beräich vun der Justiz kënne schaffen, och am Beräich vum Gesondheetswiesen. An et sinn awer hei keng Sproochekonditiounen oder keng Exigenze virgesinn. Dat ass ze bedaueren, well Integratioun mécht sech an eisen Aen haaptsächlech och iwwert d'Sprooch.

Wat d'Readmissioun ugeet, do ass net gesot - well dat hei ass elo e Spezialgesetz, an deem Sënn kann ee kucken, wéi verhält et sech mat eisen allgemenge Regelen -, wéi eng Konsequenzen dat huet, wann e Capverdianer opgrond vun dëse gesetzlechen Dispositiounen a säi Land zréckbruecht gëtt. An et stinn Evidenzen am Gesetz, déi net missten drastoen, well se selbstverständlech sinn. Zum Beispill, datt eng Réckféierung am Respekt vun der Dignitéit vun de Leit gemaach gëtt.

Kann dann een heibanne sech virstellen, datt mir hei am Land géifen eng Réckféierung maachen, ouni op d'Dignitéit vun deene Betraffene Rücksicht ze huelen? Mir kënnen dat op jidde Fall net. Datt mer esou eppes an e Gesetz eraschreiwen, ass en Aveu fir eppes, wat mer net néideg hunn, well et esou eppes bei eis net gëtt.

Den Développement solidaire ass och eng Fro: Et gëtt gesot, mir solle finanziell Instrumenter promouvéieren, wéi Fongen an de Cap-Vert ze transferéieren. Dat ass eng Fuerderung, déi mir als ADR prinzipiell scho viru Joren erhuewen hunn, well dat och eng wichteg Moossnam am Kader vum Developpement allgemeng ka sinn. Et steet awer elo net dran, u wéi eng Instrumenter geduecht gëtt. Ob dat och fir aner Länner soll gëllen? Wéi eng Moyenen dat kéinte sinn? Also, et ass eng Intention de principe, déi mer begréissen, awer och do ass se net ausgefouert.

Dat sinn eng Rei oppe Froen, déi eng vertraglech Obligatioun hunn, déi Lëtzebuerg ka beréieren, d'Rechter vum Parlament, alles dat ass net ganz kloer. Och déi zäitlech Limitatioune bei den Travailleurs salariés sinn och net evident. An do muss ee soen, datt de Vertrag an eisen Aen op jidde Fall net präzis genuch ausgehandelt ginn ass. Déi Limitatiounen op zwielef Méint oder op fënnef Joer, déi ugekënnegt gi sinn, déi den Här Angel och zu Recht ervirgehuewen huet, bezéie sech haaptsächlech an der Lektür vum Vertrag op déi dräi éischt Paragrafen. De Lien vum Artikel 6 mat deene Referenzen ass net kloer hierzestellen. Dat ass vläicht d'politesch Intentioun gewiescht, well dat ass jo och hei widderholl ginn an et ass och an der Präambel dann esou duergestallt ginn, mä de Vertragstext gëtt et net hier. An dat sinn Onkloerheeten, déi an dësem Vertrag sinn. Dofir begréisse mer d'Intentioun en général, awer et ass e Vertrag, dee vill Froe stellt a vill Froen opléisst op juristeschem Plang. An dofir wäerte mer eis enthalen.

Ech soen Iech Merci.

M. Roy Reding *(ADR).*- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Kartheiser. Da wär et um Här Wagner.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Merci, Här President, ganz kuerz. Jo, mir wäerten och eisen Accord zu dësem Projet de loi ginn. Et kéint een à la limite vläicht e bësse bedaueren, datt sech deen Echange haaptsächlech op d'Kadere reduzéiert, datt een dat méi oppen hätt kënne maachen. Mä trotzdeem gi mer awer an eng richteg Richtung. Dofir wäerte mer och dee Projet de loi matstëmmen.

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Wagner. Da wär et um Här Erzéiungsminister, stellvertriedend fir den Här Ausseminister. Här Meisch, Dir hutt d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.*- Jo, Merci, Här President. D'Regierung freet sech iwwert déi breet Zoustëmmung hei am Haus zu dësem Gesetzesprojet, och wa se dann net maximal breet ass. Ech denken awer, datt déi Froen, déi opgeworf goufen, domadder ze beäntwerte sinn, datt mer hei natierlech eppes ausgehandelt hunn an een dann natierlech och vun zwou Säite muss kucken, datt een do eens gëtt.

Mir hunn och hei eppes innerhalb vun engem Kader ausgehandelt, dee souwuel mat der EU wéi och mat anere Länner geschafe gouf, soudatt ech déi Fro vun der Inkompatibilitéit vun eenzelne Begréffer do eigentlech net ka ganz novollzéien. Well mer eis grad och hei mat der Europäescher Unioun op deen dote Wee gemaach hunn, denken ech, datt déi Gefor do net besteet, datt mer eis op aner Begréfflechkeete géife baséieren.

Dem Haus hei e grousse Merci fir déi Aarbecht, déi Der geleescht hutt, fir datt mer dëst Gesetz am Interessi vun de Relatioune vum Cap-Vert mat Lëtzebuerg kënnen ëmsetzen. Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och der Regierung. Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7107.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7107 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt elo direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer. 57-mol Jo, 3 Abstentiounen. Domat ass de Projet 7107 mat grousser Majoritéit ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par Mme Nancy Arendt), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Marcel Oberweis), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par M. Roger Negri), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Eugène Berger), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vott ze froen? Jo?

(Assentiment)

Gutt. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir géifen zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen, dem Projet de loi 6883, enger Ofännerung vun eisem Code du travail. An d'Wuert huet de Rapporteur, den Här Claude Lamberty, dee scho prett ass.

8. 6883 - Projet de loi portant modification du Code du travail

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

M. Claude Lamberty *(DP), rapporteur.*- Merci, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, scho fir d'Lissabonner Agenda aus dem Joer 2000, wat aus der EU den dynameschste Wirtschaftsraum vun der Welt ze maachen als Zil ausgëtt, zielt d'Formation professionnelle continue zu engem vun de wichtegsten Elementer am Beruffsliewen.

Dat kënnt net vun ongeféier: Eng Grondformatioun ass wuel d'Fundament an den Zougang zur Beruffswelt. D'Zil vun der Formation professionnelle continue ass et, d'Salariéen, ob jonk oder al, besser a permanent op en Aarbechtsmarché ze preparéieren a se an deem Marché ze halen; en Aarbechtsmarché, dee sech an de leschte Joren a Jorzéngte staark verännert huet. An enger Welt, déi ännert, ännere sech och d'Beruffsprofiller, d'Offeren, d'Demanden, jee, et muss een hautdesdaags als Salarié op Zack sinn an an engem gewëssene Mooss oppe sinn, fir Ales ze verdéiwen an Neies ze entdecken.

Eng gelonge Formation professionnelle continue schaaft eng individuell Plus-value, ka sozial Inegalitéiten ausgläichen a minimiséiert de Risiko, an de Chômage ze falen oder do dauerhaft ze bleiwen.

Zënter 1999 erlaabt eist Aarbechtsrecht et dofir, den Entreprisen, déi hei am Land etabléiert sinn, bei hire Plans de formation finanziell ënnert d'Äerm ze gräifen. Den Institut national pour le développement de la formation professionnelle continue oder kuerz INFPC ass dofir zu Lëtzebuerg zoustänneg.

Ier ech elo op déi eenzel Adaptatiounen ze schwätze kommen, wéilt ech awer nach e puer Zuelen nennen, déi am Fong de Kader fir dëse Projet de loi setzen. D'Unzuel vun den Entreprisen, déi d'Formation professionnelle continue ubidden, déi also vun der aktueller Legislatioun profitéieren, geet konstant an d'Luucht. Dat stellt verschidden Erausfuerderungen a puncto Berodung, Encadrement a Surveillance vun dëse Betriber a Formatiounen duer.

Een allgemengt Objektiv vun der Formation professionnelle continue ass et jo, d'Salariéen ze encouragéieren, u Formatiounen deelzehuelen. Dem INFPC no schreiwe sech d'Salariéen an der Moyenne fir 4,3 Formatiounen an, déi am Schnëtt 5,5 Stonnen daueren. D'Männer maachen där Statistik no liicht méi Formatioune wéi d'Fraen an d'Dirigente respektiv d'Kadere maachen der och méi wéi d'Salariéen, ob elo qualifizéiert oder net qualifizéiert.

D'Salariéen iwwer 45 Joer leie mat 3,7 Formatioune liicht ënnert dem Duerchschnëtt. A wann ee kéint op den éischte Bléck mengen, den Accès zu Weiderbildungsformatioune géife mat der Gréisst vun den Entreprisë wuessen, dann ass dat awer net ganz esou. Am Géigendeel: Wat d'Entreprise méi grouss ass, wat d'Dauer, a Stonne pro Mataarbechter gekuckt, vun dëse Formatiounen an der Moyenne erofgeet. Konkret: Wuel ginn a groussen Entreprisë méi Formatiounen ugebueden, mä wat d'Dauer vun dëse Formatiounen ubelaangt, bleiwen d'Leit manner laang an dëse Formatiounen, wéi dat a klengen Entreprisen de Fall ass. Als Beispill: Statistesch daueren a grousse Firmen - grouss heescht mat méi wéi 1.000 Mataarbechter - d'Formatioune véier Stonnen, wärend a klenge Betriber mat manner wéi zéng Mataarbechter ronn 13 Stonnen a Formatioun pro Mataarbechter gestach ginn. Bis elo huet de Stat den Effort vun den Entreprisen, an hir Leit ze investéieren, mat 20% u finanzieller Hëllef ënnerstëtzt, fir Salariéen iwwer 45 Joer bis zu 35%.

Här President, d'Zil vun de Mesuren, op déi ech elo gläich ze schwätze kommen, ass et net, méi auszeginn, mä besser a méi cibléiert d'Efforte vun den Entreprisen ze ënnerstëtzen an am Sënn vun enger Simplification administrative ze agéieren. Ech ënnersträichen: Weder soll d'Prozedur erschwéiert ginn nach sollen d'Betriber an iergendenger Form gehënnert oder gebremst gi bei der Formation professionnelle continue vun hire Salariéen.

Mä wat soll erreecht ginn? Dat ass, dass déi Suen, déi a Formatioune gestach ginn, besser investéiert ginn. Am Wuert Qualitéit läit also e wichtege Schlëssel zum Erfolleg. A wéi ech et um Ufank scho gesot hunn: Et geet drëms, effikass ze schaffen, dass d'Leit, déi an der Aarbechtswelt dra sinn, mat der Entwécklung Schrëtt kënnen halen, déi se brauchen an déi de Leit dann och am Endeffekt hir Plaz an der Aarbechtswelt net garantéiert, mä d'Chancen däitlech verbessert, fir am Betrib eng Zukunft ze hunn. Dëst ëmmer gekuckt par rapport zu der Entwécklung an der Demande, déi un de Salarié gestallt gëtt.

De Stat kann a soll sech et och net leeschten, d'Formation professionnelle continue vun Entreprisen ze vernoléissegen. Et ass ëmmer besser, am Virfeld eng Formatioun vun engem Salarié ze kosubventionéieren, wéi duerno op aner Mesurë mussen zréckzegräifen. De Fransous géif heizou soen: «Mieux vaut prévenir que guérir.»

Zu den eenzelne Mesuren: D'Regierung gesäit éischtens vir, déi staatlech Hëllef am Kader vum Kofinanzement ëm 5%, vun 20% op elo 15%, ze kierzen. D'Subventioune fir de Salarié iwwer 45 Joer bleift allerdéngs bestoe bei den haitege 35%. Et si jo grad déi Mënschen, deenen eng Formatioun am meeschten zeguttkënnt. Dofir sollen d'Entreprisen doranner och weiderhi mat dem identeschen Taux ënnerstëtzt ginn.

Da gëtt et an Zukunft e Plafonement vun den Investissementer, deen en fonction vun der Gréisst vun der Masse salariale ännert. Méi konkret heescht dat, bei ee bis néng Salariéen am Betrib ass de Plafong bei 10%. Tëschent zéng an 249 Salariéen ass de Plafong bei 3% an doriwwer eraus, dat heescht, bei deene ganz groussen Entreprisen ass de Plafong bei 2%.

De Kofinanzement vun der sougenannter Formation d'adaptation au poste gëtt vun 173 Stonnen op 80 Stonnen erofgeschrauft a betrëfft just nach déi onqualifizéiert Salariéen. Fir d'Ewechfale vun de Subventioune vu verschiddenen administrative Fraisen an didakteschem Material ofzefiederen, kréien d'Entreprisen zudeem e Forfait vu 500 Euro pro Demande zur Säit gestallt, fir dëst ze couvréieren.

Ier ech elo zum Schluss kommen, soll nach eng Kéier ënnerstrach ginn, dass d'Betriber mat dëse Mesuren net sollen ofgehale ginn, an d'Formation professionnelle continue vun hire Salariéen ze investéieren, mä dass soll verstäerkt op d'Qualitéit vun de jeeweilege Weiderbildunge wäert geluecht ginn an dass d'Entreprisë méi geziilt Ënnerstëtzung vusäite vum Stat kréien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hoffen, ech konnt Iech e klengen Ableck an dëse Projet de loi ginn. Fir weider Detailer wéilt ech gären op mäi schréftleche Rapport verweisen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren a géif gläichzäiteg den Accord vu menger Fraktioun, vun der DP, abréngen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Rapporteur. An éischt ageschriwwe Riednerin ass d'Françoise Hetto-Gaasch.

Discussion générale

Mme Françoise Hetto-Gaasch *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ouni Weiderbildung geet haut an eiser schnellliewer Zäit näischt méi. Formation continue ass e Must, fir sech den ëmmer erëm neien Ufuerderunge vum Aarbechtsmaart unzepassen a fir iwwerhaapt seng Plaz um Aarbechtsmaart ze fannen, wann dat, wat ee geléiert huet, net onbedéngt eppes mat där neier Schaff ze dinn huet. Deemno ass d'Formation continue ee ganz wichtegt Instrument fir d'Betriber, fir op der Héicht vun der Demande vun de Clienten ze bleiwen.

Dass Betriber vun der Formation continue profitéieren an ëmmer méi Betriber dovunner profitéieren, domadder natierlech och vum Kofinanzement vusäite vum Stat, ass dorobber zréckzeféieren, dass den Aarbechtsmaart a konstanter Evolutioun ass an dass d'Zuel vun de Betriber och konstant zouhëlt.

Elo gi mer mat dësem Gesetz hin a kierzen de Budget ëm d'Halschecht. Dëst Gesetz ass deemno eng reng Spuermesure. Déi éischt finanziell Repercussioune wäerte sech am Budget 2019 weisen. De Fait, dass grad d'Formation continue eng Spuermesure ass, ass an den Ae vun der CSV een total falscht Zeechen. Am Moment gëtt dës Regierung näämlech, ouni mat der Wimper ze zucken, immens vill Suen aus fir aner Gesetzer a Projeten a geet elo mat dësem Gesetz hin a spuert an eisen Aen op där falscher Plaz.

Ech si ganz d'accord, dass een Abusen, déi an der Vergaangenheet iwwert d'Formation continue gemaach goufen, sollt evitéieren, mä duerfir muss een emol genee wëssen, wat da schifgelaf ass a wou een dës Abusen hätt kënnen evitéieren.

Amplaz, Här Minister, hei de grousse Griffel erauszehuelen an esou onnuancéiert ze spueren, hätte mir eis gewënscht, dass een am Virfeld emol eng fundéiert Analys gemaach hätt vun der Qualitéit vun de Formatiounen, vun der Qualitéit vun de jeeweilege Formateuren, an dann doropshin d'Kritären definéiert hätt, déi de Kofinanzement vusäite vun der Regierung géife konditionéieren.

Wou a wéi, Här Minister, géift Dir zum Beispill wëllen intervenéieren, fir esou eng Qualitéitsgarantie an der Formation continue ze gesinn?

Et ginn eng sëlleche Formatiounen, et gëtt och eng sëlleche Labelen, mä wat ass de geneeë Wäert vun all dëse Labelen? Wie vergëtt se? Wat seet d'Regierung derzou? Wéi eng wëllt Dir ënnerstëtzen a wéi eng net?

Wann een esou eng systematesch Analys gemaach hätt, dann hätt een de Betriber kënne konkret weisen, wou se sollen a puncto Formatioun investéieren a wou net.

Hei gëtt einfach pauschal de Montant gestrach an zwar ëm 50%, vun 48 Milliounen op 24 Milliounen.

Nach leschten Hierscht, fir genee ze sinn de 15. November, hu mer e Gesetz, de 7001, gestëmmt, woumadder d'Formation continue vum Léierpersonal eropgesat ginn ass, dëst als Invest an d'Schoulqualitéit. Deemno schéngt den Invest an d'Aarbechtsqualitéit Iech net esou wichteg ze sinn. A mir hätten eis driwwer gefreet, wann een eng Jointe gehat hätt tëschent der Educatioun an dem Travail, fir och emol ze héieren, wat den Aarbechtsminister zu deem Ganze seet.

Mir hätten eis och gewënscht, dass déi Stonnenzuel vun der Formatioun fir d'Adaptation au poste de travail net radikal vun 173 op 80 Stonnen erofgesat gi wier, mä dass au cas par cas gekuckt géif ginn, ob eng Approbatioun géif gemaach ginn an zwar op Basis vun engem Dossier, deen d'Demande géif justifiéieren.

Dës Formatioun vun der Adaptation au poste de travail ëm och méi wéi 50% ze kierzen, ouni tëschent Posten, Beruff oder Profill ze ënnerscheeden, erschéngt eis kontraproduktiv an alt nees e falscht Signal.

Mir haten dem Minister duerfir proposéiert, op dës drastesch Spuermesure ze verzichten, well se carrement op Käschte vun de Salariéen ouni Qualifikatioun geet. De Minister war leider net ëmzestëmmen an huet nach emol den Objectif prinicipal vun dësem Gesetz ënnerstrach - esou steet et och am Rapport -, an zwar d'Fraise vum Kofinanzement bei der Aide à la formation am Betrib ze limitéieren. D'Zil ass also ganz kloer, Här Lamberty: Et geet drëms, manner Suen auszeginn!

Wéi gesot, et handelt sech heibäi ëm eng reng Spuermesure.

An deem Kontext bedauert och d'Chambre des Métiers zudéifst, dass d'Patronen elo mussen d'Käschten iwwerhuelen, fir Leit ouni Qualifikatioun, Leit, déi an eisem Schoulsystem echouéiert sinn, fit ze maachen, an et an deem Moment am Fong geholl d'Patrone sinn, déi dann elo den Apprentissage initial musse finanzéieren. Hätt een déi 173 Stonne bäibehalen, wier dat ee positivt Signal gewiescht fir d'Entreprisen an d'Ënnerstëtzung vusäite vum Stat hätt gewisen, dass de Secteur vun de PMEen him wichteg ass.

Här President, mir bedaueren dernieft, dass tëschent dem Moment vum Depôt an der Presentatioun vun den Amendementer e ganzt Joer vergaangen ass. Wéisou huet dat esou laang geschleeft, Här Minister?

Entreprisë brauche Begleedung, Entreprisë brauchen awer och Surveillance. A sécher, dat kascht Zäit an Opwand, mä et ass eng wesentlech Contributioun vum Stat, fir d'Entreprisë staark ze maachen, fir se ze guidéieren, fir se fit ze maachen oder fit ze halen. An duerfir be-

dauere mir, dass de Montant ëm d'Halschecht gekierzt gëtt. Dëst trëfft net nëmmen déi grouss Entreprisen, mä och déi kleng an déi mëttelgrouss Betriber.

Wéisou ass net och am Virfeld gekuckt ginn, wat déi eenzel Modifikatiounen un der aktueller Gesetzgebung dann och konkret géifen aspueren? Wier et net iwwerhaapt emol sënnvoll gewiescht, eng Lëscht ze hu mat sämtlechen obligatoresche Formatiounen, déi vun de jeeweilege Ministèren ugebuede ginn?

Wier et net och wënschenswäert gewiescht, dass de Plafonement vum Investissement a Formation continue net just fir d'Minientreprisen, also déi mat bis zu zéng Salariéen, vun 10% op 20% eropgaange wier, mä och fir Betriber, déi tëschent 10 an 249 Leit beschäftegen? Hei hätt ee sech kënne virstellen, dass de Plafonement net just bei 3% vun der Masse salariale géif leien, mä och op 6% eropgesat gi wier. Dat ass iwwregens och de Wonsch vun der Chambre des Métiers an der Chambre des Salariés.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, hei gëtt an den Ae vun der CSV definitiv op där falscher Plaz gespuert. Wien a Weiderbildung investéiert, wuelverstanen a qualitativ héichwäerteg Weiderbildung, deen investéiert a säin Aarbechtsmaart a leescht en plus wäertvoll präventiv Aarbecht géint de Chômage a géint d'Faillitten.

Opgrond vun alle genannten Argumenter wäerte mir als CSV dëst Gesetz net stëmmen.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci der Madamm Hetto. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Georges Engel.

M. Georges Engel *(LSAP)*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Weiderbildung ass ouni Zweifel Deel vun den Äntwerten, fir och an Zukunft Aarbechtsplazen ze sécheren. Virun allem an enger Welt an zu enger Zäit, wou alles esou schnell changéiert, an där d'Digitaliséierung riskéiert, scho geschwënn eng Rei Aarbechtsplaze verschwannen ze doen an neier ze schafen. Et geet drëms, fir de Concernéierte Moyenen ze ginn, hir Aarbechtsplaz ze halen an awer vläicht och eng nei Aarbechtsplaz ze fannen.

Zu Lëtzebuerg gi vill Efforten ënnerholl, fir d'Formation continue ze férderen. Den INFPC offréiert eng sëlleche Formatiounen an alle Beräicher fir Leit, déi sech am Ufank oder am Laf vun hirer Carrière weiderbilde wëllen. Am Enseignement spillt den nach rezenten IFEN eng wichteg Roll an der Weiderbildung a fir d'Administratiounen ass de staatleche Formatiounszenter zoustänneg.

Wéi mir 1999 d'Kofinanzéierung agefouert hu fir d'kollektiv Formatiounen, déi vu private Betriber ugebuede ginn, hu mir e weidert Instrument geschafen, fir d'Weiderbildung national ze férderen. Deemools an engem Kontext, an deem déi Lëtzebuerger Privatbetriber relativ wéineg an hir Formation continue investéiert hunn, an dat gekuckt am europäesche Verglach. De Wirtschafts- a Sozialrot hat am Virfeld eng Rei Avisen iwwert d'Problematik ausgeschafft an ënner anerem och d'Fro gestallt, ob een d'Betriber soll gesetzlech zwéngen, an d'Formatioun ze investéieren, nom franséische Modell. De Wirtschafts- a Sozialrot huet awer fonnt, dass dat net dee richtege Wee wär, well d'Betriber domat incitéiert géifen, Formatiounen unzebidden, déi oft keng Plus-value mat sech bréngen, mä just derzou gedéngt hätten, Quoten ze respektéieren.

Zu Lëtzebuerg hu mer dunn decidéiert, d'Formatioun vun de Betriber ze kofinanzéieren, dat an der Héicht vu bis zu 15%. 2008, wéi d'Finanz- an d'Wirtschaftskris dunn zu Lëtzebuerg ukomm ass, gouf de Kofinanzement eropgesat an netqualifizéiert souwéi eeler Salariéen iwwer 45 Joer kruten hir Formatioune souguer bis zu 35% kofinanzéiert.

D'Zuel vun de Formatiounen ass zënterdeem och an d'Luucht gaangen. Allerdéngs huet den Observatoire de la formation continue festgestallt, dass et virun allem Kaderen an héichqualifizéiert Salariéë sinn, déi am meeschte Formatioune suivéieren. Virun allem d'Salariéen aus dem Finanz- an Assurancësecteur hu vun deem Kofinanzement profitéiert. Si krute ronn 13,3 Millioune vun de ganzen 53,7 Milliounen Euro, ee Véierel vun der Gesamthëllef, wärend d'Hëllef fir déi kleng Entreprisë vu manner wéi néng Salariéen zréckgaangen ass.

Här President, mat der Gesetzesännerung, déi mer haut hoffentlech hei stëmme wäerten, versiche mer, déi finanziell Hëllefen ze rekadréieren, andeems mer se besser a méi effikass verdeelen, virun allem op déi kleng Entreprisen. Vun de ronn 54 Milliounen Euro u Kofinanzement vum Stat sinn der näämlech 2014 47,3 un Entreprisë gaangen, déi méi wéi 75.000 Euro an d'Formatioun investéiert hunn, haaptsächlech also Groussbetriber, wärend der nëmme 6,4 Milliounen u Betriber gaange sinn, déi manner wéi 75.000 Euro an hir Weiderbildung investéiert hunn.

Dir gesitt also, wourobber ech eraus wëll. An et ass am komplette Géigesaz zu deem, wat d'CSV virdrun hei gesot huet. Et geet eis drëm, dass d'Suen do ukommen, wou se wierklech gebraucht ginn. An dat ass bei deene Salariéen, déi wéineg qualifizéiert sinn, an deenen eelere Salariéen, fir déi weider eng Kofinanzéierung vu 35% gëllt. A bei deene klenge Betriber, déi d'Recht kréie, bis zu 20% vun hire Formatioune par rapport zu hirer Masse salariale kofinanzéiert ze kréien, wärend den Taux fir Groussbetriber op 2% limitéiert gëtt. Domadder garantéiere mer, dass d'Betriber, déi d'Suen hunn, fir Formatiounen ze maachen, déi Suen net och nach zum Deel iwwer Steiersuen zréckbezuelt kréien. An Zukunft verdeele mer déi Suen also méi differenzéiert. An dat, léif Leit vun der CSV, ass gutt an och richteg esou.

Här President, dat ass och de Grond, firwat mir an deem heite Fall net dergéint sinn, dass déi staatlech Kofinanzéierung nees vun 20 op initial 15% vun de Formatiounen zréckgeet. Wéi mir 2008 dee méi héije Kofinanzement gestëmmt hunn, do stoungen d'Welt an och Lëtzebuerg virun der gréisster Finanz- a Wirtschaftskris zënter 1929. D'Politik huet du reagéiert an d'Betriber, niewent villen anere Mesuren, iwwert de Wee vun där méi héijer Kofinanzéierung ënnerstëtzt. Dat war och gutt esou.

Mä haut, Här President, ass d'Kris zu Lëtzebuerg awer hanner eis. Mir schreiwen zanter enger Rei vu Joren nees ganz positiv Wuesstumszuelen. Mir mengen duerfir, dass et nees un der Zäit ass, de Betriber - de Betriber! - erëm méi eng grouss Responsabilitéit zouzeschreiwen, fir hire Salariéë Formatiounen unzebidden.

Mir begréissen et duerfir och, dass mer mat deem neie Gesetz méi streng Konditiounen aféieren, fir vum Kofinanzement profitéieren ze kënnen, a méi genee gekuckt gëtt, wat fir Formatiounen eigentlech gehollef kréien. Mir wëllen also net mat der Strenz, wéi dat virdru vläicht esou üüblech war, d'Sue verdeelen. Neen, mir wëllen dat hei vill méi differenzéiert, vill méi geziilt maachen.

Och begréisse mer et, dass elo kloer Strofe virgesi sinn am Fall vun Abusen. Här President, mir sinn awer och der Meenung, dass mer an enger Rei Joren de Bilan maache musse vun dësen Änneruungen a kucken, ob mer mat dëser Reform eis Ziler och erreecht hunn.

Zum Schluss wëll ech dann awer och nach eng Kéier kuerz op den Avis vun der Chambre des Salariés agoen, déi bedauert, dass d'Regierung eng ze vill quantitativ, an net qualitativ genuch Approche zu der Formation continue hei géif anhuelen. Genee deem wëlle mer jo awer mat dësen Änneruunge géigesteieren. An enger nächster Phas musse mer dann och kucken, wéi mer d'Formatioun qualitativ verbessert kréien.

De Minister hat eis an der leschter Reunioun vun der Educatiounskommissioun matgedeelt, dass hien an deem Sënn eng Reform vun der Formation continue géif erschaffen. Vläicht kéint en eis dann uschléissend och e puer Präzisiounen dozou ginn.

Ech soen Iech elo emol scho Merci fir d'Nolauschteren, an ech ginn och domadder den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci. An den Här Adam ass prett, als nächste Riedner unzetrieden.

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Merci, Här President. Ech mengen, wa mer eis op engem Punkt eens sinn hei alleguer, dann ass et, datt mer d'Formation continue als wichteg bezeechnen.

Ech mengen, et muss een awer och an dësem Kader eng Kéier soen, datt d'Formation initiale eigentlech nach méi wichteg ass. An de Georges Engel huet et gesot, an ech deelen déi Meenung och, oder d'Zuele weisen et aus: Leit, déi eng gutt Formation initiale hunn, sinn éischter bereet, och nach an d'Formation continue ze goen. Et sinn déi, déi am meeschte vun der Formation continue profitéieren.

Et ass alles gesot. Ech wäert mech kuerzfaassen. 1999 sinn Entreprisë finanziell ënnerstëtzt ginn, fir Formation continue unzebidden. 2008 ass dee Kofinanzement eropgesat ginn. Haut setze mer dann eng Rei vun deenen Hëllefen erof.

Dat kann een elo interpretéieren als reng Spuermesure. Ech ginn awer ze bedenken, datt, wann een dem Stat wëllt virwerfen, a besonnesch och nach dem Educatiounsministère, e wéilt op der Formation continue spueren, da muss een awer kucken, wat dann de Patron, de Ministère de l'Éducation nationale, alles an d'Formation continue investéiert huet an der leschter Zäit. Ech mengen, et ass vun de Fonctionnairë geschwat ginn, et ass vun dem Léierpersonal geschwat ginn, wou mer d'Formation continue verduebelt hunn. An ech mengen, et geet och net duer, einfach d'Formation continue an der Unzuel vu Stonnen eropzesetzen. Mä, an et kritt een och heiansdo Feedbacken, och beim Léierpersonal, wou dat eropgesat ginn ass, et geet wierklech och ëm Inhalter. Et ass net onbedéngt méiglechst vill Formation continue, déi dann och méiglechst vill Resultater huet. Et ass scho wierklech wichteg, datt een och iwwerwaacht, wat dann erauskënnt.

An ech mengen, do ass all Patron an der Verantwortung. An duerfir geet et jo awer och , fir drun ze erënneren, datt et hei net de Stat ass, dee Patron ass, mä hei sinn et Privatbetriber, deelweis och staatlech Betriber, déi funktionéiere wéi e Privatbetrib, déi an der Verantwortung sinn an déi d'Responsabilitéit droen. A selbstverständlech ass et richteg, wann ee seet, wann een an d'Weiderbildung vu sengem Personal investéiert, investéiert een a säi Betrib. An ech fannen et positiv, wann de Stat déi Efforten ënnerstëtzt an och subventionéiert. Mä d'Verantwortung wäert och an Zukunft beim Betrib bleiwen.

An et ass och gesot ginn, an et ass festgestallt ginn, datt do déi eng oder déi aner Abuse bedriwwe gi sinn. An et kann eis och net egal sinn, wann op eemol staatlech Hëllefe fir Privatbetriber an d'Endlost wuessen. An an deem Sënn begréissen ech och deen Effort, deen hei gemaach ginn ass vun der Regierung, fir a geuerdent Bunnen ze kommen.

An duerfir bréngen ech och den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Adam. An nächste Riedner ass den Här Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, den Här Adam hat an engem Punkt ganz sécher recht: Et ass schonn alles gesot. Dofir wëll ech probéieren, nodeem ech deenen engen an deenen aneren nogelauschtert hunn, nach vläicht déi eng oder aner politesch Consideratioun ze maachen, déi nach net gemaach ginn ass. Mä ech wéilt virun allem och dem Här Lamberty Merci soe fir säi Rapport.

Et wor e ganz interessante Rapport an deem Sënn, datt et esou en Exercice an „Newspeak" ass. Et ass interessant nozelauschteren, wéi dës Koalitioun hei an hiren dräi Riede probéiert ze rechtfertegen, datt u sech, wéi d'CSV et gesot hat, richteg gesot hat, an der Formation professionnelle gespuert gëtt.

Et ass eng Ëmsetzung vum Zukunftspak, e Pak, deen den Här Minister Etienne Schneider eng Kéier en public aus diverse Grënn als „Feeler" bezeechent huet. Abee, hei setze mer de Feeler weider ëm. An et ass och interessant, fir ze kucken, wéi d'LSAP en particulier dann dat argumentéiert.

An d'Unhänger vum Käschtendeckungsprinzip, déi soe jo och gären, an dat ass och schonn hei gesot ginn, an dat hunn ech och ganz oft héieren zanter Joren: „Ëmweltpolitik mécht ee mat Ëmweltmoossnamen, Sozialpolitik mécht ee mat Sozialmoossnamen." Dat heescht, all Beräich gehéiert propper vunenee getrennt. An dat ass net richteg. Dat ass eng Haltung, déi engstirneg ass an déi eng global Approche vu soziale Froe verweigert, déi verbonne si mat Ëmweltfroen, mat ökonomesche Froen a mat politesche Froen.

An dat ass grad dat, wat Enn 70er Joren, ufanks 80er Joren eis déi politesch Ekologie bäigeléiert huet, déi, am Géigesaz zum grénge Kapitalismus, eis jo beléiert huet, datt een déi Trennung op kee Fall dierft maachen. Wann d'Waasser traitéiert soll ginn, also gebotzt soll ginn, dann huet dat e Käschtepunkt souwuel um Niveau vun den Infrastrukture wéi och, wat de mënschlechen Opwand ugeet. Firwat muss d'Waasser gebotzt ginn? Zum groussen Deel wéinst de Mikropolluante respektiv och Nitraten, déi och zum groussen Deel vun der Industrie produzéiert ginn, sief et déi landwirtschaftlech wéi déi konventionell Industrie, direkt oder indirekt. Dat dréit natierlech zu der Erhéijung vum Käschtepunkt vum Waasser staark bäi.

E Käschtepunkt, deen d'Gemenge mussen iwwerhuelen an dee sech dann duerno schlussendlech och beim Bierger repercutéiert, dee folglech, duerch de Käschtendeckungsprinzip, d'Pollutioun, déi duerch d'Industrie direkt oder indirekt produzéiert gëtt, matbezuele muss.

Et gëtt awer eng Léisung, déi souwuel ekologesch ass wéi och gerecht an déi souwuel och mat a Kaf hëlt, datt d'Waasser engersäits eng Ressource ass, op déi kee Mënsch verzichte kann, an anersäits dat proppert Waasser natierlech e Käschtepunkt huet.

Ech si frou, datt mäi Virriedner elo grad, den Här Gibéryen, eng Mesure vun engem gestaffelte Waasserpräis nommëiert huet. Ech wousst net, datt d'ADR dës Propositioun hätt. Mir verteidege se scho säit Joren, mir mengen tatsächlech, datt de gestaffelte Waasserpräis eng Mesure wier, déi ee weiderhi misst applizéieren an iwwert déi ee misst ganz staark iwwerleeën. Mir hunn och Motiounen an de Gemengeréit dozou als déi Lénk deposéiert; an deene Gemengeréit, wou mer waren.

Et ass scho gesot ginn: dräi Stufen. Eng Stuf, fir wierklech de Waasserverbrauch, deen ee wierklech brauch fir ze kachen, fir déi kierperlech Hygien, datt dee gratis ass, datt dann iwwerhaapt kee muss fir dat Recht op Waasser opkommen, wat jiddwereen, all Mënsch muss hunn, op dat kee Mënsch, keen Déier, souguer keng Planz ka verzichten. Dat elementaart Recht op Waasser, fir iwwerhaapt ze iwwerliewen, datt een dat gratis mécht. Et ass e bësse wéi d'Loft. Et kéint ee sech jo och bal virstellen, deemno wéi, well d'Loft ass jo och polluéiert, datt een och duerno iergendeng Kéier misst esou wäit goen - an ech fäerten, datt mer vläicht eng Kéier esou wäit kommen -, datt een dat och vläicht nach misst bezuelen.

(Interruption)

Indirekt hu mer dat scho bal.

Déi zweet Stuf: Ab 50 Liter, dat ass deen normale Waasserverbrauch, datt deen och zum normale Käschtepräis misst kommen. An ech soen och natierlech dann, datt de Luxuskonsum, fir den Auto all Woch ze botzen an d'Piscine an esou weider, duebel facturéiert gëtt. Dat ass eng ekologesch Mesure, well d'Bewosstsäin, fir net ze verbëtzen, gestäerkt gëtt an déi Leit, déi bewosst mam Waasser ëmginn, och nach derfir - tëschent Guillemeten - „belount" ginn. Anersäits mussen d'Verbëtzer, déi jo meeschtens och méi verdéngen, eendeiteg méi fir de Waasserverbrauch opkommen a ginn op eng gewëssen Aart a Weis dann och derfir bestrooft.

Et soll kee kommen a soen, dës Mesure wier irrealistesch, well, ech mengen, souguer mir als déi Lénk sinn net déi Eenzeg, déi dës Meenung vertrieden, bäi Wäitem net. A si ass och technesch machbar, quitte datt au cas par cas, vu

Gemeng zu Gemeng, do den néidegen Invest misst néideg sinn.

Schlussendlech wollt ech nach e puer Wuert zur Qualitéit vum Buedem verléieren. Ech mengen, mir wäerten nach weiderhin doriwwer diskutéieren an engem anere Projet de loi, mä Iwwerschwemmungen hu mat der Qualitéit vum Buedem ze dinn. A Westeuropa a wahrscheinlech och nach op anere Plaze vun der Welt, wahrscheinlech och an Nordamerika, mä wahrscheinlech och nach op villen anere Plazen, déi staark industrialiséiert sinn, hu mer jo de Problem, datt duerch déi intensiv an industriell gepräägte Landwirtschaft de Buedem souzesoen doutgemaach ginn ass oder net méi esou richteg lieweg ass, wéi e misst sinn.

Et huet mat Pestiziden ze dinn. Et huet och mat engem iwwerdriwwene Plouen ze dinn, wat de Buedem manner lëfteg mécht. Et muss ee wëssen, datt net nëmmen d'Beien ausstierwen, mä och d'Wierm ausstierwen. An d'Wierm, déi hu jo eng Funktioun. Ënner anerem besteet hir Funktioun doranner, fir de Buedem méi lëfteg ze maachen, wat derzou féiert, datt de Buedem d'Waasser op eng natierlech Aart a Weis kann opfänken, wat ëmmer manner de Fall ass a wat zu engem Deel oder zu engem groussen Deel deemno wéi och zu Iwwerschwemmunge ka féieren.

Ech mengen, mir kommen och net derlaanscht, fir dann eben och iwwert d'Landwirtschaft ze schwätzen, iwwer eng aner Politik, déi ewechkënnt vun der industrieller Logik, déi souwuel d'Ëmwelt, de Mënsch, deen och e Konsument ass, wéi och de Bauer selwer op Dauer wäert schiedegen.

Voilà! Wéi scho virdrun ugekënnegt, mir wäerten eis aus deenen Ursaache bei dësem Projet de loi enthalen.

Ech soen Iech Merci.

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Wagner. An d'Wuert huet elo d'Ëmweltministesch, d'Madamm Carole Dieschbourg.

Prise de position du Gouvernement

Mme Carole Dieschbourg, *Ministre de l'Environnement.*- Här President, Dir Dammen an Hären Deputéierten, d'Waasser huet haut Prioritéit an dëser Regierung. An ech si frou, dass mer haut dëse Projet de loi hei an der Chamber debattéieren. An ech soen als Alleréischt dem Rapporteur, dem Gérard Anzia, e grousse Merci fir säi vollstännege schréftlechen a mëndleche Rapport. Da wëll ech awer och de Virriedner e grousse Merci soe fir hir Bäiträg zur Diskussioun, well ech mengen, dass mer an dëser Diskussioun gesinn hunn, dass mer eis alleguerten eens sinn, dass eist Waasser besser schützen, fir och an Zukunft alle Leit hei zu Lëtzebuerg proppert Drénkwaasser ze garantéieren an eng gutt Liewensqualitéit mat engem intakte Liewensraum, och am Waasser, eng Prioritéit ass. An déi wëlle mer mat dësem Gesetzesprojet och ganz däitlech maachen.

Nach ni gouf hei a Lëtzebuerg esou vill Geld an de Beräich vum Waasser gestach, souwuel - an dat wëll ech nach eng Kéier betounen - vu staatlecher Säit, wou mer d'lescht Joer iwwer 80 Milliounen Euro an d'Waasserinfrastrukture gestach hunn, wéi awer och vu Gemengesäit, wou ech eng gewëssen Dynamik gesinn a wou ech gesinn, dass mer gutt ënnerwee sinn, déi enorm Retarden, déi mer haten, opzehuelen. An dëst Gesetz soll eis derbäi hëllefen, den haitege Bedürfnisser Rechnung ze droen an den zukünftege Generatioune proppert Waasser ze garantéieren.

Méi präventive Schutz, méi zilorientéiert, mat méi Akteure fir méi a bessere Waasserschutz: Dat waren d'Prämissen, wéi mer un dësem Text geschafft hunn. An ech wëll heimat eng Kéier menge Mataarbechter, déi schonn dee ganze Mëtteg nolauschteren an déi virun allem dat heite virbereet hunn, e ganz grousse Merci soen.

Une voix.- Aah!

Mme Carole Dieschbourg, *Ministre de l'Environnement.*- De Finanzement ass eropgesat ginn. An domadder kommen ech zum Kärstéck vun dësem Gesetz: Dat ass d'Ëmorientéierung vun de Subsiden. Mir hu véier Moossnamen eropgesat, déi mer als immens néideg empfonnt hunn an déi all dem präventive Charakter vum Waasserschutz entspriechen: sief et dem Drénkwaasserschutz, sief et am Héichwaasserschutz, sief et fir méi modern ze ginn, dat heescht d'Frais-d'étuden, sief et fir d'Renaturéierungen, de Schutz vum Liewensraum. Dat hu mer alles eropgesat.

Mir hunn nei Subsiden, déi mer aféieren, wa mer regional zesummeschaffen, grad ebe fir dem Klimawandel entgéintzekommen. Mir hunn nei Subsiden, déi mer aféieren, wann et drëm geet, Recherche ze maachen a Pilotprojete mat der Landwirtschaft. D'Landwirtschaft gëtt endlech eligibel. Déi, déi um Terrain schaffen, ginn endlech eligibel. An ech mengen, dat huet jiddwereen hei begréisst. An doriwwer sinn ech perséinlech immens frou, well mer a ville Punkte Konsens hunn.

Mir hunn ee Punkt, do fanne mer heibanne kee Konsens. Dat fannen ech immens traureg, well mer hei mat ganz villen alternative Fakten operéieren. Mir befannen eis an engem Beräich... All déi Beräicher, déi ech elo genannt hunn, do kréien d'Gemenge kee Geld eran. Wann Dir e Problem hutt duerch Héichwaasser, da kréien d'Gemenge fir dee Volet kee Geld eran.

An ech mengen, wa mer eis awer am Ofwaasserberäich befannen, dat ass genau dee Beräich, wou mer och vum Käschtendeckungsprinzip schwätzen, da si mer hei net nëmmen an engem Beräich, wou mer enorm Retarden hunn, wou d'Fakten eis scho weisen, dass 90% näischt gehollef hunn, dass 75% näischt gehollef hunn. Elo gi mer hei vu 65% op 50% erof, wat wesentlech méi dem Käschtendeckungsprinzip gläichkënnt a wou Der gesitt, wann Der éierlech sidd a wann Der an eis Nopeschlänner kuckt, wou et déi Subside vum Stat net méi gëtt oder nëmmen nach ganz geréng gëtt, dass mer hei op héijem Niveau kloen. Dat musse mer eis agestoen, wa mer éierlech sinn a wa mer ausserdeem zum Käschtendeckungsprinzp stinn.

Da wëll ech awer och nach betounen, an den Här Kaes hat mer gesot: „Ma wa mer dann all eis éischt Anlage gemaach hätten!" Jo, am Land gëtt et nach am Moment 107 mechanesch Kläranlagen. 107, déi mussen ersat ginn duerch 97 Projeten, vun deenen der 67 Vergréisserunge sinn an de Rescht sinn nei Anlagen.

Soll ech Iech soen, wivill Projeten à ce stade nach net dobanne sinn? Vum Neibau sinn nach genau véier Projeten net dobannen a vum Ausbau 20. Vu 97 Projeten! D'Gemengen hunn - an dat ass e Fakt, an dofir soen ech hinne Merci - an deene leschte Jore massiv Projeten eraginn! An elo rezent - ech mengen, virgëschter oder esou -, de 26./27.06. ass nach e ganze Camion voller Projeten erakomm.

An dat ass déi Dynamik, déi mer brauchen! Domadder erreeche mer eppes! Mir setzen eppes viraus a mir loossen déi Gemengen, déi mat deene 24 Projeten, déi elo nach net eragereecht gi sinn, net am Ree stoen. Neen! Déi Projete kënnen nach bis den 1.1.2018 eragereecht ginn. Also, gitt Iech drun! An dann hu mer jo och nach 24 Méint Zäit, fir dass mer ëmsetzen. Wann dat dann net e gutt Angebot ass, fir op där enger Säit ze soen: „Jo, mir musse responsabel sinn", an op där anerer Säit gi mer Iech nach e bëssen Zäit, fir dass mer aus der Inaktioun an d'Aktioun kommen, fir dass d'Leit och an Zukunft hei proppert Waasser hunn. Ma genau dat ass dat, wat mir wollten a wat ech mat dësem Projet hei bezwecken.

Dëse Stat investéiert an deenen nächste Joren ongeféier 1,1 Milliarden an d'Waasser. An dat ass richteg esou! An dat wëlle mer och esou, fir dass mer künfteg gutt Waasser hunn!

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Carole Dieschbourg, *Ministre de l'Environnement.*- Komme mer bei d'Drénkwaasserschutzzonen. Jorelaang gouf driwwer geschwat. Jorelaang gouf iwwert de Präis geschwat, net iwwert d'Qualitéit. Ech soen dem Henri Kox e grousse Merci, dass en eng Kéier d'Relatioun gemaach huet tëschent dem Waasserpräis an deem, wat wierklech wichteg ass, dass mer kënnen och an Zukunft de Krunn opdréien an de Leit hei zu Lëtzebuerg zu engem wierkleche gerénge Präis, wa mer am Wuerekuerf kucken - wat waren et?, 1,04% -, majo, dass mer de Leit nach kënnen, wa se de Krunn opdréien, proppert Waasser ginn. An dofir setze mer eis an!

Siwen nei Schutzzone kommen elo nach dëse Summer. Dann hu mer am Summer 12 Schutzzonen, déi do sinn. 13 sinn der nach d'lescht Joer duerch de Regierungsrot gaangen. A verschidde Kolleege wëssen et: Mir haten déi éischt ëffentlech Veranstaltung och schonn, wou mer ganz vill Leit do haten. An ech mengen, dat ass et: partnerschaftlech e Problem aktiv ugoen. Dat ass am Geescht vun dësem Gesetz; net jorelaang iwwer e Präis debattéieren. Neen, kommt, mir suergen och an Zukunft derfir, dass d'Zonen ausgewise sinn, dass d'Landwirtschaft hiert Geld kritt, déi, déi um Terrain schaffen, hiert Geld kréien! An da kréie mer och d'Drénkwaasser ofgeséchert.

An da ginn ech op dem Här Gibéryen seng Fro an. Mir wëllen net den Eng-Millioune-Stat, mä mir gesinn, dass e Wuesstum do ass. An dës Regierung agéiert endlech emol verantwortungsvoll an der Planung. Ech kann Iech och soen: Mir hunn eng Etüd um Lafen, wou mer net nëmme soen, wat geschitt, mä wou mer eis Spuerstrategië ginn, wou mer elo duerch den Drénkwaasserschutz och net mussen, wéi et à ce stade ass, siwe bis zéng Prozent aus der Produktioun huelen.

Am Moment huet Lëtzebuerg fir 50.000 Awunner Waasser aus der Produktioun, well mer net opgepasst hunn, wat aner Akteuren um Terrain maachen. Dat heescht, mir hu misse Waasser aus der Produktioun huelen. Majo, wa mer wëllen och fir d'Zukunft ofsécheren, da musse mer: éischtens schützen, zweetens, eng Spuerstrategie an natierlech och Alternativen undenken. Mä dat ass Zukunftsmusek. An do si mer amgaangen, eng konkret Etüd och ze maachen, déi ech Iech gären zur gegebener Zäit dann och wäert virstellen.

Dann d'Kläranlagen. Ma natierlech plange mer do vir. Eng Kläranlag, an dat wëssen déi Gemengeresponsabel, déi sech domadder vill beschäftegen, do rechne mir op 25 plus dräi Joer. Et ass also net esou, wéi wann dat ongeplangt wär, mä et muss een awer och d'Saachen ëmsetzen. Et däerf een net nëmmen driwwer diskutéieren. An do si mer frou, dass mer mëttlerweil och mat Projeten an Drénkwaasserschutzgebidder aktiv sinn, wéi der LAKU, wou awer dëst Joer iwwer 450.000 Euro an d'Uewersauergebitt komm sinn, fir geziilt mat der Landwirtschaft, mam Naturpark a mam Waasserfournisseur Projeten op d'Been ze stellen, fir Alternativen ze ginn, fir Visiounen ze ginn, wat een an engem Drénkwaasserschutzgebitt nach ka maachen.

An ech si frou, dass d'Kommissioun eisem Avis och do nogaangen ass, dass mer net de falsche Message erausschécken, dass mer alles d'utilité publique maachen, well mir wëlle mat der Landwirtschaft an den Drénkwaasserschutzzone schaffen. Dat si ganz wichteg Punkten.

An ech mengen, da komme mer och dorobber, dass mer richtegstellen, wat hei deelweis ebe Falsches och gesot gouf am Beräich vun den Taxen. D'Taxe fir d'Bierger ginn doduerch, dass een ee Punkt erofsetzt, net erop, well de Waasserpräis ass bei 100% vun de Käschten errechent.

Natierlech mussen d'Gemengen dann dat Geld, wat se erakréie vun hire Bierger iwwert de Waasserpräis, och fir Waasserprojeten asetzen - an dat ass den Challenge -, an net fir aner Projeten. An ech mengen, dat ass awer eppes, wou déi Gemengeresponsabel, déi sech hirer Verantwortung bewosst sinn, matginn a wou déi och wëssen, dass mer e Recht hunn, dass, wann eppes duerch de Waasserpräis erakënnt, een dat och a Waasserinfrastrukture kann investéieren.

Bon. Ech soen nach eng Kéier alle Virriedner e ganz grousse Merci. Ech denken, dass dëst Gesetz e grousse Schrëtt ass a Richtung Ëmsetzung vun deem, wat sech dës Regierung virgeholl huet, näämlech fir d'Zukunft eng gutt, besser Politik ze maachen.

An dann nach e Wuert zu den Autorisatiounen, well dat gouf jo och nach gefrot. Jo, mir investéieren net nëmme méi, mir maachen net nëmmen ee Reglement no deem aneren an e Gesetzesprojet. Neen, mir hunn och bei den Autorisatioune Leit bäikritt. Do hu mer haut duebel esou vill Leit dosëtze wéi an de Regierunge virdrun. An dofir si mer och frou. An dofir hoffe mer, dass mer esou schnell wéi méiglech alles, wat mer elo op de Wee bréngen, kënnen deblockéieren.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och.

Mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7047 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7047 et dispense du second vote constitutionnel

An ech fänke mat der Ofstëmmung un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

(Interruption)

31-mol Jo. Dat gëtt da wahrscheinlech 32, wa mer dem Här Bodry seng derbäischreiwen,...

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Dajee alt.

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- ... well d'Maschinn net geet. 32-mol Jo, 26-mol Neen an 2 Abstentiounen. Domat ass de Projet ugeholl.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par Mme Cécile Hemmen), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam (par Mme Josée Lorsché), Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Octavie Modert), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Félix Eischen), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Votum unzefroen?

(Assentiment)

Jo? Hunn ech Jo héieren? Jo, dann ass dat esou decidéiert.

A mer géifen zum nächste Projet vun eisem Ordre du jour iwwergoen, dem Projet 7106, e Protokoll, deen déi europäesch Konventioun iwwert d'Landschaften ofännert. An den Här Anzia ass scho prett, fir de Rapport ze maachen.

5. 7106 - Projet de loi portant approbation du Protocole portant amendement à la Convention européenne sur les paysages, fait à Strasbourg le 15 juin 2016

Rapport de la Commission de l'Environnement

M. Gérard Anzia *(déi gréng), rapporteur.*- Merci, Här President. Ech probéieren, dat ganz schnell ze maachen. Et ass de Projet de loi 7106, wou mer u sech e Protokoll hunn, deen en Amendement mécht zu enger europäescher Konventioun, an zwar der Konventioun vu Florenz, wou et drëm geet, d'Landschaften ze schützen. De Protokoll oder d'Convention de Florence sollt eng Kooperatioun tëschent europäesche Länner, Partner hierstelle wat d'Gestioun, den Amenagement vun de Landschaften ugeet.

An do soll elo eng Erweiderung kommen. Déi Erweiderung ass dee Protokoll, deen hei virläit. Dat ass de Protokoll vu Stroossbuerg vum 15. Juni 2016, wou u sech déi Kooperatioun soll op Länner ausgedeent ginn, déi ausserhalb vun Europa sinn. Dat ass den Haaptpunkt vun dëser Konventioun.

Ganz kuerz: Den Depot war de 17. Januar dëst Joer. De Conseil d'État huet den 9. Mee säin Avis dozou ofginn, d'Chambre de Commerce den 8. Februar, wou jeeweils näischt weider derzou ze soe war. D'Kommissioun war de 17. Mee zesummen. Du sinn ech nominéiert ginn als Rapporteur. An de 14. Juni ass de Rapport ugeholl ginn, dee jo ganz, ganz kuerz ass.

An zwar ware keng Kommentarer vu jeeweils dem Conseil d'État nach der Chambre de Commerce. An et ass een Article unique, wou mer u sech opgefuerdert ginn, dann eben d'Approbatioun zum Protokoll vum Amendement vun der europäescher Konventioun zum Paysage hei ze ginn.

Ech mengen, dat wier dee ganze Rapport. An ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren. An ech ginn den Accord vun der grénger Fraktioun.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Voilà!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Kann ech dervun ausgoen, dass déi eenzel ageschriwwe Riedner just den Accord vun der Fraktioun wëlle ginn oder ass nach eppes ze soen?

Une voix.- An dem Rapporteur Merci soen.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Genau!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Voilà! Da géif ech dervun ausgoen, dass den Här Marco Schank, den Här Roger Negri, den Här Max Hahn, den Här Kartheiser ebenfalls an den Här David Wagner dem Rapporteur géife felicitéiere fir säin exzellente Rapport an den Accord vun hire Fraktiounen a Sensibilitéite bréngen.

Ass dat esou?

(Assentiment)

Kann ech och dervun ausgoen, dass d'Regierung da frou ass doriwwer?

(Assentiment)

Da géife mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet 7106 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7106 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

Wéi erwaart hu mer 60-mol Jo, keng Abstentiounen, keen Neen. Domat ass de Projet de loi 7106 unanime ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Nancy Arendt), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Félix Eischen), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Marcel Oberweis), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par M. Roger Negri), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam (par Mme Josée Lorsché), Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Sidd Der mat der Dispens d'accord?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

Mir géifen zum nächste Projet iwwergoen, dem Projet 7125, engem Amendement zum Protokoll vu Montreal iwwert d'Substanzen, déi d'Ozonschicht beschiedegen. An d'Wuert huet de Rapporteur, den Här Henri Kox, deen och schonn hei ass.

6. 7125 - Projet de loi portant approbation de l'amendement de Kigali au protocole de Montréal relatif à des substances qui appauvrissent la couche d'ozone, adopté à Kigali le 15 octobre 2016

Rapport de la Commission de l'Environnement

M. Henri Kox *(déi gréng), rapporteur.*- Jo, Merci, Här President. Och hei e ganz kuerze Rapport. Et geet effektiv ëm den „amendement de Kigali", deen u sech de Protokoll vu Montreal ergänzt. Ëm wat geet et an deem Accord vu Montreal? Et geet dorëms, fir d'Ozonschicht ze schützen. Dee Protokoll ass de 16. September 1987 a Kraaft getrueden an huet eben als Haaptzil, fir all déi Elementer, déi d'Ozonschicht attackéieren, ze reduzéieren.

Den Amendement vu Kigali am Ruanda gouf vun 197 Länner ratifizéiert. An et geet drëms, fir ganz kloer déi fluoréiert Kuelewaasserstoffer ze reduzéieren. Wéi eng Stoffer sinn dat? Dat sinn déi Stoffer, déi an de Killaggregater ze fanne sinn, an et ass, fir déi och no an no ze reduzéieren. An et geet drëms, dass doduerch och d'Klimagasen am Allgemengen oder d'Erhéijung vun den Temperaturen doduerch ëm 0,1 Grad bis 2050 respektiv ëm en hallwe Grad bis 2100 reduzéiert kënne ginn.

Wichteg ass ze erwänen, dass dat hei en internationalen Accord ass, dass Lëtzebuerg sech awer ganz kloer engagéiert huet, fir kënnen den Entwécklungslänner, déi oft Problemer hunn, fir dat och technesch ëmzesetzen, ze hëllefen, an dass Lëtzebuerg den Accord ginn huet, en Deel vun deenen 120 Milliounen Euro, déi Lëtzebuerg an de Klimafong gëtt, ze benotzen, fir do aktiv ze hëllefen dat ëmzesetzen. Soudass dat Gesetz hei ganz wichteg och ass.

Vläicht e puer Daten nach zum Gesetz selwer. Et ass deposéiert ginn de 24. Mäerz 2017. Den Avis vum Statsrot, deen näischt dozou gesot huet, ass den 23. Mee publizéiert ginn. D'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers hunn och en Avis ginn, den 28. an den 12. Mee (veuillez lire: den 12. Mee respektiv den 28. Abrëll). An ech selwer gouf den 31. Mee 2017 als Rapporteur bestëmmt. D'Kommissioun huet dëse Rapport ugeholl de 14. Juni 2017.

An ech ginn dervun aus, dass Der hei och eng breet Zoustëmmung zu dësem Accord wëllt ginn, an ech bréngen da gläichzäiteg den Accord vun der grénger Fraktioun fir dëse wichtegen Amendement iwwert de Protocole de Montréal mat.

Merci.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet den Här Oberweis.

Discussion générale

M. Marcel Oberweis *(CSV).*- Här President, léif Frënn, Dir Dammen an Dir Hären, Madamm Ministesch, wann een iwwer Ëmwelt heibanne schwätzt, soll een awer wéinstens e puer Sekonne verweile bei Sujeten, well aner Saache ginn oft esou séier ofgemaach, mä iwwert d'Ëmwelt ass et derwäert, dass mer driwwer schwätzen!

(Brouhaha)

Ech soen dem Henri Kox Merci fir säi Rapport, lénks a riets, mëndlech a schrëftlech.

Ech hunn nach e puer Bemierkungen awer zu dësem Gesetzestext. Et geet jo hei drëm, dass déi FCKWen, déi sougenannt Hydrofluorocarbonen, duerch dëse Kigali-Amendement op der Montrealer Konferenz (veuillez lire: zum Montrealer Protokoll) vu '87 aus der Atmosphär erausgeholl ginn. Et ass jo awer erstaunlech, dass am Joer '87 op der ganzer Welt deen Accord séier fonnt ginn ass. Firwat? Ma well mer alleguerten eis bewosst ware '87, dass duerch déi Ozonschichtverdënnung iwwert dem Nordpol Hautkriibs géif kommen. An dat betrëfft jo net nëmmen déi Leit an Afrika, mä dat betrëfft jiddwereen! An domadder ass eben dann deemools ganz séier deen Accord fonnt ginn. Et ass ee vun den effikassten Accorden, dee geholl ginn ass.

D'Konsequenz dervun ass déi, konnt een noliesen, dass ee mëttlerweil ka soen, dass zwou Millioune Mënschen an der Welt manner vun Hautkriibs befall ginn, Tendenz och da steigend.

Et soll och domat bedéngt ginn, dass d'Erhéijung vun der Atmosphärentemperatur ëm 0,5 Grad Celsius reduzéiert soll gi bis 2100, an dat an der Limitt vun 1,5 Grad Celsius nom Paräiser Klimaprotokoll.

Leider gëtt et awer och e Wermutstropfen dran. Déi Drëps ass ganz einfach, dass d'Delaien ze laang sinn. Et gëtt am Amendement vu Kigali geschwat vu bis 2040 - dat ass nach laang bis dohinner -, do gëtt versicht, dass de Verbrauch vun HFCen ëm 15% bis 20% manner soll sinn ewéi haut. An nach ëmmer ginn dann awer HFCen an d'Atmosphär geblosen.

Et ass och festgehale ginn, dass déi Reduktioun vun den HFCen duerch finanziell Zouwendungen aus dem Fonds multilatéral bei der UNO erreecht gëtt. Eist Land bedeelegt sech och, wéi gesot, am Kader vu sengen 120-Millioune-Projet do mat drun.

Mä d'Fro awer ass déi: Wéi héich ass dann déi Enveloppe, déi mir do eraspeise genau fir dësen Domän, bei den Entwécklungslänner, fir esou schnell aus den HFCen erauszefannen? Mir musse jo bedenken, dass China an Indien nach monter do weiderproduzéieren!

No Aussoe vun der UNO, an dat ass dat Batterst dobäi, wann ech dat noliesen, fléissen nëmme 5% vun alle bereetgestallte finanzielle Mëttelen am Rame vun dëse ganze Klimawiesselen an déi afrikanesch Länner - nëmme 5%! -, wou awer deemnächst wäerten zwou Milliarde Mënsche liewen.

Dofir ass meng Fro déi: Wär et net besser an deem heite Fall, mir géifen direkt dës Enveloppe dann net an dat Dëppe werfen, mä au contraire un ons fënnef Zillänner ginn: Mali, Burkina Faso, Niger, Senegal an de Cap-Vert?

An eng zweet Fro, Madamm Ministesch, do hunn ech de Mëtten nogelies gehat iwwer eng Etüd aus Amerika: An deem Montrealer Accord, an deem Vertrag, an och am Kigali-Amendement gëtt iwwerhaapt net iwwert den Dichlormethan geschwat. Deen ass guer net dran! An d'Wëssenschaftler soen awer, wann deen net gestoppt gëtt - et gëtt jo ëm eng Millioun erausgeblosen, Tendenz steigend -, dann dierft d'Schléisse vun der Ozonschicht ëm 30 Joer verlängert ginn. Dat heescht, alles, wat mer haut maachen, fir d'HFCen erauszekréien, gëtt mat dem Dichlormethan no hanne gedréckt.

Dat gesot an déi Froe gestallt, soen ech Merci an ech bréngen och den Accord vun der CSV eran.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Oberweis. Den Här Negri huet d'Wuert.

M. Roger Negri *(LSAP).*- Merci Här President. Ech wëll och dem Rapporteur Henri Kox e grousse Merci soen an den Accord vun eiser Fraktioun ginn. Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Den Här Hahn, wann ech gelift.

M. Max Hahn *(DP).*- Ech géif mech deem uschléissen a ginn och heimat den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei a soen dem Rapporteur och Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Den Här Kartheiser huet d'Wuert.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Jo, Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, och fir d'Éischt e grousse Merci un den Här Kox fir säi Rapport.

Ech mengen, et ass ganz interessant, fir eng Kéier kuerz anzehalen an nach eng Kéier iwwert déi Zuelen nozedenken, déi mer hei offréiert kruten. Wa mer dat hei ëmsetzen - an d'ADR stëmmt et mat, well mer eis jo prinzipiell och zum Schutz vun der Atmosphär bekennen an et och gutt fannen, datt d'Ozonschicht geschützt gëtt -, mä loosse mer awer emol nach eng Kéier nodenken iwwert d'Effikassitéit vun dësem Accord.

Hei gëtt gesot, wann en ëmgesat gëtt, also an deene beschtméigleche Konditiounen, spuere mer oder kënne mer verhënneren 0,1 Grad bis 2050. Dat ass awer ënnert deene Konditioune gewiescht - an dat steet och esou dran -, ier d'Amerikaner decidéiert hunn, aus dem Paräiser Accord erauszeklammen. Dat sinn 32% vun de Weltemissiounen am CO_2. Bei dësen Emissioune wäert et sech an äänleche Gréisstenuerdnungen och verhalen, soudatt mer hei schwätzen, ënnert deene beschtméigleche Konditiounen, vun engem Ënnerscheed an der Temperatur bis 2050 vun 0,07 bis 0,08 Grad Celsius.

Wat ass weltwäit, wat kann dobäi de Bäitrag si vun enger Agglomeratioun wéi Lëtzebuerg, vun ongeféier 600.000 Leit, am weltwäite Volume vun den Ausstéiss? Do si mer bei 0,00000001 dorëmmer! Ech mengen, däers muss ee sech einfach bewosst sinn, wann een déi Zuelen hei kuckt, wat eisen Apport ass: weltwäit praktesch näischt! An den Effet vun dësem Accord op d'Erhëtzung ass och praktesch net méi ze moossen. En ass schonn iergendwou am Beräich vun de Klimaschwankungen normal, oder och vun dem Iertum am Moossen, zumools wann ee weess, wéi schwaach eigentlech déi Donnéeë sinn, op déi sech dacks beruff gëtt, a wéi iwwerflächlech op verschiddene Kontinenten déi Donnéeë gesammelt ginn an da verwäert an un d'UNO virugi ginn. Do sinn nach enorm Defiziter.

Ech mengen, dat muss een einfach wëssen, wann een dat heite beuerteelt, wat wierklech den Impakt vun esou engem Accord ass wéi deem heiten. Obscho mer näischt dergéint hunn, wéi gesot, mä et soll ee sech däers awer bewosst sinn.

Nach zwou Froen un d'Madamm Minister, wa mer scho vum Ozon schwätzen:

Mir hunn, wann d'Wieder ganz waarm ass, jo och Limitatioune vun de Vitessen op de Stroossen duerch d'Ozonbelaaschtung. Mä gëtt et eng Miessung, déi wierklech den Zesummenhang tëschent der Reduzéierung - hei am Land, schwätzen ech - vun der Vitesse op der Autobunn an der Reduzéierung vun der Ozonbelaaschtung hierstellt?

Mir hunn näämlech hei am Land wahrscheinlech nach ëmmer net, an dat ass meng Fro un d'Madamm Minister, een direkte Lien tëschent den anthropogenen Ozonbelaaschtungen oder Ofgasen a verschiddene Ballungszentre wéi Esch oder der Stad an de Miessstatiounen zu Beidler an zu Veianen, wou biogen, volatill Precurseure vum Ozon gemooss ginn, déi allerdéngs vollkommen natierlech sinn an eben och net kënnen duerch de Verkéier oder eng Limitatioun vum Verkéier direkt betraff ginn. Dofir, wéi effikass sinn dann eigentlech déi Vitesselimitten op den Autobunnen? Sinn déi wierklech an deem Sënn effikass a justifiéiert? Do wär et interessant, eng Kéier d'Positioun vun der Regierung ze héieren.

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Ginn et keng weider Wuertmeldungen?

(Négation)

Dann huet d'Madamm Ëmweltministesch d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

Mme Carole Dieschbourg, *Ministre de l'Environnement.*- Här President, Dir Dammen an Hären Deputéiert, ech hat u sech net vir, nach eng Kéier zu dësem Projet ze schwätzen, well ech gemengt hat, dass mer eis alleguer eens wären hei am Haus, an ech mengen awer, dass ech richteg héieren hunn, dass jiddwereen dermat d'accord ass, dass mer eis alleguerte fir de Klimaschutz asetzen. Dat heiten ass de Kigali-Amendement zum Montreal-Protokoll. De Montreal-Protokoll, dee sech mam Ozon beschäftegt, dësen hei (veuillez lire: an de Kigali-Amendement), dee sech mat fluorizéierenden Zäregaser beschäftegt, ass an der Dynamik vu Paräis entstanen. An zwar an der Optik, dass dat heiten e Feld ass, wou mer vu Killanlage schwätzen, déi mer schnellstméiglech reduzéiere sollten, wou mer natierlech ënnerschiddlech Startpositiounen hunn, esou wéi mer et an anere Beräicher och hunn. Mir hunn eng jett Länner, déi eréischt um Komme sinn, wou et awer definitiv méi Besoin ginn ass, fir do Killanlagen anzesetzen, a wou mer versichen, no an no eisen Job ze maachen an déi ze reduzéieren, fir dass mer awer bis 2050 eng Reduktioun vun 0,1 Grad hunn a bis 2100 vun 0,5 Grad.

Wat awer, wa mer kucken, wéi mer musse reduzéieren, e Bäitrag ass fir de Klimaschutz. A wa mer dat heiten net gemaach hätten... Sécherlech sinn d'Europäer ëmmer méi ambitiéis, mä et ass en Amendement zu engem Protokoll, wou mer jiddweree weltwäit mat op de Wee huelen. Dofir wëllt Lëtzebuerg jo och hëllefen. An dofir hu mer direkt och nach zu Kigali gesot: Mir wäerten eis Responsabilitéit iwwerhuelen a sécherlech am Kader vun dësen Aktiounen eise Partnerlänner, an do wende mer - an dat awer als Äntwert och nach op d'Fro, déi koum - natierlech déiselwecht Kritären un, wéi mer och an der Klimafinanzéierung usetzen, well dat heiten ass Klimafinanzéierung konkret mat eise Partnerlänner um Terrain, do, wou mer och den Know-how hunn, do, wou mer den Zougang hunn, genau déi Regiounen ze ënnerstëtze mat Projeten, wéi mer hei kënne méiglechst schnell agéieren, fir ebe grad déi fluorizéierend Zäregaser erauszekréien. Ech mengen, dat ass awer e wichtege Bäitrag, dee mer hunn.

An ech mengen awer och, dass all Mesuren, déi mer maachen, fir de Verkéier ze reduzéieren, méi flësseg ze maachen op den Autobunnen, zum Beispill duerch eng Reduktioun vun der Vitesse méi flësseg ze maachen, wichteg sinn a manner als Aschränkung solle gesi gi wéi als Bäitrag, dee jiddweree soll leeschten, fir ebe grad déi negativ Effete vun eisem Wirtschaften an ënner anerem vun eisem Transport, deen doduerch entsteet, ze reduzéieren.

Ech mengen, dass ee sech sécherlech nach eng Kéier separat kann iwwert déi eenzel Mesuren ënnerhalen. Mir hunn elo ganz rezent d'ailleurs jo och nach eng Kéier e Loftqualitéitsprogramm erausginn. Mir wäerten och selbstverständlech weider doriwwer informéieren. Dir wësst et, mir informéieren ëmmer iwwer ze héich Ozonwäerter. An eng vun deene Mesuren, déi awer definitiv eng Fluiditéit bréngt an eng gewësse Reduktioun, ass awer d'Erofsetze vun der Vitesse op den Autobunnen. An ech mengen, dass mer do kengem op d'Féiss trëppelen, wa mer déi Mesure huelen, déi d'ailleurs och an anere Länner op dëser Welt als gutt empfonnt gëtt.

Ech soen Iech Merci.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och der Madamm Ëmweltministesch.

A mir géifen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7125 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7125 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss: 60-mol Jo. Unanimitéit.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Laurent Mosar), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Nancy Arendt), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par Mme Cécile Hemmen), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Lex Delles), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam (par Mme Josée Lorsché), Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vott unzefroen?

(Assentiment)

Merci. Da froe mer déi un. An dat ass dann esou decidéiert.

A mir géifen dann zum nächste Projet iwwergoen, de Projet 7088, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Loftverschmotzung. An d'Wuert huet erëm de Rapporteur, den Här Henri Kox.

7. 7088 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 21 juin 1976 relative à la lutte contre la pollution de l'atmosphère

Rapport de la Commission de l'Environnement

M. Henri Kox *(déi gréng), rapporteur.-* Merci, Här President. Et schléisst u sech un dat un, wat mer virdrun diskutéiert hunn. Hei geet et ëm d'Gesetz vum 21. Juni 1976, wat amendéiert gëtt, eben, wéi gesot, iwwert d'Loftqualitéit. An et betrëfft haaptsächlech d'Bensinner, also d'Carburanten, den Diesel wéi de Bensinn an awer och d'Biocarburanten, wéi déi genannt ginn. An et ass eng Applikatioun oder Emsetzung vun enger Direktiv 9870/CE, déi an dësem Gesetz verankert gëtt. An et geet an där Direktiv haaptsächlech drëms, eben och eng Reduktioun vun den Zäregase vun deene Carburante virzegesinn an dat ëm 6% bis 2020.

Déi Direktiv ass zwar schonn ëmgesat ginn, awer an engem Règlement grand-ducal. An hei geet et drëms, dat an dat Gesetz ze integréieren. Firwat an dat Gesetz? Ma an deem Gesetz ginn awer heimadder d'Sanktioune festgeluecht, fir wann ee sech net dorun hält. An Dir kennt jo déi Geschicht ëm d'Biodieselen a Biogate, ech wëll do net op déi Detailer agoen, mä hei gëtt dat an d'Gesetz integréiert, dass éischtens Sanktioune kënne gemaach ginn. A wann ee vu Sanktioune schwätzt, Ämenden, da muss een awer och deemjéinege Rekursméiglechkeete ginn. An dat gëtt dann och mat engem Amendement entspriechend verankert.

An déi zweet Saach ass natierlech och, fir d'Recherche, fir festzestellen, ob ee sech net drun hält, och méi breet opzemaachen, gëtt hei adaptéiert, dass och eng Ëmweltgewerkschaft sech deem uschléisse kann an och ebe kloe kann, wann ee sech net dorunner wëllt halen. An dofir ass et eng Ëmännerung vun dem Gesetz vum 21. Juni 1976.

De Statsrot hat eng Rei vu Remarquen, ënner anerem och eng Opposition formelle, insbesondere well d'Definitioune vun deenen eenzelne Carburanten net eendäiteg genuch waren. An déi sinn dann och entspriechend agefloss, soudass mer eng zweet Navette gemaach hunn, oder eng éischt Navette mam Statsrot, fir eben déi Klarifikatiounen am Gesetz festzehalen.

Déi zwou Chamberen, d'Chambre des Métiers, mengen ech, d'Chambre des Métiers huet en Avis ginn, an deem u sech näischt inhaltlech zum Gesetz gemaach gouf.

D'Gesetz selwer gouf de 7. November 2016 deposéiert. Wéi gesot, de Statsrot hat eng éischt Remarque, dofir déi Opposition formelle. Déi hu mer do kënnen änneren. De 15. Februar 2017 gouf ech als Rapporteur bestëmmt. Den 2. Avis vum Statsrot koum de 24. Abrëll 2017. An et ass nach eng zweet Navette gemaach ginn, effektiv, fir dat alles ze klarifiéieren, wat de Statsrot wollt hunn. An deen ass den 13. Juni 2017 komm. An den 21. Juni hu mer dëst Gesetz eenheetlech, also unanime an der Kommissioun ugeholl. An ech géif dann och hei den Accord vu menger Fraktioun zu dëser Gesetzesännerung bréngen. Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet elo den Här Oberweis.

Discussion générale

M. Marcel Oberweis *(CSV).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Madamm Ministesch, och elo erëm eng Kéier dem Henri Kox Merci fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport.

Wéi e gesot huet, ass dëse Projet de loi erëm eng Kéier e Stéckelche Bausteng an enger verbesserter Ëmwelt- oder Loftqualitéit. Dat ass ze begréissen a vun alle Bänke gëtt dat jo och gemaach.

Mä maache mer ons awer keng Illusiounen! D'Zuel vun de Gefierer am Verkéier wiisst bestänneg, siefen dat PKWe wéi LKWen. Hei an och an der drëtter Welt oder an de Schwellelänner, dat ass ganz kloer. Et gëtt méi Bensinn, méi Diesel verbraucht an domadder klammen awer weltwäit d'Emissioune vun Dreifhauseffekter.

Ee Véierel vun allen CO_2-Emissioune gëtt dem Verkéier zougeuerdnet. An de Weltklimarot huet a sengem Paper d'lescht Joer gesot, si schätzen eng Verduebelung bannent 30 Joer. Awer net nëmmen den CO_2 ass ee vun den Dreifhausgasen, déi mer musse bekämpfen, vill méi schlëmm ass och nach de Stéckstoff. Dat ass zwar keen Thema heivun, ech wëll just derbäi verweilen, dass mer net vergiessen, dass dat alles konnex ass am Verkéier.

Oft läit dee Wäert wäit iwwert dem Seuil vu 40 Mikrogramm pro Kubikmeter, an d'Weltgesondheetsorganisatioun schreift dat jo esou vir. Si wëllt de Wäert souguer erofsetzen. An engem rezenten Artikel konnt ech liesen, dass d'NOx-Emissioune vun den neien Dieselmotore mat der Euronorm 5 méi héich si wéi déi vun der Euronorm 4. D'Fro ass déi: Wou ass d'Entwécklung do higaangen?

De Grenzwäert läit momentan bei 80 Milligramm pro Kilometer. An a Wierklechkeet, wann ech emol heiansdo esou eng Autoszeitung an de Grapp huelen, stellen ech fest, bis zu 1.000 Milligramm pro Kilometer gëtt do ausgestouss, wäit iwwert dem Seuil, deen erlaabt ass.

Dat gesot, wollt ech awer op ee Punkt an dem Exposé des motifs hiweisen, dee mech awer interpelléiert huet. Et geet iwwert de Rekurs vun de Biocarburanten, mat deenen d'Fournisseuren d'Zil vun de 6%, déi den Henri Kox ugesprach huet, erreeche sollen. Et gouf heibanne schonn ëfters iwwer Biocarburante vun der éischter an der zweeter Generatioun geschwat. Mir waren ons deemools eens, déi éischt Generatioun kéint et jo wuel net sinn, well dat sinn d'lesswueren an den Tank gestach, an dat kann, wann ech déi Millenniumgoals 2030 kucken, jo wuel net goen, dass mer lesswueren huelen, fir an den Tank ze stiechen.

Awer bei der zweeter Generatioun, do ass momentan e massiivt Uklamme vun dem Uplanze vu Palmuelech. Als Konsequenz ginn et Länner wéi Indonesien a Malaysia, do ginn et riseg Flächen, gréisser wéi Benelux, déi ofgebrannt ginn, ofgeholzt ginn, fir do ganz einfach Palmuelechplanzen ze setzen. Net nëmme verléieren d'Mënschen do hir Heemecht, mä och d'Déieren, ech denken un den Orang-Utan, dee jo op der Verléierersäit steet, hu keng Chance méi. Den Afloss op déi regional Biodiversitéit hëlt erschreckend Moossen un. Op eng schänterlech Aart a Weis gëtt vun de Länner, déi ons hei de Wee wëlle weisen, notamment der USA a China, riseg Lännereien iwwert de Land Grabbing geholl an da ginn d'Leit verdriwwen an dorop ginn da sougenannte Palmueleche gesat. Mëttlerweil si mer bei 57 Milliounen Hektar, Tendenz klammend.

A wat nach vill méi erschreckend ass, wann ee liest, an do war, dass do Kanneraarbecht gemaach gëtt, dass Kanner agesat ginn op de Plantagen an d'Kanner gi bespréit mat dem Herbicide Paraquat. Déi stierwen ons do ewech, mä mir fueren hei monter mat Autoe weider an hannerfroen dat net.

Et gëtt mëttlerweil scho gutt Usätz. Gott sei Dank nëmmen huet de WWF sech elo do responsabel gezeechent an huet de ronnen Dësch fir eng nohalteg Palmuelechproduktioun ageruff, den RSPO.

Meng Fro dann un d'Madamm Ministesch, eng ganz kleng Fro: Wellech Garantien hu mir dann iwwerhaapt, dass mir hei am Land mat zertifizéiertem Palmuelech iwwer ons Fournisseure beliwwert ginn, déi jo ausserhalb dem Land sinn, Rotterdam a weess Gott wou, an déi ons de Carburant an d'Land bréngen?

De beschte Wee ass - maache mer ons näischt vir heibannen! - de Wee iwwert déi douce Mobilitéit, wa mer net méi wéilte fueren. Mä leider gëtt nach gefuer. Mä an engem Land, wou et 700 Autoen op 1.000 Leit gëtt, ass dat a mengen Aen e schwieregt Unterfangen.

Merci fir d'Nolauschteren an ech bréngen den Accord vun der CSV an.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci och. Dann huet d'Wuert den Här Roger Negri.

M. Roger Negri *(LSAP).-* Villmools Merci, Här President. Och e grousse Merci un eise Rapporteur Henri Kox.

Als LSAP si mer frou, dass een elo gesäit, dass jo en Ëmschwong kënnt vum Diesel op de Bensinner, wat effektiv eis Ëmwelt nach vill méi schount, an zemools mat dësem Gesetz gëtt dat jo ënner Strof gesat. Dofir gi mer och domadder den Accord vun eiser Fraktioun. Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci. Da wär et um Här Hahn.

M. Max Hahn *(DP).-* Ech kann et och ganz kuerz maachen. Merci dem Rapporteur an ech ginn den Accord vun der Demokratescher Partei.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci. Dann den Här Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).-* Här President, villmools Merci. Och Merci un den Här Kox fir säin, mengen ech, zweete Rapport de Mëtten.

Une voix.- Drëtten.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).-* Den drëtte schonn!

Et ass fir eis e Gesetz, wat mer gär géife matstëmmen, wann et hei just ëm de Schutz vun der Atmosphär géif goen, also ëm d'Reduktioun vu Schadstoffer an den Treibstoffer. Mä déi Analys eleng gräift ze kuerz.

Et sinn eng Rei Aspekter, déi ee muss kucken. Dat Éischt ass natierlech duerch déi nei Donne an der internationaler Klimadiskussioun. Ebe well d'Amerikaner erausginn, stellt sech och d'Fro vun der Kompetitivitéit am Transportsecteur nei an notamment am Lofttransport. Mir mussen also kucken an den Diskussiounen, déi mer an der nächster Zukunft, an den nächste Jore féieren, wéi eng Länner sech nach zu wéi engen Ziler eventuell engagéieren a wéi eng Konsequenzen dat huet an deene Beräicher, wou mir e kommerziellen internationalen Interessi hunn, fir do eng konkurrenziell Situatioun kënnen ze erhalen.

Dat Zweet ass, et ass e ganz strengt Gesetz. An e Reflex, dee mer ëmmer erëm feststellen, dat ass, datt eng Tendenz besteet, zemools am Ëmweltberäich ganz besonnesch streng ze sinn. Och mir sinn der Meenung, et sollt ee streng sinn. Mä ech wëll an e puer Wierder erklären, datt et och Grenze gëtt.

Éischtens gëtt emol hei de Code de procédure civile an deem Sënn ëmgeännert, datt net d'Douane soll Strofen anzéien, mä direkt den Enregistrement. An et ass och en Automatismus bei Strofen, dat ass och eppes, doriwwer kann ee laang philosophéieren. Mä ech wëll hei just feststellen, datt relativ héich Strofe relativ séier automatesch verhaange ginn. Och dat ass eppes, wat mech als Bierger a priori net begeeschtert.

Mä eisen Haaptproblem bei dëser Diskussioun, wéi dacks am Ëmweltberäich, ass, datt mir als ADR keng parallell Justiz wëllen, keng parallell Police, kee parallelle Parquet. An dat ass awer ëmmer méi an deenen Ëmweltgesetzgebungen, wou d'Baueren dacks betraff si mat besonnesch strenge Kontrollen, wou Dag an Nuecht kënnen Installatioune besicht ginn, souguer den Domizil ka besicht ginn. An de System ass eigentlech ëmmer, datt d'Membere vun der Administration de l'environnement de Statut vum Officier de police judiciaire kréien, wéi och an dësem Gesetz, wou d'Kadere vun der Kategorie A1 an A2 dee Pouvoir kënne kréien. An da kënne se Dag an Nuecht déi Installatioune besiche goen, inklusiv les locaux réservés à l'habitation, den Domizil, vun hallwer siwe moies un. Ass dat néideg?

Éischtens, wann et onbedéngt néideg ass, géif et jo duer, wann d'Police dat géif maachen, eventuell mat enger spezieller Formatioun an opgrond vun engem Mandat. Musse mer all Kéiers der Ëmweltverwaltung déi do Pouvoire wierklech ginn? Geet net eng Police mat där néideger Formatioun, deem néidege Personal duer, fir dat ze maachen?

An och mam Parquet muss ee sech eng Kéier iwwerleeën, ob mer déi Evolutioun, déi mer an deene leschte Joren haten, fir bei den ONGen eigentlech ëmmer zouzeloossen, fir kënne Plainte ze féieren, ob dat haut nach justifiéiert ass. Fréier, a mir hunn dat och esou gesinn, wor et vläicht wichteg, fir e gewëssenen Drock an der Ëmweltpolitik ze maachen, well net jiddwereen dat eescht geholl huet. An da war et gutt, fir och den Ëmweltschutzorganisatiounen e gewëssene Rôle ze ginn. Haut ass dat anescht. Haut ass dat anescht, well all politesch Partei sech zum Ëmweltschutz bekennt, well e grousst Bewosstsinn an der Ekonomie bei alle Partner ass, datt dat wichteg ass, datt et muss gemaach ginn.

An et steet am Gesetz eppes, wat interpelléiert. De Ministère public, also de Parquet, souguer wann en d'Totalitéit vun deenen Interessie soll verdeedegen, déi hei am Gesetz enumeréiert sinn - esou steet et wuertwiertlech dran, d'Totalité vum Intérêt social gëtt ofgedeckt duerch de Ministère public -, gi mer trotzdeem nach den ONGe Pouvoiren, fir kënne Plainte ze féieren. An do stellt sech d'Fro, genausou wéi mat de Pouvoire vun de Membere vun der Administration de l'environnement mat Polizeirechter, ob mer dann net sollte mat engem Parquet zefridde si vu Spezialisten, vu Juristen an ophalen, fir parallell Parqueten oder parallell Institutiounen do anzeféieren.

Besonnesch um Häerz läit ons als LSAP, an dat hu mir vun Ufank un ëmmer betount, dass d'Bierger, an d'Bierger alleguerten, hir Rechter garantéiert kréien. An dat esou schnell wéi méiglech. Dobäi handelt et sech näämlech net ëm eng abstrakt Verhandlungsmass, mä ëm ganz konkret Eenzelschicksaler. Dofir begréisse mer, dass d'Europäesch Unioun wéi och d'UK sech alle béid dofir ausgeschwat hunn, dës Fro direkt an der éischter Verhandlungsronn ze behandelen.

D'Premierministesch Theresa May huet viru Kuerzem hire Positiounspabeier virgeluecht, wéi d'Rechter vun den EU-Bierger a Groussbritannien an Zukunft solle geregelt ginn. Am Virfeld hat si versprach, dass et eng generéis Offer

sollt sinn. Entre-temps gëtt nach vun enger fairer Offer geschwat. Mä déi Offer enthält awer wesentlech Knackpunkten, déi d'Offer guer net esou fair erschénge loossen. Et gëtt zwee grouss Knackpunkten, an dann eng ganz Rei klenger, wou den Däiwel, wéi esou oft oder wéi ëmmer, am Detail läit.

Déi grouss Knackpunkte sinn: Éischtens, d'Europäesch Unioun wëllt de sougenannte „Cut-off date", also deen Datum, vun deem un déi zukünfteg nei Regele solle gëllen, sou spéit wéi méiglech leeën, op den Datum vum definitiven Austrëtt vu Groussbritannien aus der Unioun. D'UK dogéint wëllen dësen Datum scho vill éischter usetzen, soudass manner EU-Bierger a Groussbritannien dervu profitéiere kënnen. Allerdéngs huet d'Madamm May an hirem Pabeier dësen Datum nach net präziséiert, soudass nach Verhandlungsspillraum bleift.

Awer un dësem grousse Knackpunkt hänken och eng Rei wichteg Detailfroen. Sou mussen, laut der Madamm May hirer Propos, EU-Bierger virun dësem Datum fënnef Joer ouni Ënnerbriechung am UK gelieft hunn, fir definitiv och kënnen dozebleiwen. Ma do stelle sech wichteg Froen: Wat bedeit „ouni Ënnerbriechung" zum Beispill fir Studenten, déi direkt nom Studium fir e puer Méint doheem waren an dann zréckkommen, fir a Groussbritannien ze schaffen? Ginn d'Studiejoren dann net méi ugerechent? A wa mer wëssen, dass et a Groussbritannien keen nationale Register gëtt, stellt sech och d'Fro, wéi een déi fënnef Joer Residenz beweise kann, zum Beispill, wann een als selbststännegen Entrepreneur geschafft huet?

Deen zweete wichtege Knackpunkt betrëfft déi iewescht Juridictioun, déi iwwert d'Rechter vun de Bierger waache soll. Fir d'Europäesch Unioun ass et eng kloer Linn, dass dëst den Europäesche Geriichtshaff ass an och bleiwe soll. Mä fir Groussbritannien kënnt dat anscheinend net a Fro, vu dass si sech jo an alle Beräicher vun der Juridictioun vum Europäesche Geriichtshaff wëlle lassléisen. Dëst gëtt also e wichtege Punkt an de Verhandlungen, wou mer haut nach net wëssen, wéi d'Léisung konkret soll ausgesinn.

Ech soen et nach eng Kéier: All dës Froe sinn net abstrakt, mä betreffe konkret Mënscheliewen. Si betreffen zum Beispill déi 6.100 Britten, déi hei zu Lëtzebuerg liewen a schaffen, a si betreffen och déi ronn 600 Lëtzebuerger, déi a Groussbritannien hiert Brout verdéngen. A si betreffen awer virun allem déi 1.200 Lëtzebuerger Studenten, déi haut op enger Universitéit a Groussbritannien studéieren.

Wann ech grad un eis Jonker denken, fannen ech et besonnesch besuergniserreegend, dass d'Madamm May an hirem Pabeier kee Wuert iwwert d'Zukunft vum wichtege Programm Erasmus gesot huet an dass et laut dësem Pabeier och kéint sinn, dass eis Studenten an Zukunft guer kee preferéierten Zougang méi zu den Unien a Groussbritannien kréien, an doduerch och nach vill méi héich Studiegebüre bezuele missten, an eventuell souguer e Visa bräichten, fir hire Studium weiderzefëieren.

Dofir maachen ech e waarmen Appell, dass d'Rechter vun de Studenten net vergiess ginn a sech fir si eng Léisung fënnt. Et kann a kengem sengem Interessi sinn, eise Jonken den Austausch an déi kulturell Erfahrungen ze erschwéieren.

An dësem Dossier gëtt et also eng ganz Rei Froen ze klären, wichteg Froen am Interessi vun de Leit. A mir wäerten dofir als LSAP d'Entwécklungen op dësem Punkt genau verfollegen.

Ech kommen zu mengem leschte Punkt, de Grenzen. Duerch den Austrëtt vu Groussbritannien aus der Europäescher Unioun entsteet jo, wéi mer all wëssen, eng nei EU-Baussegrenz, an dat ausgerechent tëschent der Republik Irland an Nordirland. Et ass schued, dass d'Situatioun vun Nordirland am Virfeld vum Referendum am Rescht vu Groussbritannien esou wéineg thematiséiert gouf, dass d'Konsequenzen op Nordirland am Virfeld quasi keen Thema waren, och wa vereenzelt probéiert gouf, dorop hinzeweisen.

Ech erënneren an deem Kontext och drun, dass d'Nordiren majoritär géint de Brexit gestëmmt hunn. Déi Grenz ass jo net iergendeng Grenz, mä et ass eng Grenz, wou et jorzéngtelaang zu ville bluddegen Ausenanersetzunge koum, an dat ass nach alles net esou laang hier. Et ass eng Grenz, wou nach bis an d'1990er Joren eran d'IRA Bomme geluecht huet an Attentater verüübt huet, wou mam „Good Friday Agreement" eréischt 1998 e politeschen Accord fonnt gouf, en Accord, deen duerch déi momentan Ereegnisser nees ënner Drock geréit.

Dass de Brexit géif Auswierkungen op dëst Gebitt hunn, war klor, och wann no dem Referendum relativ schnell d'Aussoe koumen, dass d'Grenz tëschent Irland an Nordirland e spezielle Status sollt kréien. Mä duerch den Accord, deen d'Tories an d'Theresa May no dem Wahldebakel vum 8. Juni mat der DUP geschloss hunn, geréit dëse „Good Friday Agreement" zousätzlech ënner Drock.

Et muss ee wëssen, dass e wesentleche Bestanddeel vum „Good-Friday-Agreement" virgesäit, dass de Pouvoir an Nordirland tëschent Protestanten a Katholiken, tëschent Unionisten a Republikaner gedeelt muss ginn, an dass d'Regierung zu Westminster sech dëse Parteie géintiwwer neutral verhält. Andeems d'Theresa May en Accord mat der DUP ageet, brécht si dësen Accord a riskéiert carrement de Fridden an Nordirland. Dat soen net ech, mä dat ass eng Ausso vum John Major, dem fréiere Premierminister vun den Tories, deen eng ganz zentral Roll gespillt huet bei deene Friddensgespréicher an den 1990er Joren.

Et geet hei ëm villes. Mir kënnen net riskéieren, dass et zu neien Ausbréch vun europäeschem Terrorismus kënnt, well eng konservativ Premierministesch falsch taktéiert huet an hir absolutt Majoritéit verluer huet.

Mä wéi kann de Status vun dëser Grenz herno praktesch ausgesinn? Ëmmerhin ass ee sech um politesche Prinzip tëschent alle Parteien eens, vun DUP an Tories iwwer Irland an déi aner EU-Länner. Fir d'Fro vun der Ausféierung ze klären, gouf bei der Europäescher Unioun elo en „high level group" zesummegesat, dee verschidden Zeenarien um techneschen Niveau virbereet. Vu dass Irland Deel vun der Zollunioun a vum gemeinsame Maart ass, muss et an Zukunft bestëmmte Kontrolle vun de Wueren erlaaben, fir dass do och Abuse verhënnert ginn. Et ginn hei scho Beispiller an der Praxis, esou zum Beispill un der Grenz tëschent Norwegen a Schweden, un deenen ee sech kéint orientéieren. Hoffe mer, dass déi do Verhandlunge positiv ausginn!

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, bei den Austrëttsverhandlunge mat Groussbritannie läit de Ball net an eiser Hand. Mir hunn de Ball fräiwëlleg un d'EU weidergereecht a mir erliewe grad, dass dëst eng gutt Decisioun war. Dofir sollte mer eis Punkten innerhalb vun der EU promouvéieren an d'Verhandlunge verfollegen, mä mir sollen an dierfen net probéieren, eis vun de gemeinsame Positiounen ze entfernen, well dobäi géife mer am Endeffekt nëmme verléieren.

Zum Ofschloss wëll ech nach eng Kéier als President vun der aussen- an europapolitescher Kommissioun de concernéierte Regierungsmembere Merci soe fir hir Bereetschaft, ëmmer an d'Kommissiounen ze kommen, fir eis ze informéieren, besonnesch dem Ausseminister Jean Asselborn, deen, wéi gesot, an de CAG geet, dee Conseil, dee sech zu Bréissel mam Brexit beschäftegt.

Dofir soen ech lech alleguerte Merci, och fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Angel. An den nächste Riedner ass den Här Eugène Berger fir d'DP.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Merci, Här President. Ech wéilt och direkt ugangs dem Fraktiounskolleeg, dem André Bauler, Merci soe fir seng gutt Initiativ. Hien huet och hei op dëser Plaz ausféierlech, ganz ausféierlech, wéi mer dat vun him gewinnt sinn, dee ganze Volet vun der Place financière behandelt. Ech wäert also elo an der Suite net méi speziell dorobber agoen, vläicht eng oder zwou Remarquen derzou maachen.

Ech wéilt awer och op där anerer Säit dem Laurent Mosar Merci soen, datt mer hei d'Geleeënheet kréien, fir och kuerz iwwert d'Feuille de route - mir nennen dat elo ëmmer op Franséisch, fréier hu mer esou Saache „Roadmap" genannt, mä ech huelen un, datt mer et elo aus eisem Bléckwénkel kucken -, also iwwert d'Feuille de route zum Brexit ze diskutéieren. Ech wäert awer och nëmme kuerz op dee Volet agoen.

Ech mengen, wann een déi sougenannte Feuille de route kuckt, da kann een natierlech och zwee Aspekter kucken: Op där enger Säit natierlech och Lëtzebuerg a senge bilaterale Relatiounen, an dann natierlech deen anere Volet, d'EU, wou natierlech Lëtzebuerg Member ass an enger Schicksalsgemeinschaft.

Wat ech domadder wëll soen ass, datt een also och net soll vergiessen, datt mer awer weider bilateral Relatiounen, Gespréicher wäerten hu mat Groussbritannien. Groussbritannien war ëmmer e wichtege Partner, och fir Lëtzebuerg. Och - wéi soll ech soen? - wa mer dat net ëmmer aus dem Bléckwénkel als Member vun der Europäescher Unioun gesinn hunn. Dat heescht also och, datt mer an Zukunft natierlech weider wäerten als Lëtzebuerg déi Relatioune fleegen an heegen, an ech mengen, mir hate virun e puer Wochen zum Beispill e Statssekretär aus Groussbritannien hei, wou verschidde Gespréicher gefouert gi sinn.

Et ass an enger Zeitung schonn duergestallt ginn, wéi wann dat geheim Verhandlunge wieren, wéi wann do géifen EU-Verhandlungen torpedéiert ginn. Dat ass guer net de Fall, dat ass e ganz normale Prozess. An dat wäert och an Zukunft esou sinn, datt Lëtzebuerg och mat England op deenen engen oder anere Felder wäert bilateral Relatiounen hunn. Dat heescht guer net, datt een domadder déi Efforten an déi gemeinsam Approche, déi mer zesumme mat eise Memberen aus den EU-Länner hunn, doduerch a Fro stellt.

Ech mengen, Här President, dat hunn och scho meng Virriedner gesot: Mir hätten et jo léiwer gesinn, wann d'Britte bei eis bliwwe wieren, an et ass eben net esou. Dat bedeit awer elo och, an dat hat och scho mäi Kolleeg, den André Bauler, gesot, de Brexit ass, wann een also elo dee Volet Lëtzebuerg/Groussbritannien kuckt, och eng gewëss Chance fir Lëtzebuerg, ebe mat all deenen Opportunitéiten, déi sech do kënnen opmaachen um Niveau vun der Finanzplaz.

Ech ginn net méi dorobber an, wëll awer einfach eng Kéier kuerz soen, oder mech widderhuelen mat deem, wat ech virun engem Joer hei gesot hat: Datt eigentlech de Brexit keng Braderie war an ass, wou deen, deen am haartsten do seng Wuer wëllt upreisen, am haartste jäizt, datt deen herno déi beschte Geschäfter mécht. Datt do Lëtzebuerg, sou wéi ech dat, oder wéi mir dat och virun engem Joer proposéiert haten, e kille Kapp behalen huet. Datt an deem leschte Joer all d'Regierungsmemberen, besonnesch de Finanzminister, net haart op d'Tromm geschloen hunn, mä op hir Aart a Weis awer konsequent an onermiddlech d'Virdeeler vun eisem Site dobaussen duergeluecht hunn: Transparenz, Kompetenz, Knowhow, kuerz Weeër an esou weider.

An et stellt sech och eraus, datt déi positiv Punkten, déi mer do kënne verbuchen, jo och op där anerer Säit ukommen. Ënner anerem och am Assurancësecteur stellt sech eraus, datt de Site Lëtzebuerg do ganz gutt Kaarten huet. An et ass jo och schonn eng Gesellschaft - mindestens eng Gesellschaft, wann ech dat richteg an de Medie verfollegt hunn -, déi schonn decidéiert huet, op Lëtzebuerg ze kommen. Dat einfach fir ze soen, datt an deem Volet, an där Feuille de route, wat Lëtzebuerg par rapport zu deenen Aspekter ubelaangt, mir eis do gutt preparéiert hunn, datt mer also do gutt preparéiert sinn op deen Zeenario respektiv op dat, wat do op eis zoukënnt.

Ech kommen dann op den europäesche Volet vun de Verhandlungen. Wat ass bis elo passéiert? Dat ass och elo näischt ganz Neies. Den Artikel 50 ass also declenchéiert ginn am Mäerz. Déi rout Linne sinn ausgeschafft ginn. An et ass och gutt, datt do - an dat ass awer bis elo wéinstens de Fall, an et ass ze hoffen, datt dat och esou weidergeet an deenen nächste Wochen a Méint - awer e groussen Zesummenhalt ass an der europäescher Gemeinschaft. Dat heescht, et si rout Linnen ausgeschafft ginn, déi och um Niveau vum Europaparlament guttgeheescht gi sinn an deenen natierlech och Lëtzebuerg zougestëmmt huet. Mir kënnen also ganz gutt mat deenen net nëmme liewen, mä mir stinn och hannert deene roude Linnen.

Bon, Enn Abrëll huet de Conseil jo och eestëmmeg déi grouss Prinzipie vun de Verhandlungen ugeholl, einfach fir ze soen: Europa ass also prett an Europa steet zesummen. An ech mengen, eleng dat schonn - wa mer awer wëssen, wéi mer heiansdo Schwieregkeeten an der Vergaangenheet haten op wichtegen Dossieren -, ech mengen, eleng dat hätte jo verschidde Leit virun e puer Méint net fir méiglech gehalen. Mä mir hunn et awer hei fäerdegbruecht, datt Europa et fäerdegbréngt, emol eng Kéier aus engem Mond ze schwätzen. Dat ass wierklech eng ganz positiv Saach. An och als Lëtzebuerg si mer jo dann en Deel vun deem enge Mond, a mir hu jo och als Linn, datt mer do solidaresch matverhandelen an all déi Efforten, déi mer do als europäesch Communautéit maachen, ënnerstëtzen.

De Kalenner an d'Prioritéite sinn elo festgeluecht. Wéi eng Dossiere gi wichteg? Wéi eng Dossiere gi komplizéiert? Ech wäert hei sécherlech kee ganze Relevé maachen. Bei verschiddenen Dossiere weess ee vläicht haut och nach net, wéi déi sech entwéckelen, wat do eventuell vu Schwieregkeete kann op eis zoukommen. Mä bon, déi grouss Linne stinn, zum Beispill bei de Finanzen, de Cadre financier pluriannuel 2014 bis 2020.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Iwwerall do, wou Groussbritannien am Moment drun deelhuele muss, bleiwe si och bis 2020 dran. An eréischt duerno kënne si sech eraussichen, a wéi enge Programmer si wëlle weider bleiwen, zum Beispill an der Recherche, am Programm Horizon 2020 oder am beléiften Erasmus-Programm. Ech mengen, dat si sécherlech Dossieren, wou een och kaum Schwieregkeete wäert fannen, well dat jo och zum Deel Programmer sinn, Horizon 2020 respektiv Erasmus, wou jo och aner Net-EU-Länner matmaachen. Herno spillt eigentlech jo dann déiselwecht Logik. Och wa Groussbritannien net méi Member ass, hu se awer dann - wéi soll ech soen?- déiselwecht Rechter wéi aner Net-EU-Länner an deene Programmer.

Aner grouss Linnen, déi de Moment schéngen ze stoen, dat sinn d'Grenzen. De „Good Friday Agreement", dee gëtt net op d'Spill gesat. Och d'Aarbechtsmethod ass festgeluecht ginn. All Mount sinn dann déi Verhandlungsronnen, déi stattfannen, vu jee enger Woch. Wat hei virun allem ervirzesträichen ass, ass, datt dat jo wierklech och ass, fir Transparenz ze schafen. An dat ass jo dat, wat heiansdo de Bierger an der EU Schwieregkeete mécht, firwat heiansdo d'Bierger Problemer mat der EU, mat Bréissel hunn, wéi se ëmmer esou schéi soen, dat ass, well se net derduerchgesinn, well se mengen, datt se Saache virenthale kréien. Duerfir, fannen ech, ass net nëmmen deen Usaz, mä d'Method ganz besonnesch wichteg, ech wëll dat hei ervirsträichen, also, et gëtt a voller Transparenz geschafft. D'Papere ginn ëmmer online gesat.

D'Britten, déi wollte vun Ufank un déi zukünfteg Relatiounen diskutéieren, ënner anerem, wat d'Handelsrelatioune betrëfft. Si hunn awer elo de Rhythmus vun den Europäer missten akzeptéieren, also, fir d'Éischt hire Réckzuch ze verhandelen, an eréischt an enger zweeter Phas déi zukünfteg Relatiounen.

De Rhythmus, dee steet. Wat derbäi erauskënnt, dat weess nach keen. Wäerte se am Espace économique européen sinn? An der Union douanière? Ech mengen, haut ass et schwiereg, fir do scho genau Resultater kënnen och nëmmen unzedenken. En cours de route wäerten do warscheinlech awer nach déi eng oder aner Fragezeichen an Ongewëssheeten optauchen.

Wéi de Michel Barnier gesot huet: „De Brexit, dat bedeit 44 Joer europäesch Relatiounen, déi réckgängeg gemaach ginn." E laangt Bestietnis, wat dann elo opgeléist gëtt. Et sinn d'Britten, déi d'EU verloossen, an net ëmgedréit. Dat heescht also, Groussbritannien gëtt als Drëttland vu senge Flichte vis-à-vis vun der Unioun entbonnen. Mä, dat heescht dann awer och op där anerer Säit, datt dann an Zukunft Groussbritannien net méi déiselwecht Rechter däerf hu wéi e Memberland. An et däerf, dat ass och scho virdru gesot ginn, dat ass jo och scho vum Premier an der Kommissioun eigentlech iwwerall ënnerstrach ginn, et däerf och keen „cherry picking", op Englesch, mä dann, well ech elo aus eiser Siicht hei kucken, keng „Korinthepickerei", fir d'Britte ginn. Déi véier Libertés fondamentales - Libre circulation des personnes, des biens, des services et des capitaux -, ech mengen, déi sinn ontrennbar, an et ka keen Accès op de Bannemaart ginn, dee just op e puer Secteure limitéiert ass. Et ass e Package, entweder alles oder näischt. D'Britte kënne sech also an deem Sënn net einfach zerwéieren, wéi et hinnen am beschte gefält.

Bon, eppes, wat awer och wichteg ass, an ech sinn och elo net deen Éischten haut de Mëtten, deen dat hei op der Chamberstribün ënnersträicht, dat sinn och d'Verhandlungen ëm d'Schicksal vun deenen dräi Milliounen Europäer, déi an Groussbritannien liewen oder schaffen a sech suergen, zum Beispill iwwer hiert Wunnrecht, hir Pensioun, hir Sécurité sociale. Do muss wierklech eng Solutioun am Interessi vun de Leit fonnt ginn. Ech mengen, dat ass wierklech eppes, wou mer mussen en A drop halen, dat ass ganz wichteg.

An deem Ganzen, ech mengen, mir kënnen haut de Mëtteg ganz vill Saachen uschwätzen, mä an deem Ganzen ass et esou wéi och virun engem Joer, wou mer nach net woussten, ob de Brexit kënnt, wou mer net woussten, wat all Dag eventuell Neies op een zoukënnt. Ech mengen, och elo bleift iwwert deem Ganzen eng gewëss Ongewëssheet an de Verhandlungen, virun allem och duerch d'Fragilitéit vun dem Theresa May an hirer Regierung respektiv der innepolitescher Situatioun a Groussbritannien.

Dir wësst et, am Moment hunn d'Tories décke Buttek an hire Reien. Mä ech mengen, et bréngt hinnen och elo näischt, wou se jo dann déi absolutt Majoritéit am House of Commons verluer hunn, erëm eng Kéier wielen ze goen. Et kann een och net esou oft wiele goen, bis datt dat Resultat steet, dat ee gären hätt.

Et gesäit een einfach: De Brexit ass eigentlech - dat ass eppes, wat ee fir d'Geschichtsbicher kann zréckbehalen -, de Brexit ass e Produkt vun interne politesche Reiwereien an England, tëscht an innerhalb vun de Parteien. An et wier eigentlech elo einfach ze hoffen, datt déi englesch Regierung, egal, wien dat dann och ass, datt se eng Kéier awer do vun - wéi soll ech soen?- där Aart a Weis fortkommen, an datt se wierklech kucken, am Interessi vun hire Bierger

ze handelen - ech maachen also och e bëssen den Affekot vun deene Verhandler -, an datt se also net erëm do ufänken, politesch Spillereien an hiren eegene Parteien ze maachen, well dat am Endeffekt natierlech och eng Inzidenz wäert hunn op d'Verhandlunge mat Europa. Dat mécht also d'Verhandlunge sécherlech net méi einfach.

Déi éischt Phas ass also elo de Réckzuch vu Groussbritannien, dee verhandelt gëtt. Ech wëll awer dann och drun erënneren, datt et eng zweet Phas wäert ginn. An dat ass dann iwwert den Accord, wéi déi zukünfteg Relatioune wäerte sinn. An déi Verhandlunge wäerten och net einfach ginn.

Ech mengen, elo gesäit et dann derno aus, datt et en Accord mixte wäert ginn. Dat heescht, en Accord, iwwert deen dann och déi national Parlamenter ofstëmme wäerten. An dat ass eng gutt Saach, well, ech mengen, virdrun hat och de Laurent Mosar déi Fro opgeworf. Et schéngt jo och eng Motioun ze sinn... Ech hu se elo nach net gekuckt, mä ech wäert dat awer och da maachen. Mä ech mengen, dat ass kloer: Eleng schonn doduerjer, datt et en Accord mixte ass, gi mer als national Parlamenter mat agebonnen. Als Parlamentarier fanne mer dat natierlech all eng gutt Saach. Dat ass gutt.

Wat natierlech och wichteg ass, dat ass, datt mer regelméisseg informéiert ginn. Ech mengen, dat ass awer och implizitt. Wa mer herno mussen iwwer eppes ofstëmmen, eis Meenung hei gefrot gëtt, da kann ech mer jo och nëmme virstellen, datt een doduerjer am Virfeld wäert informéiert ginn, datt mer sécherlech dann och herno dee ganze Package hei an allen Detailer wäerte presentéiert kréien.

Ech mengen, dat ass vläicht dann ofschléissend awer och nach déi gutt oder déi positiv Konklusioun: Wéi mer dann hei schaffen, éischtens, datt mer an Europa zesummen emol endlech eng Kéier aus engem Mond schwätzen, an och, wéi mer dat maachen, datt dat positiv ass fir d'Demokratie innerhalb vun Europa, awer och positiv fir eis national Demokratie, well mer do mat agebonne ginn. An ech mengen, dat ass awer ënnert dem Strëch eppes, wat een och kéint positiv ervirhiewen.

Merci.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Eugène Berger. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Claude Adam. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Merci, Madamm Presidentin. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, den Här Mosar hat am Januar vun dësem Joer no der Feuille de route gefrot, no där Groussbritannien aus der EU géif erausfueren. Nun, et kann ee jo soen, datt zwar nach ëmmer ganz villes onkloer ass, mä d'Feuille de route, déi ass jo mëttlerweil awer bekannt an déi steet.

De Michel Barnier, dee fir d'EU verhandelt, an de Brexit-Minister David Davis hunn de Kalenner viru 14 Deeg festgehalen. D'Terminer an d'Prioritéite fir d'Verhandlunge stinn. D'Feuille de route vun der Sortie steet, mä natierlech ass den Debat iwwert dës Feuille de route net iwwerflësseg an och net superfetatoire, wéi dat an eisem Parlamentsjargon heiansdo genannt gëtt.

Den Här Bauler hat scho virun engem Joer gefrot, wéi eng Auswierkungen de Brexit kéint op de Finanzsecteur an op d'Fongenindustrie hunn, ob et eventuell eng Delokalisatioun vun deem engen oder anere Firmesëtz géif ginn a wéi Lëtzebuerg sech kéint strategesch gutt positionéieren als Finanzplaz an enger EU ouni Groussbritannien.

Déi Froe si selbstverständlech och pertinent a beschäftegen d'Politik an déi concernéiert Kreesser och scho méi laang, och scho virum 23. Juni 2016, dem Dag vum Referendum. An esou ass et normal, datt et zu engem regelméissegen Austausch ënner Politiker an och ënner Institutioune kënnt.

An esou waren och schonn zum Beispill eise Vizepremier an eise Finanzminister de 25. a 27. Juli 2016, also e gudde Mount nom Brexit-Referendum, op enger Aarbechtsvisitt zu London a Bristol. An dofir war et mer genausou onverständlech wéi dem Här Berger, deen dat och opgeworf huet, datt ee Journalist aus dem „Wort" gemengt hat, een Artikel mussen ze publizéieren ënnert dem Titel: „Geheimtreffen mit politischer Sprengkraft", well eng Rei Leit am Abrëll 2017 de stellvertriedende Brexit-Minister David Davis getraff haten.

Well dee Gedankenaustausch muss ëmmer méiglech bleiwen, a selbstverständlech, an, ech mengen, do si mer eis och alleguerten eens gewiescht, däerf et keng getrennt Verhandlungen tëschent Groussbritannien an iergendengem anere Land, och net Lëtzebuerg, ginn, bis de Brexit iwwert d'Bün ass.

Madamm Presidentin, och wa schonn e bësse méi Liicht an de Finanzdschungel komm ass, schéngt et eis awer nach ëmmer net méiglech ze sinn, haut ze definéieren, wou d'Gewënner a wou d'Verléierer an deem Dossier hei wäerte sinn. Kloer schéngt ze sinn, datt de sougenannten EU-Pass, also déi „Passporting rights", fir d'Bankfilialen zu London eriwwer ass - ech hunn den Här Mosar héieren, an ech deelen do absolutt seng Vue -, soss kënne mer net zesummeschaffen, wa Regele fir déi eng gëllen a fir déi aner net.

Net kloer ass an eisen Aen och, wéi déi brittesch Banke mat deenen oft als lästeg empfonnten EU-Regularie wäerten ëmgoen. An och wann de Vertrieder vun der ADR, iwwregens deen eenzege Vertrieder hei an der Chamber, deen de Britte fir den Ausgang vum Referendum felicitéiert hat, ënner anerem gesot hat: „Si hunn d'Kontroll iwwer hir Legislatioun zréckkritt", mengen ech, datt dat awer net esou einfach wäert sinn an och net esou einfach däerf sinn.

Iwwert d'Philosophie an d'Stëmmung a Groussbritannien, ben, do hu mer schonn elo rezent en Androck erëm kritt, wéi Groussbritannien en internationaalt Fëschereiofkommes ugekënnegt huet. An hiren Emweltminister huet dozou gesot: „Elo déi éischte Kéier zënter méi wéi 50 Joer däerfe mir erëm eleng decidéieren, wien Zougang zu eise Gewässer huet." Deen Accord iwwert d'Fëscherei ass iwwregens schonn 1964 ënnerschriwwe ginn, also virun de Britten hirer EU-Zäit.

Wa Groussbritannien och weiderhi mat der Europäescher Unioun Handel bedreiwe wëllt, an, ech mengen, dat wëlle mer jo alleguer, da muss déi brittesch Regierung och nom Brexit eng ganz Rei vu Contraintë bäibehalen. Et muss een als Politiker jo scho verblent vun nationalem Egoismus sinn, wann ee gleeft, datt een duerch een Erausklammen aus engem multilaterale Vertrag de Gewënner op der ganzer Front wier. Dat ass vläicht nach d'Linn vum aktuellen US-President, deen aus der COP21 erausklëmmt a mengt, dat misst alles elo nei a besser verhandelt ginn. Esou funktionéiert d'Welt net. Oder muss ee soen: nach net?

Madamm Presidentin, selbstverständlech ass d'Finanzplaz Lëtzebuerg wichteg. Selbstverständlech solle mer als Land déi Atouten, déi mer hunn, an de Vierdergrond setzen. Mir sinn awer fundamental iwwerzeegt, datt mir an eis Wirtschaft nëmme kënne gewannen, wa mer eis am europäesche Kader bewegen. D'Zäit vun der Nischepolitik ass eriwwer. A mir solle se net méi eropbeschwieren an hir och net notraueren. Lëtzebuerg muss een zouverlässege Partner an der EU bleiwen. De Finanzsecteur muss reguléiert ginn a bleiwen. Mir sollen eis net mat niddrege Steiersätz a Sozialdumping um europäesche Kontinent Konkurrenz maachen. An dat muss och fir eise Verhandlungspartner op de britteschen Insele gëllen.

Eis Suerg gëllt awer virun allem de Mënschen: zu Lëtzebuerg an Europa an a Groussbritannien. De Brexit bleift fir eis een absolutten Déifpunkt an der rezenter Entwécklung vun der Europäescher Unioun an och vun Europa. Vill Leit musse sech haut erëm Suerge maachen iwwer eppes, wou mer gehofft haten, mer hätten et scho viru Joren iwwerwonn. Mir hu keng genee Chiffere vu brittesche Bierger an EU-Länner an ëmgedréit. Mir hu just Schätzungen. Et heescht, et wieren iwwer 3,3 Milliounen EU-Bierger a Groussbritannien; 1,2 Millioune brittesch Bierger an EU-Länner.

Mir hu wahrscheinlech keng genee Chifferen, well dat eigentlech bis elo och net esou wichteg war. Mir ware jo an Europa. Haut däerfe mer jo an deem EU-Land wunnen a schaffen, dat mir eis fräi erausgesicht hunn. An dat war net ëmmer esou. Ier zum Beispill Spuenien den 1. Januar 1986 Member vun der EU war, huet zum Beispill e Lëtzebuerger Bierger a Spuenien, deen zum Beispill eng spuenesch Fra bestuet huet, sech all Joer musse bei der Police mellen, fir ze soen, hie wier nach ëmmer do. Dat war ee Beispill vun nationaler Souveränitéit.

Ee Student, dee seng Studien a Groussbritannien gemaach huet, huet déi net a Spuenien unerkannt kritt an huet se mussen nach eng Kéier maachen. Et si keng ECTS-Punkten a keng Studienunerkennung ginn. Ee weidert Beispill vun nationaler Souveränitéit.

En EU-Bierger, deen an eng staatlech spuenesch Schoul wollt schaffe goen, huet dat nëmmen däerfe maachen, wann en natierlech niewent deenen erfuerderlechen Diplomer och déi spuenesch Nationalitéit hat. Een drëtt Beispill vun nationaler Souveränitéit.

Firwat soen ech déi Beispiller a wat huet dat mam Brexit ze dinn? Ech wollt éischtens warne virun deene Leit, déi eis ëmmer vun nationaler Souveränitéit virschwärmen a vergiessen, datt dat ganz schnell op d'Käschte vun der Fräiheet vun de Bierger geet.

Et ware schonn emol Zäiten, wou et vill méi einfach war ze soen: „Ech si Lëtzebuerger a fille mech als europäesche Bierger", wéi dat haut de Fall ass. An ech bedaueren dat. An zweetens sinn dat zum Deel genau déi Froen, déi sech haut erëm vill Bierger stellen no där Decisioun vum Brexit. 1,3 Millioune Britte liewen an aneren EU-Länner. Spuenien huet dee gréisste Contingent vu britteschen Expats. Iwwer 300.000 sollen et der sinn.

Ech hat d'Chance, viru Kuerzem eng ganz Rei vun hinne kennenzeléieren a Spuenien an der andalusescher Provënz Granada. Do liewe ganz vill Englänner, Schotten, Iren. A wann an der Provënz Málaga eventuell eng Majoritéit Pensionéierter wunnen, dann ass dat an der Provënz Granada net de Fall. Do liewe Britten, déi sech als kleng Geschäftsleit hiert Liewe verdéngen. Ech hunn der begéint, déi d'Halschent vum Joer um Kontinent an déi aner Halschent op der Insel verbréngen. Ganz vill sinn zënter ronn zéng Joer a Spuenien, schwätze fléissend Spuenesch a maachen do hiert Liewen.

Gemeinsam hu se alleguer d'Suerg iwwer hir Zukunft. Wéi einfach respektiv komplizéiert ginn an Zukunft d'Sozialtransferten, d'Transferte vu Krankekeess a Pensiounen? Wéi einfach respektiv komplizéiert gëtt d'Mobilitéit vu Persounen a vu Gidder?

Eng ganz Rei Englänner an Andalusien hu sech driwwer informéiert, ob se déi spuenesch Nationalitéit kéinten unhuelen. Mä dat ass awer eigentlech net dat, wat se wëllen. Si waren zefridden, datt se bis elo als brittesch Europäer konnten a Spuenien wunnen, schaffen a liewen an datt si d'Fräiheet haten, ee Choix ze treffen.

Madamm Presidentin, d'Decisioun, e Referendum iwwert de Verbleif vu Groussbritannien an der EU ze maachen, war de Versuch vun den engleschen Torien, fir un der Muecht ze bleiwen. D'Rechnung ass nëmmen zum Deel opgaang. D'Torie sinn nach un der Muecht, den David Cameron net méi. Dat war déi éischt Wett vun den Torien, déi net ganz esou ausgaangen ass wéi geplangt.

Eng zweet war déi vun den Neiwahlen, mat där d'Theresa May sech wollt eng nach méi komfortabel Majoritéit ginn, fir en haarde Brexit duerchzezéien. Déi ass alt erëm net opgaang an huet elo zum Resultat, datt mer op der Insel eng konservativ Regierung hunn, déi ofhängeg ass vun zéng Deputéierte vun der nordirescher DUP, der Democratic Unionist Party.

An ech deelen all déi Suergen, déi och de Kolleeg Marc Angel schonn hei virgedroen huet. Well, wat dat fir de Fridden an Nordirland bedeit, dat wäerte mer an deenen nächste Jore gesinn. An eisen Aen ass dat ee geféierlecht Spill, wat déi brittesch Konservativ do spillen. D'DUP, déi streng géint d'Homosexualitéit ass, awer net streng géint dubiéis Parteispenden, dierft ee Garant derfir sinn, datt d'Verhandlungen iwwert déi nei Grenz tëschent Irland a Groussbritannien net einfach ginn.

Et ass just ze hoffen, datt mat deem politesche Calcul den „Good Friday Agreement" vum Abrëll 1998, mat deem déi 30-järeg bluddeg Ausenanersetzungen an Nordirland en Enn fonnt hunn, net och nach a Fro gestallt gëtt. Et wäert jo net och nach een op d'Iddi kommen, fir e Referendum iwwert den „Good Friday Agreement" ze organiséieren, wann dat him an de politesche Krom passt.

Une voix.- Très bien!

M. Claude Adam *(déi gréng).*- Mir sinn op alle Fall der Meenung, datt e Referendum net e politescht Allheelmëttel ass. E Referendum kann éischtens geféierlech Konsequenzen hunn. Dat gëllt fir de ganze Beräich vum Schutz vu Minoritéiten. An e Referendum kann, zweetens, och schwéier kontrolléierbar Konsequenzen no sech zéien. Konsequenzen, déi eventuell net virauszegesi waren an onberechenbar sinn. Datt een d'Resultat vun engem Referendum respektéiert, stelle mer allerdéngs selbstverständlech net a Fro.

Madamm Presidentin, Groussbritannien an d'Europäesch Unioun haten eng laang Relatioun. Vun 1973 bis haut oder bis 2019, do ass d'Zäit net stoebliwwen. D'Englänner waren derbäi, wéi fir d'Éischt d'Deputéierte vum Europaparlament direkt gewielt gi sinn. Si hunn d'Maastrichter Verträg vun 1992 net nëmmen ënnerschriwwen, mä och mat ausgehandelt. Si hu sämtlech EU-Erweiderunge matgedroen; ënner anerem déi historesch Ost-Erweiderung vun 2004.

A wann een d'Bild vun der Scheedung vun enger Koppel op d'Scheedung vun EU a Groussbritannien iwwerdréit, dann ass dat mat Virsiicht ze genéissen. Awer et gëtt e puer Analogien. Bei enger Trennung geet et ganz oft ëm Gefiller, ëm Geld an heiansdo ëm Kanner. Am schlëmmste Fall ginn déi dräi matenee vermëscht.

Ech hat virdrun iwwert d'Britten an der EU geschwat a meng Gedanken um Beispill vun den Expats an Andalusien illustréiert. Äänlech Problemer hunn natierlech vill EU-Bierger a Groussbritannien: eng 900.000 Polen, 300.000 Däitscher a jee iwwer 200.000 Rumänen an Italiener. Déi sinn all op d'Insele gaang, fir ze schaffen, fir eng Pai ze kréien, an hunn domat och hire Bäitrag zum brittesche Wuelstand geleescht.

Et ass mer wichteg, nach eng Kéier ze betounen, datt all EU-Bierger an hir Familljememberen d'Recht hunn, an deem EU-Land ze wunnen, ze schaffen an ze studéieren, wou se wëllen. Dat ass eng vun de ganz groussen Errungenschafte vun der Europäescher Unioun. Et ass nëmme richteg, datt eng alleréischt Prioritéit an de Verhandlunge muss sinn, datt et musse géigesäiteg Garantië ginn, datt d'Interesse vun deene Leit, déi zumindest virum 29. März 2017 vun dësem Recht Gebrauch gemaach hunn, och musse geschützt ginn.

Mir deele souwuel d'Orientatioune vum Conseil européen vum 29. Abrëll 2017, wéi och d'Aart a Weis, fir ze verhandelen, déi den 19. Juni 2017 festgehale ginn ass. Prinzipiell deele mer och d'Ausso „nothing is agreed until everything is agreed". An awer froe mer eis, ob mer natierlech gemeinsam zu 28 net solle schnell Konklusioune festhalen, wat d'Rechter vun den no u fënnef Millioune Bierger ugeet, deenen hir Liewenssituatioun duerch de Brexit ännert.

Här President, d'Suerge vun dëse betraffenen europäesche Bierger leien eis méi no wéi d'Suerge vun de grousse Konzerner a vun de Banken. Et ass jo och esou, datt d'Lobbye vun de Grousskonzerner sech an der Regel selwer organiséiert kréien, fir hir Interessen ze verteidegen, datt déi net ze kuerz kommen.

Nodeems ech dës Prioritéit kloergestallt hunn, wëll ech awer, Madamm Presidentin, och nach e bëssen op de finanzielle Secteur an d'Enjeue fir eis Bankeplaz agoen. Mir hate virun engem Joer hei eng Heure d'actualité, vun der CSV ugefrot, déi sech mat de Konsequenze vum Brexit fir eis Ekonomie auserneegesat hat.

Och wann haut d'Marschroute definéiert ass, dann ass den Ausgang nach genausou onkloer wéi virun engem Joer. Mäi Kolleeg Gérard Anzia hat virun engem Joer gemengt, et geséich esou aus, wéi wa mer elo schonns e Stéck vum Kuch wéilte verdeelen, deen nach guer net gebak ass.

Une voix.- Très bien!

M. Claude Adam *(déi gréng).*- De Kuch ass nach ëmmer net gebak, mä e kritt awer lues a lues Konturen. Esou e Stéck Kuch ass zum Beispill d'EBA, d'European Banking Authority. Den Här Mosar hat schonn am Juli d'lescht Joer gemengt, mir sollten alles ënnerhuelen, fir d'EBA op Lëtzebuerg ze kréien. A mer wëssen da mëttlerweil och, datt Lëtzebuerg Kandidat ass.

Mir sinn awer net eleng Kandidat. Mir hu gutt Argumenter, mä mir sinn och net déi eenzeg, déi gutt Argumenter hunn. Sechs Kritäre si festgeluecht. Am Oktober soll eng Decisioun falen. All EU-Memberstate sollen no engem festgeluechte Punktesystem a mat bis zu dräi Wahlgäng de Gewënner wielen.

A wann een d'Kritäre kuckt, déi sollen erfëllt ginn, dann, mengen ech, datt Lëtzebuerg déi alleguer méi oder manner erfëllt, bis op de Kritär vun der regionaler Repartitioun. Mir hu jo schonn effektiv dat eent oder anert Stéck vum europäesche Kuch op Lëtzebuerg kritt. Dat dierft awer net just een Nodeel sinn. Dat kéint och ee Plus sinn, well mer e gewëssenen Know-how an ee positivt Emfeld fir eng EBA hunn.

Klammer op: Lëtzebuerg huet de Sëtz vum Europäesche Geriichtshaff. An dat huet sech éischter positiv ausgewiirkt op d'Decisioun, datt de Siège vum EU-Parquet och op Lëtzebuerg wäert kommen. Domat gëtt confirméiert, datt Lëtzebuerg d'Geriichtshaaptstad vun der EU ass. A vläicht ass dat och e positiven Aspekt, fir datt eng EBA op Lëtzebuerg kënnt. Klammer zou.

Madamm Presidentin, wat d'Delokalisatioun vun Headquarters aus England op Lëtzebuerg ugeet, do si mer der Meenung, datt Lëtzebuerg dat ganz zen soll ugoen.

Une voix.- Très bien!

M. Claude Adam *(déi gréng).*- An et huet mech och gefreet, verschidden Aussoe vun eisem Finanzminister ze liesen an ze héieren, déi an déiselwecht Richtung schéngen ze goen. Esou heescht et zum Beispill an engem Interview mam Här Gramegna vum 30. Juni 2017 am „Lëtzebuerger Land": „Mir sollen net ze vill gurmangzeg sinn. Mir sollen net aggressiv probéieren, brittesch Banken a Megaentreprisen op Lëtzebuerg ze kréien, well wann dat eis géif am grousse Stil gelénge, da misste mer nach méi héichqualifizéiert Aarbechtskräften op Lëtzebuerg lackelen, wéi mer dat elo scho maachen. Mir missten nach vill méi a vill méi schnell Schoulen a Wunnenge bauen wéi elo schonn. Mir hunn elo schonn eng Croissance vu 4% op déi lescht Joren."

An ech zitéieren de Finanzminister mam Saz: «Je trouve qu'il vaut mieux viser une croissance régulière et durable plutôt que spectaculaire.» Dat ass ee Saz vum Här Finanzminister. Dee kritt natierlech eis voll Ennerstëtzung.

Mir hu jo eng Wuesstumsdebatt hei am Land. Ech hu scho vu Wunnengen a Schoule geschwat. Ech kann och weiderfuere mat eiser Verkéiersinfrastruktur, mam Wuesstum vun eiser Populatioun, mat eisem Drénkwaasser an eiser natierlecher Landschaft. Mir sollen net probéieren, d'Skyline vu London op Lëtzebuerg ze kréien.

Natierlech solle mer op sinn. Natierlech solle mer weider drop oppassen, datt eis Finanzplaz sécher ass a positiv evoluéiert. Fir de Rescht si mir der Meenung, datt dës Regierung hir Finanzpolitik soll weiderfueren, wéi se dat elo schonn eng Zäit laang mécht.

Mir sollen op Transparenz an international Zesummenaarbecht setzen. Mir sollen déi Reforme weiderfueren, déi eis vun de schwaarzen a groe Lëschten erofgeholl hunn. Mir sollen als EU-Memberland eis mat derfir asetzen, datt et Leitplanken am Finanzsecteur gëtt. An natierlech muss et och beim „level playing field" bleiwen. Dat schéngt mer wichteg ze sinn, wa mer an Zukunft ee Finanzzenter London niewent deem engen oder aneren EU-Finanzzenter funktionéieren hunn.

An ech halen dann och nach meng Ried op mat engem leschten Zitat vum Här Gramegna, deen elo grad erakënnt, da kritt en dat Zitat mat: «Pour le Luxembourg, le scénario le plus avantageux sera d'attirer plus de substance sans être trop gourmand.» An ech mengen, dat wier e flotte Fazit, wéi mer sollen do mam Brexit an Zukunft ëmgoen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Claude Adam. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Roy Reding. Här Reding, Dir hutt d'Wuert.

M. Roy Reding *(ADR).*- Merci, Madamm Presidentin. Dat Wuert „Brexit", iwwert dat mer haut esou vill schwätzen, gëtt benotzt wéi e Schimpfwuert. Déi Wierder „Pescht" an „Cholera" hunn e besseren Image. Dobäi ass d'Brexit-Decisioun fundamental jo näischt aneres wéi dem brittesche Vollek säi Wëllen.

De Kolleeg Bauler huet gesot: „Dëse Referendum hannerléisst e batteren Nogeschmaach." Ech stelle fest: Ar Majoritéit, Här Bauler, huet e Problem mat Referenden. Ech hu mer och näischt aneres virgestallt an engem Land, wou en 80/20-Referendum vu Regierung a vun CSV net respektéiert gëtt, datt do hei géif e brittesche Referendum respektéiert ginn.

Wat wonnert, ass natierlech, datt de Britten hir fräi an demokratesch Decisioun, d'EU wëllen ze verloossen, esou verhöönt an an den Dreck gezu gëtt. Dobäi gëtt sech net gefrot, well dat géif jo heeschen, sech selwer a Fro ze stellen, firwat dat brittescht Vollek déi doten Decisioun geholl huet, firwat dat brittescht Vollek decidéiert huet, léiwer ausserhalb vun der EU ze liewen.

Et war net, fir eis ze beleidegen, et war och net, fir sech vun Europa lasszesoen. Et war näischt aneres wéi den Ausdrock vun engem Ras-le-bol, vun enger Flemm mat der Ausriichtung, déi dës EU hëlt, an der Aart a Weis, wéi dës EU gefouert gëtt.

D'Britten, an net nëmmen d'Britten, hunn d'Flemm ze gesinn, datt eng gewëssen europäesch Elitt probéiert, d'Nationalstaten opzeléisen an en europäesche Federalstat opzeriichten, wou schlussendlech all wichteg Decisiounen zentralistesch zu Bréissel a vu Bürokrate geholl ginn.

Wéi 2005 probéiert ginn ass, dësem Zil méi no ze kommen, duerch d'Adoptioun vun der sougenannter europäescher Verfassung, hu souguer hei am Land, wou mer jo alleguer esou europhil sinn, vill Leit gemeutert, esou vill Leit wéi ni virdrun. Op 3,5% an déi eng oder an déi aner Richtung wier dëst souguer zu Lëtzebuerg ofgeleent ginn. Mir wollten deemools a mir wëllen och haut keen europäeschen Zentralstat.

Kee Mënsch ass géint Europa an eng europäesch Zesummenaarbecht, mä am Respekt vun der Souveränitéit vum jeeweilege Vollek, senge Wäerter, senger Geschicht, sengen Traditiounen. Do, wou State kënnen zesumme méi erreeche wéi eenzel, soll zesummegeschafft ginn.

Nëmme gemeinsam kann ee Resultater erzilen a wichtege Felder wéi zum Beispill dem Ëmweltschutz. Wat nëtzt et, datt dat ee Land Kläranlage baut, wann dat anert Land den Dreck an d'Baache kéiert? Zum Beispill bei der Bekämpfung vu Kriminalitéit an Terrorismus. Zum Beispill selbstverständlech beim fräie Floss vu Leit, Kapital, Servicer, Wueren. An esou engem Europa wier och Groussbritannien haut nach Member.

Wat mer net wëllen, ass en europäesche Finanzminister, eng europäesch Steier, en europäesche Budget, eng Tutelle iwwer eis Nationalpolitik, en eenheetlechen europäesche Budget an esou weider an esou fort. Mir wëllen, datt Lëtzebuerg vun hei aus, vum Krautmaart aus decidéiert, wou et wëllt histeieren an net vum Berlaymont aus.

D'EU ass vill ze séier vill ze grouss ginn. Dat ass e Fakt. D'Aféierung vun enger gemeinsamer Wärung, esou praktesch wéi se ass an esou gutt se fir eist eegent Land ass, däerf elo net zum Virwand gëlle fir Verschiddener, de Feeler nach ze acceleréieren an op dat „vill ze schnell vill ze grouss" och elo nach „vill ze déif" an „vill ze wäit" dropzesetzen.

Amplaz de Constat ze maachen, firwat eis brittesch Frënn de Choix gemaach hunn, d'Scheedung anzereechen, amplaz d'Gefor ze gesinn, datt och weider Vëlker a vläicht souguer dat Lëtzebuerger Vollek iergendwann eng Kéier meuteren an net wëllen hir Souveränitéit verléieren, amplaz Respekt ze weise virun deenen engen hirer Decisioun an Asiicht fir deenen aneren hir berechtegt Ängscht, gëtt einfach monter weidergefuer mat der EU, wéi se elo leeft: méi schnell, méi déif, méi wäit.

A fir aner Länner ofzeschrecken - an, ech denken, et ass deen eenzege Grond -, kritt Groussbritannien den Divorce esou richteg sauer gemaach. Mir schwätze vun där Feuille de route. Mir verstinn einfach net, wat d'Britte beweegt. Ee vun de Grënn vum Brexit war ganz kloer d'Restriktioun vun Immigratioun. A wat ass der EU hir Äntwert? „Priority on immigration."

Groussbritannien signaléiert, datt se den europäesche Bierger - ech mengen, et sinn der dräi Milliounen, déi am Moment do wunnen - hir Rechter respektéieren, datt déi, déi do sinn, do däerfe bleiwen, liewensläng lech. Groussbritannien signaléiert, datt déi, déi nach wëlle kommen, eben ënnert deenen normalen Immigratiounsgesetzer däerfe kommen.

A wat ass eis Äntwert? Anstatt ze soen: „Majo, dat ass genau dat, wat mer wëllen, a kommt, mir ginn de brittesche Bierger hei bei eis genau déiselwecht Rechter!", soe mer: „Ah neen, dat muss awer da vum Europäesche Mënschegeriichtshaff kontrolléiert ginn. An do sinn awer nach aner Konditiounen dermat verbonnen."

Och do mëssuechte mer nees eng vun den Ursaache vun der Scheedung. Eng vun den Ursaache waren ebe just d'Arrête vum Europäesche Geriichtshaff, déi England et onméiglech gemaach hunn, 40 bekannten Terroristen auszeweisen. Den Arrêt vum 17. Januar 2012 Abu Qatada géint Royaume-Uni ass dat beschte Beispill. Et war ee vun deenen aflossräichsten Dschihadiste vun Europa. En huet net däerfen a Jordanien ausgewise ginn duerch England.

Dat schéint Bild, wat och de Laurent Mosar gezeechent huet vun der Scheedung, wann ee vu Feuille de route schwätzt, erënnert mech effektiv als Affekot un d'Attitüd, déi Parteien heiansdo anhuelen, wann deen een deen anere sëtze léisst. Da seet deen een: „Ech hu maximal Fuerderungen. Ech si sëtze gelooss ginn. Ech kréien d'Haus. Ech kréien den Auto. Ech kréien d'Miwwelen. Ech kréien d'Kanner. Du iwwerhëls d'Scholden, bezils Alimenter. A sief frou, datt et Der esou gutt gaangen ass." Esou leeft et net am Liewen. An esou wäert et och net lafen tëscht Rescht-EU a Groussbritannien.

Wou steet am Vertrag, datt een eng Exit-Gebür muss bezuelen, wann een aus der EU wëllt austrieden? Jo, et gëtt gemeinsam Engagementer, mä et gëtt och gemeinsam Assets. Kritt England och déi gemeinsam Assets zougedeelt zu deem Prozentsaz vun hire Kontributiounen?

A Wierklechkeet sinn d'Motiver natierlech anerer. Genau wéi an de Scheedung geet et jo net nëmmen ëm d'Geld. Et geet jo och ëm verletzte Stolz. A genausou geet et och hei net nëmmen ëm dat Geld, wat dann an Zukunft an der Keess wäert feelen, wann den englesche Pappi net méi abezilt. Et geet och drëm, anere Länner ze weisen, se ofzeschrecken: „Iwwerleet Iech gutt, wat Der maacht, well wann Der gitt, da gëtt et Iech deier!"

Funktionéiert déi Strategie oder weist se anere Länner just, wéi miserabel a wéi fies zu Bréissel heiansdo nogeduecht gëtt? An dobäi hu mir, mir EU a mir Lëtzebuerg, all Interêt drun, aus dem Brexit en Divorce par consentement mutuel ze maachen.

Ech ginn Iech just eng eenzeg Zuel, déi virgestallt ginn ass vun där renomméierter Consultingfirma Deloitte oder „Deloitte", fir d'Engländer a fir d'Fransousen ënner eis, déi den 21. Juni presentéiert ginn ass. Hei sinn nees Schauermärercher opgezeechent ginn, wéi schlecht et England wäert goen nom Brexit, mä hei ass eng Etüd gemaach ginn iwwert d'Automobillindustrie, an do ass gesot ginn: Wa mer e Brexit kréien ouni Handelsofkommes, da wäerten, wat d'Autoen ugeet, vu Käreuropa a Groussbritannien all Joer - all Joer! - 655.000 Autoe manner geliwwert ginn. Eleng fir Däitschland bedeit dat e Verloscht vun net manner wéi 18.000 Aarbechtsplazen.

Deen anere Volet vun der Debatt: „Wat sinn d'Chancen a Risiken?", do zitéieren ech einfach Schlagzeile vun den einschlägege Wirtschaftszeitungen: „Jetzt wollen alle Beute machen." „Jeder möchte ein Stück vum Kuchen." Dozou gehéiert dann och d'Banking Authority, iwwert déi geschwat gëtt mat hiren 180 Leit, ob déi op Lëtzebuerg ka kommen, nieft deene sëlleche Firmen, déi schonn hei sinn an heihinner kommen am Bankewiesen, an den Investmentfongen, an den Assurancen.

Wat d'Banking Authority ugeet, hu mer vun deene grénge Kolleegen déi verschidde Kritären héieren. Et ass just op ee Kritär net agaange ginn. An ech denken, et ass deen, dee wäert verhënneren, datt mer se kréien. An dat ass ganz einfach de Fakt, datt Lëtzebuerg als Provënzstiedche keng Fluchubannung huet un déi aner Haaptstied vun Europa. E grousse Manktum. Ee vun de Schantercher, deene mer eis sollten unhuelen, éischter wéi datt mer hei iwwer englesch Innenpolitik schwätzen.

Ech soen Iech Merci.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Reding. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Marc Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Madamm Presidentin, „déi spannen, déi Britten". Dat sot souguer schonn eng Kéier den Obelix. An dat ass och d'Äntwert, déi déi meeschte politesch Kaderen am kontinentalen Europa haut géife ginn, wann ee se nom Brexit freet.

An och ech ka mech deem net komplett erwieren, wann ech gesinn, wéi déi äerzkonservativ Premierministerin Theresa May ouni Nout Neiwahlen aberifft fir e staarkt Mandat, fir e méiglechst haarde Brexit ze negociéieren, an dann eng gutt op den Deckel kritt vun engem Jeremy Corbyn, dee mat engem explizitt lénke Programm ugetrueden ass an eigentlech eng fortschrëttlech Dynamik lassgetrëppelt huet, andeems seng Labourpartei, entgéint alle Sondagen, 40% vun de Britten iwwerzeege konnt.

Da kann ee schonns e bësse Genugtuung empfannen. Mä esou Ressentimenter a Gefiller däerfen ni d'Grondlag si vu politesche Reflexiounen. A virun allem, an do muss een dem Obelix vehement widderspriechen, däerf een net d'Britten alleguer an een Dëppe geheien.

Et däerf een net vergiessen, datt 48% vun der Populatioun géint de Brexit gestëmmt hunn. A Schottland an an Nordirland war et souguer eng Majoritéit. An et ware virun allem Jonker, déi trotz der katastrophaler Politik, déi d'EU säit Joren a Jorzéngte bedreift, nach ëmmer wëllen un eng europäesch Integratioun gleewen, déi sech oppe Grenzen an eng solidaresch Relatioun mat dem Kontinent wënschen, an net en nationalistesche Repli op sech selwer.

75% vun deenen 18- bis 24-Järegen, déi mat de Konsequenze vum Brexit wäerte liewe mussen, hu fir den „Remain" gestëmmt. An et sinn och ganz vill Aarbechter, déi géint de Brexit gestëmmt hunn, well se genau wëssen, datt dëse Brexit kee lénken Austrëtt aus der Unioun ass, mä e knallhaarde konservativ-liberalen Austrëtt, dee wäert mat sech bréngen, datt nach eng Kéier ferm un der neoliberaler Schrauf gedréit gëtt, bei där virun allem déi sozial Schwaach wäerten ënnert d'Rieder kommen.

A jo, et hunn 52% vun deenen, déi iwwerhaapt wiele gaange sinn, fir de Brexit gestëmmt. Dorënner si vill Leit, déi aus Nostalgie, Nationalismus oder souguer aus xenophobe Motiver gestëmmt hunn. An dat ass traureg an dat misst eis all ze denke ginn. Mä et sinn awer och eng ganz Rëtsch Leit, déi fir e Brexit gestëmmt hunn, well si déi neoliberal Politik vun der EU net méi erdroen a sech méi Chancen ausgerechent hunn, dës Politik an der Onofhängegkeet ze kippe wéi innerhalb vun deem festgefuerenen Apparat zu Bréissel. Mä vill vun deenen, déi mat „Leave" gestëmmt hunn, si virun allem beaflosst a getäuscht gi vun onverantwortleche Politiker, vu Medien, déi hir eegen Agenda suivéiert hunn, an och vun ultraliberale Fundamentalisten, déi d'Chancë richen, hir ideologesch Dreem ëmzesetzen.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Datt déi Reaktionär mat Ängschte schaffen, dat ass bekannt an näischt Neies, mä et seet leider ganz vill iwwert den Zoustand vun der Europäescher Unioun aus, wann och den „Remain" keng glafhaft progressiv Visioun vun der Unioun evoquéiere konnt.

Här President, als Lénker si mer der Iwwerzeegung, datt d'Mënschen a Groussbritannien, déi jonk Generatiounen, d'Aarbechter, déi sozial marginaliséiert Gruppen, d'Migranten, datt all déi Leit eis Solidaritéit brauchen a verdéngen. An dëse Verhandlungen, déi viru Kuerzem ugefaangen hunn, geet et net ëm Groussbritannien géint Rescht-Europa. Neen, et ass a bleift fir eis eng Klassefro. Et geet ëm déi douewe géint déi doënnen. An dëst gëllt gradesou fir d'Leit a Groussbritannien wéi fir d'Mënschen a Kontinentaleuropa.

An eisen Ae stinn d'Verhandlungsféierer vun der EU an der Flicht, déi brittesch Bevëlkerung virun enger ultrakonservativer Politik ze schützen an op en Austrëtt hinzeschaffen, deen esou mann brutal wéi méiglech ass. D'Britte fir hire Referendum ze bestrofen, esou wéi een dat hannert der Hand esou oft héiert, wär e grousse Feeler, well déi, déi eigentlech responsabel fir dee ganze Schlamassel sinn, déi wäert een domadder net treffen.

Här President, als sozial engagéierte Mënsch hätt ee sech kënnen an engem éischte spontanen Ablack freeën iwwert de Brexit. Schliisslech waren d'Britten ëmmer déi, déi am meeschten op der Brems stoungen, wann et drëms gaangen ass, d'EU méi solidaresch oder méi demokratesch ze gestalten. Mä mir hunn awer och net vergiess, datt d'EU-Cheffen, déi elo esou ostentativ op déi véier Fräiheete vun der Unioun pochen, virum Referendum gäre bereet waren, sozial Acquisen ze afferen, fir der Cameron-Regierung ze gefalen.

Et wär awer e schwéiere Feeler, sech iwwert den Austrëtt vu Groussbritannien ze freeën, well en onofhängegt Groussbritannien virun eiser Dier, dat wirtschaftspolitesch an den Eck gedréckt gëtt, ass fir Europa eng vill méi grouss Gefor an huet vill méi eng grouss destruktiv Kraaft, wéi dat jee an der Vergaangenheet de Fall war.

E kompletten Austrëtt aus dem Bannemaart, esou wéi e vum Theresa May ugepeilt gëtt, wäert eng déif gräifend strukturell Reorganisatioun vun der brittescher Ekonomie onëmgänglech maachen. A jee brutaler d'Konditioune vum Austrëtt wäerte sinn, desto brutaler wäert dës Restrukturatioun ausfalen. Der Fantasie vu verschiddenen neoliberalen Ideologe wäerten do keng Grenze méi gesat ginn, esou wéi een dat elo schonn a verschiddene Strategiepabeiere vu gewëssenen Thinktanks erkenne kann.

Budgetär Abousse fir Groussbritannien kéinte mat engem weideren Ofbau vun deem scho staark zerstéierte Sozial- a Gesondheetssystem beäntwert ginn. A fir kompetitiv ze bleiwen, kéinten d'Aarbechtsrechter ofgebaut ginn, d'Salairë gedréckt an d'Ëmweltnormen erofgesat ginn. Net ze schwätze vun der Betribsbesteierung, wou d'Prozentsätz elo schonn ugekënnegt weider an de Keller goe wäerten.

An domadder wiere mer ukomm bei der „Race to the bottom", wat d'Rechter an d'Normen ugeet. An dat ass an eisen Aen déi gréisste Gefor fir alleguer d'Mënschen a Groussbritannien wéi och an Europa.

Et ass esou e Groussbritannien virun eiser Hausdier, dat mat Sozial- a Fiskaldumping de Rescht vun Europa viru sech hierdreiwe kéint, wou een Angscht muss hunn, wou een dervir warne muss a wat ee muss verhënneren. An dëst misst eigentlech d'Haaptaufgab vun den europäeschen Negociateure sinn, mä dovunner huet och den Här Barnier, wéi en hei war, wéineg geschwat.

Nieft dem Austrëttsaccord, dee certes schwéier genuch ze realiséiere wäert sinn, gi laangfristeg zwee Accorden ugepeilt: een iwwer eng gemeinsam Defensepolitik an en zweeten iwwer eng Zort gemeinsam Fräihandelszon. Déi zwee Accorden, dat sinn déi mëttel- a laangfristeg Ambitiounen a Perspektive vun der Europäescher Kommissioun a Bezuch op Groussbritannien. Also Handel a Militär.

Här President, jee méi Groussbritannien eventuell an den Eck gedréckt gëtt, desto méi wäerte se zu aussergewéinleche Mesurë gräifen. An dat gëllt och fir de Finanzsecteur. Jee méi haart de Brexit d'Finanzplaz zu London wäert treffen, desto radikaler wäert hir Äntwert dorobber sinn. An e Verloscht vu Maartundeeler um Kontinent wäerte se mat enger aggressiver Strategie op anere Mäert erëm probéiere wettzemaachen. Wat hannert dem haarde Brexit waart, ass eng eesäiteg weider Deregulëierung vum Finanzsecteur mat eventuell souguer engem Austrëtt vu Groussbritannien aus dem BEPS, an dat Ganzt mat eeschte Konsequenze fir de weltwäite Finanzsystem.

Wéi Der wësst, si mir als Lénk net onbedéngt e Frënd vun der Londoner Finanzplaz, mä wa verschidde Regierungen elo scho mengen, se kéinten d'Sabbeldicher undinn a vum Brexit profitéieren, andeems se der City de Business ewechhuelen, da wäert déi Strategie deene Regierungen fréier oder spéider alleguer wéi e Bumerang an d'Gesiicht zréckfléien.

An dernieft, an dorunner muss een an dësem Kontext och nach eng Kéier erënneren, fanne mer et scho kuriéis, wann d'Regierung oder Regierungsvertrieder, an en plus nach Vertrieder vun aneren, vu sämtlechen hei an der Chamber vertruedene Parteien, bis op eis, sech dann awer mat britteschen Negociateuren treffen, heemlech.

(Interruption)

An dat just e puer Deeg virum Beschloss iwwert d'Verhandlungsmandat vun der Kommissioun.

Den Här Adam ass virdrun dorobber agaangen, aus fräie Stécker. Virdrun ass et net ugeschwat ginn, an dat éiert en och, mä ech mengen, datt ee senger Argumentatioun do awer äntwerte muss, datt éischtens den Datum häerzlech onglécklech war, wou dat Treffe stattfonnt huet, an zweetens, datt et méi gesond a méi demokratesch wier an eisem Land besser géif zu Gesiicht stoen, wann esou Treffen ëffentlech wieren, transparent, an net heemlech géife stattfannen an eréischt Wochen drop vun der Press reveléiert géife ginn.

Well, wéi war dat scho méi? Keng direkt bilateral Verhandlungen tëschent Memberlänner a Groussbritannien! Mä vläicht ass jo do bei deene Geheimverhandlungen tatsächlech just iwwert dat agreabelt Klima an iwwert de gudde Kascht hei zu Lëtzebuerg geschwat ginn, esou wéi dat im Nachhinein probéiert ginn ass ze erklären.

Wat mer feststellen, ass, datt den „cherry picking" säit dem Brexit-Referendum voll amgaangen ass, an dat och zu Lëtzebuerg. A Lëtzebuerg mécht och do mat. Schlussendlech, an trotz alle Sonndesrieden iwwert déi européisch Solidaritéit, ass sech jiddweree selwer am noosten an d'Resultat um Enn wäert dat, fäerte mer, leider och erëmspigelen.

Här President, och wann dës Regierung offensichtlech gewëllt ass, hei méi e konziliante Wee ze fueren, wäert hir Strategie e groussen Impakt hunn op d'Entwécklung vu Lëtzebuerg. Hir Beméiungen an déi vun aneren Akteuren hei am Land, fir sech nach méi staark als Intermediaire vun der Londoner Fongenindustrie ze platzéieren, wäert zu enger, am Verglach zur Gréisst vun eisem Land, staarker Oprüstung vun der Finanzplaz féieren, mat potenziell ganz problematesche Repercussioune fir Lëtzebuerg.

Als Alleréischt ass do d'Dominanz vun der Finanzplaz an der Lëtzebuerger Ekonomie, déi heimadder nach eng Kéier riskéiert, méi grouss wäerten ze ginn. Bei all Geleeënheet an zënter Jorzéngte gëtt iwwert d'Ofhängegkeet vun de staatleche Recettë vun der Finanzplaz gejéimert an drop higewisen, datt mer eis Wirtschaft onbedéngt mussen diversifizéieren. Gläichzäiteg awer gëtt keng Geleeënheet ausgelooss, fir déiselwecht Finanzplaz weider opzeblosen. An duerfir hunn ech et och interessant fonnt, datt den Interpellant, den honorabelen Här Bauler, virdrun och net vun der Diversifikatioun vun der Ekonomie geschwat huet, mä vun der Diversifikatioun vun der Finanzplaz.

Mä dat ass net deen eenzege Problem. Am Moment schafe mer hei am Land 10.000 bis 15.000 Aarbechtsplazen - nei Aarbechtsplazen - pro Joer. Mat dësem enorme wirtschaftleche Wuesstum ass eist Land elo schonn offensichtlech iwwerfuerdert, well d'Entwécklung vun den Infrastrukturen hei am Land eigentlech ëm Jorzéngten hannendrunhänkt.

Wat geschitt dann awer elo, wa mer zousätzlech zu deene villen Aarbechtsplazen nach eng Kéier eventuell Zegdausenden nei Aarbechtsplazen op der Finanzplaz uewendropsetzen? Gëtt et dann do seriö Analyse vun der Regierung, wéi een Impakt dat op d'Situatioun vun den Infrastrukturen oder op déi sozial Kohäsioun hei zu Lëtzebuerg wäert hunn?

Ech denken eben, datt et esou Analysen net gëtt, well se och ganz schwéier ze maache sinn. Well de Mot d'ordre vun dëser Regierung ass och weiderhin: Fir d'Éischt kënnt de Wuesstum an duerno kucke mer virun. De Kär vum Problem ass dobäi natierlech hei zu Lëtzebuerg de Logement. Nei Aarbechtsplazen op der Finanzplaz bedeiten och nei Wunnengen, déi ganz kuerzfristeg gebraucht ginn an déi d'Präisser weider an d'Luucht dreiwen.

An déi Leit vun der Finanzplaz, déi do derbäikommen, hunn zimlech sécher déi néideg Paien, fir hei um Maart eppes ze fannen. An da geet et wéi bei de Chaises musicales: Mir dréien alleguerten eng Ronn, a wann d'Musek ausgeet, flitt dee mam niddregste Budget hannen eraus. Dat ass eng Gefor, déi domadder verbonnen ass. An derbäi kënnt dann och nach de Bedarf u Bürosraim, deen dat Ganzt och nach weider verschäerfe wäert.

Do virdrun ass och scho gewarnt ginn. Och de President vun der Lëtzebuerger Zentralbank huet ausdrécklech virun esou engem Zeenario gewarnt, deen eist Land eventuell net méi verkraafte kéint an dee regelrecht derzou féiere kéint, datt mer um Wuesstum erstécke géifen.

A wat ass dann de Besoin un Infrastrukturen? Wéi vill Spideeler, Schoulen, Buslinnen, Zich brauche mer dann? Mir gesinn an, datt et am Moment schwéier ass, d'Resultat vun de Brexit-Verhandlungen an déi Implikatiounen op Lëtzebuerg konkret virauszegesinn, mä mer mengen awer, datt et onverantwortlech wier, fir dat blannemännches op sech zoukommen ze loossen.

Wann d'Regierung wëlles huet, d'Finanzdéngschtleeschtungen oder d'Finanzinstitutioune vu London heihinner ze kréien, wat mir mat grousser Skepsis gesinn, da fuerdere mer d'Regierung op, op d'mannst a méiglechst schnell Zeenarien auszeschaffen a Pläng virzeleeën, wéi se mat deenen Entwécklungen ëmzegoe gedenkt. An d'Zäit leeft! A vu datt d'Regierung deen aktuelle Wuesstum schonns net an de Grëff kritt, rode mir hir allerwäermsten dovunner of, hei wëllen de First Mover ze sinn.

Här President, wat eis generell an der Debatt iwwert de Brexit am meeschten eropstéisst, ass déi Mentalitéit, déi an den européische politeschen Elitten ze spieren ass an déi doranner besteet, onbedéngt vun der Schwächt vun engem anere wëllen ze profitéieren. An dat ass leider och symptomatesch fir den Zoustand vun der EU, wou Solidaritéit gepriedegt gëtt a Konkurrenz gelieft gëtt.

Wat am Mëttelpunkt steet, si Wuesstumszuelen a Renditten. D'Zukunft vun de Mënschen a Groussbritannien an och hei kënnt do ganz dacks un zweeter Plaz. An dat misste mer änneren.

Merci.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Baum. An d'Wuert huet elo dee leschten ageschriwwene Riedner, den Här Franz Fayot.

M. Franz Fayot *(LSAP).*- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, léif Membere vun der Regierung, bon, mir hate scho viru relativ genee engem Joer en Debat iwwert de Brexit an iwwer seng wirtschaftlech Konsequenzen. Dat war deemools direkt nom Brexit en „moving target". Dat ass och haut nach een. Dat ass schonn des Ëftere gesot ginn. An de politesche Kontext vum Brexit, iwwert deen ech net wäert schwätzen, ass vu menge Virriedner scho behandelt ginn an, mengen ech, op eng komplett Aart a Weis beschriwwe ginn.

Mir hunn awer haut e puer méi Indicateuren, haaptsächlech op der wirtschaftlecher Säit, wat präzis déi Konsequenze vun deem Brexit do wäerte sinn. De Statec huet an enger Nott „Regards" am Februar dëst Joer de méiglechen Impakt vum Brexit op de PIB vun England analyséiert. Dat opgrond vun zwou Notte vu Consultanten: PricewaterhouseCoopers a vun Oliver Wyman.

E constatéiert en Abroch par rapport zu engem Zeenario wou England an der EU bliwwe wär, an dat souwuel an engem „hard Brexit" wéi och nach an engem „soft Brexit". Deen Abroch ass an all Fall reell. An de Statec constatéiert, dass besonnesch d'City of London, also de Finanzsecteur, géif ënner esou engem Brexit méi oder wéineger schlëmm leiden.

E berechent och a senger Nott den Impakt vum Brexit op Lëtzebuerg duerch en Abroch vu finanziellen an net finanziellen Déngschtleeschtungen a Richtung Groussbritannien. Et ass gewosst, dass eis Exporter an déi Richtung haaptsächlech Déngschtleeschtunge sinn, finanzieller, awer och haaptsächlech net finanzieller Aart. An d'Berechnung, op déi de Statec kënnt, dat wär eng Mindesteinnam vun 350 Milliounen Euro. Dat wär eng Baisse en terme vun «valeur ajoutée du secteur financier» vun 2,5% an eng Baisse «PIB en volume» vun ongefëier 1%. D'Perte d'emplois, déi de Statec do rechent, dat wären ongefëier 1.600 Leit, wouvun der 600 aus de Services financiers géife stamen.

Et gëtt also aus Lëtzebuerger Siicht kee Grond, sech iwwert de Brexit ze freeën. Politesch net, awer och wirtschaftlech net.

De Statec seet natierlech och a senger Nott, dass an déi Chiffere keng positiv Externalitéiten, wéi en dat nennt, mat agerechent sinn. An domadder schwätzt e vun neien Emploien duerch nei Akteuren.

An do, Här President, wäre mer dann och erëm beim Thema vun den Opportunitéite fir d'Plaz Lëtzebuerg duerch e Brexit.

Mir haten d'lescht Joer an deem Debat als LSAP begréisst, dass de Finanzminister, d'Lëtzebuerger Regierung, géif d'Approche huele vun enger net opportunistescher Politik, dat heescht, d'Approche huelen, prett ze si fir nei Akteuren, déi wéilten op Lëtzebuerg kommen, mä net géif en aggressiven an zimlech onappetittlechen Opportunismus hei un den Dag leeën, wéi verschidden aner Länner dat deemools gemaach hunn an och haut nach maachen.

Et huet sech eng Linn erausgeschielt, déi op d'Komplementaritéit tëschent de Lëtzebuerger an de Londoner Finanzzentre setzt. Et ass gewosst, et ass och schonn e puermol gesot ginn, dass a munche Fäll Lëtzebuerg de Backoffice ass fir Londoner Finanzdéngschtleeschter, fir Londoner Banken. Et sinn och a ganz ville Fäll iwwer Lëtzebuerg Finanzprodukter verkaaft ginn, déi a Londoner Banken a Fongengesellschaften ausgeschafft ginn.

Keen „red carpet", wéi gesot, keng aggressiv Opportunismuspolitik, dat ass an eisen Aen déi richteg Politik an dësem Beräich.

An de Kontakter, déi déi verschidde Lëtzebuerger Akteuren, sief dat de Finanzministère, d'CSSF, de Commissariat aux assurances, mä och Luxembourg for Finance, mat Londoner Finanzdéngschtleeschter, mat der Londoner Industrie haten, schiele sech eng Partie Tendance-lourden eraus, wat fir eng Industrien dann elo heihinnerkommen a wat fir eng net. Ech maachen dat ganz kuerz, well dat ass scho vum André Bauler relativ detailléiert exposéiert ginn. An eis Analysen iwwerschneide sech do dans une large mesure.

Am Bankesecteur ass et kloer, dass keng grouss Transferte vu grousse Banke wäerten op Lëtzebuerg kommen. Den Investmentbanking, och den Trading vu Wäertpabeieren ass keng Aktivitéit, déi zu Lëtzebuerg Traditioun huet. An et ass och keng, déi sech hei wäert implantéieren. Et ass, mengen ech, och keng, aus deene Grënn, déi och scho genannt gi sinn, aus Infrastrukturgrënn, aus Main-d'œuvre-Grënn hei zu Lëtzebuerg, keng, déi fir de Moment och erwënschenswäert wär hei zu Lëtzebuerg. D'Konkurrenz ass och do staark. Do si Plaze wéi Frankfurt oder och Dublin besser opgestallt wéi mir.

Wat awer geschitt, dat ass, dass eng Partie Konten, eng Partie Clienten op Lëtzebuerg kommen. Konten am Private Banking vu Clienten, déi zu London si fir de Moment; Londoner Finanzinstituter, déi och zu Lëtzebuerg eng Branche oder eng Succursale hunn an déi hir Clienten heihinner transferéieren, fir méi Certitude ze hunn a fir eng besser Assise um européische Maart ze hunn.

Dat ass e manner spektakuläre Phenomeen, mä dat ass awer och een, deen ee constatéiert, deen d'Banke constatéieren an deen och wäert en Zouwuess un Aktivitéit an och vun Emploi bei deene Banke mat sech brëngen, och wann e sech sécher elo net mat Honnerten oder Dausenden Emploie chiffréiert.

Eng gutt Surprise, Här President, an déi ass och scho genannt ginn, dat ass am Assurancësecteur. Hei kënnt eng nei Aktivitéit op Lëtzebuerg. A wat interessant ass, dat ass, dass se kënnt am traditionellen Assurancëberäich. Hei schwätze mer net vun Assurance-vie, wou eng Gestion de portefeuille derhannert ass; wat jo eng Aktivitéit ass, déi mer zu Lëtzebuerg gutt kennen; Cross-border Assurance-vie. Neen, hei ass et wierklech en traditionellt Assurancëgeschäft, wéi notamment dat vun AIG, wou corporate Aktivitéiten assuréiert ginn am relativ traditionellen Assurancëgeschäft.

Dat huet zwee Grënn. Dat huet engersäits de Grond, dass mer en eegestännege Commissariat aux assurances hunn, mat engem gudde Savoir-faire. Et huet awer och de Grond vun eiser Stabilitéit hei zu Lëtzebuerg, souwuel politesch wéi och reglementaire.

Bon, déi verschidden Assureuren, déi kommen, déi sinn och schonn zum Deel genannt ginn. Dat ass AIG, dat ass FM Global, Hiscox, RSA Insurance Group an anerer. Wéi gesot, dat ass eng interessant Diversifikatioun vun eisem Finanzsecteur op den Assurancëberäich.

En anere Gewënner vum Brexit hei zu Lëtzebuerg ass d'Fongegeschäft. Och hei kommen eng Rei vun Akteuren nei op Lëtzebuerg. Eng Rei anerer verstäerken hir Präsenz am Beräich vum Opsetzen, der Administratioun an der Distributioun vu Cross-border-Fongen. Et ass gewosst, dass dat déi gréisst Stäerkt ass vun der Lëtzebuerger Fongenindustrie.

An hei kënnen och schonn eng Partie Erfolleger verbucht ginn an anerer sinn an der Pipeline, an dat souwuel am traditionelle Fongegeschäft wéi och am alternative Fongegeschäft, dat heescht Private equity, Real estate, Hedgefongen. Do kommen nei Aktivitéiten op Lëtzebuerg als direkt Konsequenz vum Brexit.

A schlussendlech ass e weidere Beräich, wou nei Kandidaten do sinn oder nei Interessenten, de FinTech. Do hunn ech mer soe gelooss, dass et eng Dosen Demandë gëtt bei der CSSF am Beräich vun der Monnaie électronique, mä och am Beräich vun de Services de paiement, wou nei Akteure wëllen op Lëtzebuerg kommen.

Här President, dat sinn am Fong déi Beräicher oder e bëssen den État des lieux vun deene Beräicher, wou mer interessant sinn, an deenen, wou mer et manner sinn. Dat confirméiert sech säit engem Joer.

Et gëtt awer och an eisen Aen eng Partie Risiken, déi sech ofzeechnen an enger Post-Brexit-Welt, bezu spezifesch op de Finanzsecteur. An dee wollt ech och kuerz uschneiden.

Deen éischte Punkt betrëfft d'Steierkonkurrenz. Ech hat dat schonn d'lescht Joer gesot. An, bon, dat ass dëst Joer e bëssen an der Schwief, mä et bleift awer ofzewaarden, wéi England sech positionéiert nom Brexit a Saache Steierpolitik. Den „Worst case"-Zeenario wär deen, wou England géif en Dumping fiscal maachen, wou se dat géife maache souwuel wat den Taux ugeet wéi och d'Base, mä och wat den Attrait vun „High net worth individuals" ugeet. Si hu jo schonn den „Resident non-dom"-Statut, dass se sech do u sech géifen opstellen an eng Aart Steierparadies un den Diere vun Europa ginn. Dat wär an eisen Ae ganz nefaste. An dat ass eppes, wat ee muss ganz gutt observéieren.

Mir sollten awer och oppassen op dat, wat mir selwer hei maachen en terme vun Attraktivitéit a Kompetitivitéit an der Steierpolitik. Den Här Minister huet an deem Entretien am „Land", wat scho genannt ginn ass, gesot, dass déi „stock-options", déi mer jo hunn an déi hie gär reforméiert, weiderhin nach sollten am Fong en Attrait bilden och fir Kaderen, fir héich qualifizéiert Employéen, déi gär géifen op Lëtzebuerg kommen.

An ech géif gär do ganz kloer soen, am Numm vun der LSAP, dass mer déi Reform, Här Minister, déi Der do undenkt, begréissen. Mir fannen, dass deen „Stock-options"-Regimm, dee mer elo hunn, deen op enger Circulaire baséiert vun 2001, déi 2011 reforméiert ginn ass an déi zu villen Abuse gefouert huet, wou Leit, déi héich verdéngen, ganz vill Sue verdéngen, kënnen hir Revenue massiv onbesteiert loossen oder relativ massiv Steiere spueren, dass dat an eisen Aen net méi geet.

Mir begréissen et, dass Der gären dee Regimm vun den „stock-options" op seng eigentlech Raison d'être zréckbréngt, déi dann ass, fir Leit un hir Entreprise ze bannen doduerch, dass se Optioune kréie just op d'Aktien an hirer Entreprise, eventuell Aktie vun Entreprisen an hirem Grupp.

A mir wënschen eis, dass mer do alleguerten zesumme Fouss beim Mol halen, well mir wëssen, dass et do Pressioune gëtt aus der Industrie. Do si vill Leit, déi en Interêt hunn an deem aktuelle Regimm an déi en Interêt hunn, dass dee Status quo erhale bleift. A mir mengen, dass et extrem wichteg ass, och am Kontext vum Brexit, dass mer un deem, wat Der do ugeduecht hutt, festhalen.

En zweete Risk, dee sech elo scho weist, dat ass, an dat huet ee gesinn, dass Irland ufänkt, eis relativ schaarf ze kritiséieren, well se soen: „Do gëtt et e Risk vu Lizenzen ouni Substanz." Lëtzebuerg ass ënner Beschoss komm, well gesot ginn ass: „Dir gitt Agrementen, Dir gitt Lizenzen, mä Dir renoncéiert op d'Substanz virun Uert. Dat ass e Risk!" Dat ass falsch, dat ass net justifiéiert. Ech mengen, de Contraire ass éischter wouer, dass mer heiansdo zevill Substanz froen an doduerch verschidden Akteuren net heihinnerkommen. Mir mussen eis bewosst sinn, dass et do Pressioune gëtt, och um européische Plang, dass et Velléitéite gëtt vun der Kommissioun, fir méi Pouvoiren un déi verschidden Autoritéiten ze ginn, un ESMA, EBA an un d'Assurancenautoritéit, a fir déi Pouvoire vu Memberlänner ewechzehuelen. Dat ass erëm eng Kéier fir Lëtzebuerg keng gutt Evolutioun an dat ass eng, där mer eis musse bewosst sinn a wou mer eis mussen dergéint wieren.

An deemselwechte Kontext, Här Minister, an ech soen lech dat en fait scho bal bei all Debat, wënschen ech mer, dass elo relativ schnell dee Projet de loi fir d'Loi sanction kënnt, fir der CSSF méi Pouvoiren ze ginn am Beräich vun de Sanktiounen. Dat ass e Beräich, wou mer am Term vu Gouvernance vu Sanktiounen net gutt dostinn a wou mer riskéieren, iergendwann eng Kéier un de Pranger ze geroden. An ech weess, dass dee Projet bei lech an der Maach ass, an ech géif lech nach eng Kéier invitéieren, deen esou schnell wéi méiglech ze deposéieren, gradesou wéi ech mer wënschen, dass mer och mat der Direktiv Anti-blanchiment an der Direktiv MiFID schnell weiderkommen. Hei geet et och ëm d'Kredibilitéit vun eisem Finanzsecteur, vun eiser Finanzplaz. An et geet och drëm, fir sech géint esou Reprochë vu feelender Substanz hannert eise Lizenzen ze wieren, um européischen an um internationale Plang.

Voilà, dat gesot, géif ech hei ophalen an lech Merci soe fir Ar Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci. Domat si mer um Enn vun eiser allgemenger Diskussioun. An d'Wuert huet elo de Premier- a Statsminister.

Prises de position du Gouvernement

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass e bësse méi wéi e Joer hier, op den 23. Juni, dass mer alleguerten iwwerrascht an, ech kann och soen, zum Deel schockéiert waren iwwert déi Nouvelle aus Groussbritannien. Wou et am Ufank vum Owend nach aneschters ausgesinn huet, si mer moies erwächt mat der Noriicht vum Vott, vum Brexit, vum „Leave", deen de Referendum gewonnen huet.

Dat brittescht Vollek huet sech an engem wuel knappen, awer klore Vott derfir ausgeschwat, d'Europäesch Unioun wëllen ze verloossen.

Erlaabt mer just, och nach drun ze erënneren, dass an der Campagne am Virfeld vun deem Referendum awer och mat Mëttele geschafft ginn ass, déi net akzeptabel sinn: mat populistesche Parolen, mat Hallefwourechten an och carrement mat Ligen. Net méi spéit wéi den Dag drop si scho verschidde Saache rektifizéiert ginn, déi awer wärend der ganzer Wahlcampagne als Behaaptungen do waren.

Et gouf vill kommentéiert, et gouf vill analyséiert. Et ass gesot ginn, jonk Leit wieren net wiele gaangen, d'Wieder wier net gutt gewiescht et cetera an et cetera. Eppes schéngt mir awer ganz perséinlech kloer ze sinn: Et kann een net ëmmer d'ganz Woch mat senger eegener Famill streiden a sech da wonneren, dass sonndes keen op d'Iesse kënnt, wann ee se invitéiert.

(Hilarité)

Dat ass näämlech e bëssen d'Situatioun, eng Traditioun aus Groussbritannien, fir iwwer Jorzéngten d'EU schlechtzerieden. Fir déi haart Decisiounen, déi eng Regierung muss huelen, gouf Bréissel responsabel gemaach, wéi wann dat esou en Ausserierdesche wär, dee fir déi aner géif decidéieren. Wéi déiselwecht Politiker dunn op eemol ugefaangen hunn, awer d'Virdeeler vun der Europäescher Unioun wëllen ervirzesträichen, war et ze spéit. D'Kredibilitéit als Supporter vun der Europäescher Unioun war scho laang fort.

Dat, Här President, soll eis alleguerten, och heibannen, an de Politiker an Europa eng Léier sinn! Bréissel si mir näämlech alleguerten. Bréissel, dat sinn eis Europadeputéierten, déi hei zu Lëtzebuerg gewielt ginn, dat ass eis Regierung, déi op de Sommeten ass an d'Agenda mat definéiert. Et ass och eist Parlament, et ass d'Kommissioun, et ass d'Parlament, wat d'Direktiven ëmsetzt. An zanter dem Traité vu Lissabon ass den Afloss vun den nationale Parlamenter och nach emol gestäerkt ginn. Bréissel ass also den Hôtel de Bourgogne, et ass den Hôtel St-Maximin, et ass den Hôtel St-Augustin, et ass de Forum Royal an et ass selbstverständlech och hei de Plenum.

Den 29. Juni d'lescht Joer, also just e puer Deeg nom Referendum, hate mer och e Conseil européen. An ech wor och ganz frou, well déi Zesummenaarbecht tëschent Chamber a Regierung, mengen ech, gëtt et, an d'Kolleege wäerten och op déi Texter, déi ënnerbreet gi sinn, op d'Motiounen an d'Resolutioune wëllen agoen. Mä ech wëll Iech awer just soen, dass deemools op d'Initiativ vun der Regierung, an ech soen och der Chamber e grousse Merci, mir och hei konnten direkt duerno zesummen diskutéieren.

An deem Conseil vum 29. Juni hu mer beschloss, weiderhin an der EU zesumme wëllen ze schaffen, an och decidéiert, dass keng Verhandlung mat dem Vereenegte Kinnekräich gefouert géif ginn, soulaang och den United Kingdom net offiziell notifiéiert hätt, dass se d'Unioun wéilte verloossen. Well verschidde Leit hätte scho gären diskutéiert, ier mer iwwerhaapt den Artikel 50 geschéckt kruten. An dat, wat esou einfach war - fir e Bréif ze schécken op Bréissel, fir den Artikel 50 ze invoquéieren -, dat huet eleng schonn néng Méint gedauert, Här President, fir dass déi brittesch Regierung ënnert dem Artikel 50 ee Bréif notifiéiert huet.

Den Delai weist am Fong d'Komplexitéit vun där Entreprise. Ganz am Géigesaz zu deem, wat am Referendum vun deene sougenannten „Brexiteers" gesot gouf - dass dat esou einfach wier, dass dat just eng Formalitéit wier -, huet dat eleng schonn néng Méint gedauert.

Formell ass also elo zënter dem 29. März 2017 de Brexit en route. Den Artikel 50 gesäit vir, dass deeselwechte Brexit innerhalb vun zwee Joer ofgeschloss muss sinn. Am Fall, wou et zu kengem Accord kënnt, gëtt d'Sortie trotzdeem effektiv, dat soll ee wëssen, an zwar fir den 29. November 2019. Nom Artikel 50 kann och nëmmen en unanimë Beschloss vum Conseil européen den Delai verlängeren.

Den Artikel 50, Här President, setzt och de Kader fir d'Sortie. Virun zwee Méint huet och de Conseil européen zu 27 - a verschidde Leit wore bal iwwerrascht oder enttäuscht, dass mer nëmmen eng Véierelstonn gebraucht hunn, fir eis eens ze sinn an Europa -, zesummen zu 27 eng Äntwert op dee brittesche Bréif, déi grouss Orientatioun, also d'Guidelines fir d'Negociatiounen, rapidement beschloss. Si bestëmmen den Oflaf vun dëse Verhandlungen, déi duerch de Michel Barnier gefouert ginn.

Ee vun deene wichtegste Punkten an deene Verhandlungen, dat ass, dass de Conseil européen verschidde Sequençagë bestëmmt huet, dat wëllt soen, dass fir d'Alléréischt den zukünftege Status vun den EU-Bierger am Vereenegte Kinnekräich an och vun de brittesche Bierger an der EU muss definéiert ginn.

D'Budgetssituatioun „solde pour tout compte" plus d'Situatioun un der nordiescher Grenz musse geregelt ginn. Dat ass also nach ier mir iwwert déi zukünfteg Relatioune verhandele kënnen an dat gefält Verschiddener vläicht net zu London, Här President, mä schéngt mer awer normal. Wéi wëlle mer iwwert d'Zukunft verhandelen, wann d'Vergaangenheet iwwerhaapt nach net geregelt ass?

An hei sinn och e puer Froe gestallt ginn, och, wéi et mat de Rechter vun de Bierger wär.

Här President, „Citizens first!" Mir kënnen net no deem Brexit soen, dass de Commerce méi wichteg ass wéi d'Zukunft vun de Bierger an Europa oder a Groussbritannien. Mir mussen de Bierger als Prioritéit hunn. Wa mer dat net maachen, dann hu mir alleguerten als politesch Klass de Brexit, an och d'Ursaache vum Brexit, net verstanen, an dass de Bierger sech muss nees an Europa erëmfanne kënnen.

A just zur Informatioun och hei, well et awer eppes ass, wat symptomatesch ass a wat een awer och soll ervirsträichen. An duerfir soen ech och dem Justizminister Merci, dass e mer déi lescht Zuele matginn huet: D'Demandë vun Naturalisatiounen zum Beispill vun Awunner aus Groussbritannien hei zu Lëtzebuerg woren 2013: 62 Stéck, 2014: 61 Stéck, 2015: 56 Stéck an 2016: 193 Demandes de naturalisation hei zu Lëtzebuerg vun Awunner aus Groussbritannien. An dëst Joer si mer elo schonn, tëschent Januar a Mee, bei 132, a wann dee Rhythmus weider unhält, wäerte mer ongeféier 320 Demandë kréien dëst Joer vun Awunner aus Groussbritannien, déi d'Demande maachen, fir och e Lëtzebuerger Pass ze kréien.

Ech wëll, Här President, och hei ënnersträichen, dass et ni d'Zil oder d'Absicht vun der Lëtzebuerger Regierung oder vun engem vun de 27 Länner war, fir d'brittescht Vollek hei wëllen ze bestrofen. Déi Decisioun ass ze respektéieren! Well mir maachen eis näischt vir: Virrangegt Zil an dëse Brexit-Verhandlunge muss et sinn, den negative vollekswirtschaftlechen Impakt souwuel fir Lëtzebuerg wéi och fir déi 27 a fir d'Vereenegt Kinnekräich op e Minimum kënnen ze beschränken, ouni vun den Effets negatifs och op d'Bierger wëllen hei ze schwätzen.

De Brexit huet de Potenzial, en destruktiven Effekt op d'Wirtschaft ze entwéckelen, notamment am Vereenegte Kinnekräich. Desto méi wichteg ass et, och eng kohärent Positioun vun der EU zu 27 ze hunn.

Ech soen dat, wuel wëssend, dass an Deelberäicher, duerch eng Auslagerung vun Entreprisë vu London an d'EU an och op Lëtzebuerg, verschidde positiv Effekter méiglech si fir eis national Wirtschaft.

Mir hu jo do scho ganz gutt Nouvellen. An esouwuel de Wirtschafts- wéi de Finanzminister an och ech selwer hunn ëmmer nees Kontakter mat auslännesche Chef-d'entreprisen, déi interesséiert sinn, en Deel vun hiren Aktivitéiten och op Lëtzebuerg ze verleeën. Mä och hei, an an engem grousse Gesamtbild fir Europa, ass de vollekswirtschaftlechen Notze vum Brexit sécher net positiv.

Den 19. Juni elo hunn d'Verhandlungen ugefaangen. Dem Här Barnier an der Kommissioun, muss ech Iech soen, vertraue mer, si hu bis elo och gutt Aarbecht geleescht. An deem Zesummenhang wëll ech och ënnersträichen, wéi wichteg d'Unitéit vun deene 27 och ass an deem doten Dossier, fir op gutt Verhandlungsresultater erauszekommen. Och d'Regierung huet hir Hausaufgaben hei gemaach. Mir hunn eis Bestandsopnam gemaach a mir gesinn och den Negociatiounen an deenen eenzelne Beräicher zouversiichtlech entgéint.

Soubal den Här Barnier dem Conseil européen zu 27 Rapport mécht a seet, dass et „suffisant progressed" ass - dat ass den Term, dee consacréiert ginn ass, dat heescht, dass senger Meenung no Fortschrëtter do sinn, déi déi Sujeten aus der Vergaangenheet, aus der Mitgliedschaft och an der EU betreffen -, dann decidéiert de Conseil européen zu 27, ob déi Fortschrëtter duerginn, fir da kënne weiderzefueren. Dee Kader muss bis Oktober 2018 ofgeschloss sinn, fir dass déi national Parlamenter och déi néideg Zäit kënne kréien, fir den Accord de sortie kënnen ze diskutéieren a kënnen ze préiwen, en vue vun der Ratifikatioun.

Dat Ganzt ass elo ganz enk, e ganz enke Kalenner. An obwuel ech grondsätzlech optimistesch sinn, dass et gelénge wäert, maache mir déi kontinuéierlech Diskussiounen iwwer Soft Brexit, Hard Brexit awer Suergen. Eppes ass an deem Kontext awer sécher: Lëtzebuerg steet fir den „level playing field" dès le départ.

Et ass sécher, dass all zukünftegen «Accord à 27» mat dem Vereenegte Kinnekräich muss op engem „level playing field" sinn. „Cherry picking" an aner Praktike wéi „divide et impera" si keng Optioune fir eis. Zu 27 si mer staark a mir mussen och déi Unitéit bäibehalen. D'Europäesch Unioun ännert duerch de Brexit.

Ech bedaueren, ech hunn ech scho gesot, ech respektéieren, mä ech bedaueren déi brittesch Entscheedung, ech soen dat ganz offen. Déi aktuell Diskussiounen op der Insel weisen awer och, dass déi soi-disant esou einfach Brexit-Situatioun och ganz vill technesch Komplexitéite mat sech bréngt, ouni iwwert de politesche Volet ze schwätzen, wou schonn deen een oder deen aneren hei och drop agaangen ass.

Lëtzebuerg wëllt, war, ass a wëllt och e Partner vu Groussbritannien bleiwen, vu Groussbritannien an Europa, mä natierlech zu anere Konditioune wéi haut. Si bleiwen eis Noperen. Och wa se net méi an eiser Famill sinn, bleiwe se eis Noperen an och e Land, mat deem mer gutt Relatioune solle bäibehalen.

De Brexit geet wäit iwwert de kommerziellen an och deen techneschen Aspekt eraus. Et ass eng historesch an eng strategesch Decisioun, wou et haut schwéier ass, d'Konsequenzen all kënnen ofzeschätzen. Eng Saach ass allerdéngs sécher, Här President: D'Europäesch Unioun ass de Fundament an d'Garantie fir e prosperéierend an onofhängegt Lëtzebuerg am 21. Jorhonnert.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Premierminister. An d'Wuert huet elo eisen Ausseminister.

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*.- Merci, Här President. Nom Premier- a virum Ausseminister, mengen ech, soen ze dierfen, dass mer jo zu Lëtzebuerg net nëmme Banker sinn...

(Hilarité)

Une voix.- Virum Finanzminister.

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*.- Pardon. Virum Finanzminister, pardon. Virum Finanzminister,...

(Hilarité)

...wëll ech soen, dass mer jo net nëmme Banker sinn, mä och Europäer sinn, heiansdo europäesch Banker. Mä duerfir géif ech vläicht direkt soen, dass mer eigentlech ugefaangen hunn, Här Mosar, an der Europäescher Unioun ze soen: „Wa mer hei wëllen Erfolleg hunn, dann däerf net all Land eng Strategie hunn, mä mir mussen eng gemeinsam europäesch Strategie hunn." A Lëtzebuerg ass selbstverständlech op där Linn. Mir kënnen hei diskutéieren, mengen ech, mir maachen dat jo och an der Kommissioun an och ënnert eis, wat eng gutt Linn wier fir Lëtzebuerg, mä ech mengen net, dass et an eisem Interêt wier, wa mir géifen op d'Place publique goen a soen: „Do sinn eis rout Linnen, doriwwer geet et net!" Dat solle mer, géif ech mengen, si loossen.

Verhandelt gëtt, et ass scho gesot ginn: D'Virbereedunge vun de Verhandlunge ginn am Conseil Affaires générales gemaach, an de Conseil européen, dee suivéiert dat selbstverständlech an deen hëlt och déi néideg Decisiounen, mä de Michel Barnier ass deen, deen all Sputt huet, fir selbstverständlech an d'Detailer ze goen.

Nun, et gëtt vläicht zwee Wierder, déi nach net esou hei ugeklonge sinn. Dat eent kënne mer séier vergiessen: Verhandlungsdirektiven. Domadder hu mer ugefaangen. An da kënnt jo dat Wuert vun de Leitlinnen. Dat ass, wou mer laang dru geschafft hunn a wou mer et och fäerdegbruecht hunn, d'Leitlinnen opzeriichten am Kader wou déi Verhandlunge solle stattfannen.

Bon, den éischte Punkt dovunner, déi éischt Leitlinn ass, dass d'europäesch Integratioun eigentlech Europa Fridden a Wuelstand bruecht huet, an net de Contraire.

Bon, ech widderhuelen dat net nach eng Kéier, mä Dir wësst, déi ganz liicht Majoritéit vun de Britten huet dat anescht decidéiert, a mir sinn elo do, wou mer sinn a mir mussen, och wann et eis wéideet, pragmatesch drun erugoen. Dat gëtt ni eng „Win-win-Situatioun", wéi jo de modernen Term ass, mä mir musse kucken, wat dee mannste Schued uriicht.

An duerfir sinn déi Leitlinnen och, loosse mer soen, imprägnéiert vu Pragmatismus. Mir hunn et bis elo, Här Baum, fäerdegbruecht - et ass net ëmmer esou! -, dass mer an dësem Fall awer Solidaritéit gepriedegt hunn an och Solidaritéit gelieft hunn. Bis elo ass beim Brexit - bei deene 27, déi bliwwe sinn an der Europäescher Unioun an déi riskéieren, och ze bleiwen, esou wéi et ausgesäit an nächster Zukunft - do zesummegehale ginn. An ech mengen, dat ass trotzdeem awer schonn e gutt Zeechen, dass do net déi national Interêten an de Vierdergrond gestallt ginn, mä eben deen europäeschen Interêt, an ech mengen, dass dat och souguer am Interêt vun de Britten ass, dass dat esou geschitt.

Sou, elo wësse mer, dass a Groussbritannien - iwwerhaapt an der Welt, wou éischter Englesch wéi Franséisch oder Däitsch geschwat gëtt - mer jo op enger Schinn si mat „America first" an „America alone", a fänken och elo un, a Groussbritannien esou eng Zort Zersetzung vu Multilateralismus ze gesinn. Ee vun deene Signen ass, dass d'Engländner jo, an den Här Adam huet et gesot, aus der Fëschereikonventioun vun 1964 erausgeklomme sinn. Dat ass alles net gutt, dat geet net an déi gutt Richtung. A mir hätten eigentlech schonn dat gréisste Land, oder eent vun deene stäerkste Länner vun der Welt, dat op dem Multilateralismus trëppelt. Dat géif eigentlech duer; et wier net gutt, wa Groussbritannien och géif dat nämlecht maachen.

Dann, d'Leitlinnen ënnersträichen d'Engagement, fir eng Eenegung ze erzilen. Dat ass jo och wichteg. An ech mengen, do gëtt et en equilibréiert Verhältnis tëschent de Rechter an de Flichten. An do ass et och kloer, dass een Netmemberstat net däerf méi Avantagen hunn ewéi e Memberstat. An en anere wichtege Punkt ass, do hu mer eis och drop gëeenegt: „Nothing is agreed until everything is agreed." Dat ass e wichtege Punkt, dass mer net zoossissonéieren a soen: „Elo si mer do eens, dann ass et gutt do, dat hake mer of!" Neen, et muss e Ganzt bleiwen.

Mir hunn eis och gëeenegt an deene Leitlinnen, dass et kann een Iwwergang ginn tëschent dem Auswierke vum Artikel 50 an deem Neien, wat ausgehandelt gëtt. Eng vun deene schwieregste Phase wäert schonn am Oktober kommen, an de Michel Barnier huet dat jo och der Chamber explizéiert: Wéini si mer am Moment, wou mer parallell kënne fueren? An dat gëtt eng Decisioun, déi muss geholl ginn am Conseil. De Premier huet et jo elo grad och gesot: Wéini si genuch Elementer do, virun allem an deene wichtegste Punkten, an déi kennt Der alleguerten, dass mer kënne soen, „okay, mir kënnen elo an eng Phas erantrieden, wou mer och kënnen iwwert d'Zukunft nodenken"?

An Dir kennt dat. Dir wësst, d'Rechter vun de Citoyenen, dës Säit an déi aner Säit. Nordirland, e wichtege Punkt. Mä dat Wichtegst heiranner ass d'Geld. Et sinn d'Suen! Wéi gi mer domadder ëm?

Bon, an där zweeter Phas, do geet et jo dann drëm, fir ze probéieren, dass een en „Free trade agreement", zum Beispill am Genre CETA, géif aushandelen, och héchstwahrscheinlech eng Zollunioun, well mir musse jo och aus ekonomesche Grënn, awer och aus politesche Grënn, aus kulturelle Grënn an Europa e Lien behale mat esou engem wichtege Land wéi Groussbritannien.

Hei wäert och de schwierege Punkt dee sinn: Wien tranchéiert an der Iwwergangsphas? Ass et d'Cour européenne de justice nach ëmmer, wat mir jo soen, oder sinn et d'national Geriichter?

Bon, vläicht och nach e Wuert zum Delai, wat jo vu verschiddene vun de Kolleegen ugeschwat ginn ass. Also et ass kloer, den Artikel 50 gëtt zwee Joer. Dat heescht, den 30. März 2019 um 0:00 Auer - wann näischt geännert gëtt um Delai - ass Groussbritannien net méi Member vun der Europäescher Unioun. An do kéint et jo sinn, dass et kéint zu engem „Cliff edge"-Zeenario kommen, dat heescht, dass et riicht mam Kapp an d'Mauer geet, op Lëtzebuergesch gesot. An dat muss verhënnert ginn, an ech mengen, déi zwou Säiten hu groussen Interêt, fir dass dat verhënnert gëtt.

Wat Lëtzebuerg ugeet, Dir kennt d'Chifferen, mä mir musse se vläicht ëmmer erëm widderhuelen. Et si 6.100 Britten hei zu Lëtzebuerg. 600 Lëtzebuerger liewen a Groussbritannien. Et sinn 1.200 Studenten a Groussbritannien, wat eng ganz grouss Zuel ass. Groussbritannien bleift attraktiv fir eis Studenten. Also, mir musse kucken, am Interêt vun deene Mënsche Léisungen ze fannen. An dat, wat den Här Mosar

freet an der Motioun N°3, wann ech dat däerf soen - an et geet mir elo net drëm, fir eng Motioun ofzeleenen -, ech mengen, et ass awer trotzdeem un der brittescher Ambassad hei zu Lëtzebuerg, fir dat ze kucken, a si mécht dat. Mir hunn e ganz, ganz dynameschen Ambassadeur hei an e ganz engagéierten Ambassadeur, deen héchstwahrscheinlech, ech weess net, ob en nolauschtert, mä...

(Hilarité)

...en ass hei, mä ech weess net, ob en nolauschtert.

(Hilarité)

Nee, hien, dee léiwer... Ech weess och, firwat hie gestëmmt huet. Mä bon, e muss jo seng Aarbecht maachen an dat mécht en och.

(Hilarité)

An hien ass ganz aktiv, mir wëssen dat alleguerten, an ech ginn dervun aus, dass hien och zur Verfügung steet, fir de Britten, déi dat froen, och de Betriber, Opklärung ze ginn.

Dann, vläicht e Punkt och nach iwwert d'Budgetsfroen, wat den Här Gramegna mat grousser Wahrscheinlechkeet wäert méi kloer uschneiden. Mä e wichtege Punkt ass Nordirland. Also, mir mussen ëmmer erëm widderhuelen: Et gëtt net nëmmen ee Friddensprozess am Moyen-Orient, oder et soll ee ginn, ben, mä et gëtt och een, dee jo effektiv gegraff huet an Irland, den „Good Friday Agreement", also Karfreideg-Agreement, wou no villen, villen, villen Doudegen also d'Iren u sech, ob se am Norde waren oder zu Dublin, Belfast oder Dublin, zesummekomm sinn. An dat däerf net perturbéiert ginn. Wann erëm Douanieren op de Grenze stinn an Nordirland, da riskéiert dat erëm eng Kéier, Jorzéngten no hannen ze goen, an et riskéiert een, dass erëm Gewalt opkënnt, an dat muss ee wëssen. An duerfir musse mer als Europäesch Unioun och den Ire ganz gutt nolauschteren, net nëmmen den Nordiren, mä och den Irlänner aus Dublin nolauschteren, wéi si dat gesinn.

Vläicht nach, fir ofzeschléissen, e Wuert iwwert den Impakt zu Lëtzebuerg. Also mir hu ganz staark wirtschaftlech Verbindunge mat dem Vereenegte Kinnekräich. Groussbritannien ass de fënneften Handelspartner! De fënneften Handelspartner, wat d'Exporter vu Lëtzebuerg ugeet, a 4% vun eisen Exporter, wat d'Vereenegt Kinnekräich betrëfft, besonnesch am Finanzsecteur, wou dat do sech op 14 Milliarden Euro u Servicer chiffréiert.

Mir hunn als Regierung, an do kann een och eis Kolleege vun der Oppositioun berouegen, mir hu ganz fréi, Här Mosar, een interne Screening duerchgefouert, wou mer all Ministèren ugeschriwwen hunn a gesot hunn: „Mir als Ausseministère koordinéieren dat!" Hir Zoustännegkeetsberäicher, d'Opportunitéite vum Brexit fir Lëtzebuerg ze analyséieren an natierlech awer och ze kucken: Wat sinn d'Erausfuerderungen? An dat ass eppes, wat eis natierlech och hëlleft, fir eis Positioun an de Verhandlunge kloer an däitlech kënnen ze maachen.

Groussbritannien bleift och nom Brexit, wann deen eng Kéier vollzu wier, e wichtege Partner vun eis. 2016 war Groussbritannien op der sechster Plaz vun eisen Handelsbezéiungen, deene wichtegsten Handelsbezéiunge mat EU-Memberstaten, direkt no eisen dräi Nopeschlänner, no Holland an no Italien. Et ass also e wichtege Facteur. An d'Exporter hunn an der Moyenne ongefëier ëm 460 Milliounen Euro am Joer bedroen.

De Brexit ass, an dat wäerte mer och gesinn an de Verhandlungen, een héich, héich komplizéierte Prozess, wou ganz vill Vaseline néideg ass, fir zu enger Konklusioun ze kommen. Dir wësst, dass déi éischt Ronn mat vill, mat ganz vill Méi ugefaangen huet. Bon, déi zweet Ronn ass elo geplangt fir de Juli. Et sollen der sechs ginn, véier ginn, pardon!, wann ech gutt informéiert sinn, dat heescht, eng Verhandlungsronn pro Mount. Mir wäerten och vum Michel Barnier am Conseil des Affaires générales ëmmer gesot kréien, wou mer dru sinn, wou mer stinn. Selbstverständlech, Här Angel, President vun der Kommissioun, kommen ech gäre bei Iech a wëll Iech selbstverständlech och do Ried an Äntwert stoen an Iech och soen, wou mer dru sinn.

Mir hoffen natierlech, wat jo hei och indirekt ugeklongen ass, dass näischt irreversibel ass. Mä ech mengen awer, dass mer de Moment eis sollen éischter drop astellen, dass den 23. Juni 2016 eigentlech ee Vott ugeholl ginn ass an dass déi brittesch Regierung bis elo - bis elo!, a si huet jo och elo eng knapp Majoritéit kritt, bon, mat vill Nout, mä et ass eng Majoritéit do - op der Schinn ass, fir eben d'Verhandlunge vum Brexit duerchzezéien. Wéi dat verleeft, mat wat fir engem Resultat, ass de Moment nach net ofzegesinn.

Merci, Här President.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Ausseminister. An d'Wuert huet elo den Här Finanzminister Pierre Gramegna.

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- Här President, léif Kolleegen aus der Regierung, Dir Dammen an Dir Hären Deputéierten, fir d'Éischt e grousse Merci un den Deputéierten André Bauler an un den Deputéierte Laurent Mosar fir hir Interventiounen zu engem Sujet, deen immens wichteg ass. An ech mengen, si hu ganz vill Aspekter hei beliicht, an ech mengen, dat kënne mer begréissen.

Ech géif gären an der Introduktioun ganz kuerz e puer Punkte beschreiwen, déi och scho vum Premierminister a vum Ausseminister méi am Detail ugeschwat gi sinn, mä e bëssen aus der Perspektiv vum Finanzministère a vum Finanzminister.

Fir d'Éischt emol ass ze soen: D'Decisioun ass den 23. Juni d'lescht Joer gefall, an d'Negociatioune mat England hunn den 19. Juni dëst Joer ugefaangen. Mir hunn also missen ee Joer waarden, fir dat kënnen ze starten. An dat Joer huet vill Incertituden, vill Imprevisibilitéit bruecht, wat béide Säite geschuet huet, der EU, de 27 Länner, mä nach vill méi dem Vereenegte Kinnekräich.

Vun deenen dräi Haaptpunkten, déi an der Phas 1 sollen diskutéiert ginn, wëll ech nëmmen ee kuerz uschneiden, dee vum Budget, well de Premierminister an den Ausseminister scho vill iwwert d'Bierger geschwat hunn an och iwwert d'zukünfteg Grenzen.

Mä zum europäesche Budget vläicht e Bild, wat erënnert un dat, wat de Premierminister als Bild gebraucht huet. Dat, wat d'Vereenegt Kinnekräich muer wäert musse bezuelen, ass net e Prix de départ, et ass och keng Bestrofung, et ass Folgendes: Et ass, wéi wann een zesummen an e Restaurant geet an et bestellt ee siwe Gäng fir ze iessen. An dann, an der Mëtt, steet ee vun de Gäscht op, beim véierten oder beim fënnefte Plat, an da seet en: „Ech sinn elo är Gesellschaft e bësse midd an ech hunn elo genuch giess, elo ginn ech heem." A wann déi aner da ganz fei Leit sinn a ganz ziviliséiert, da soe se him: „Majo, wann s du wëlls heemgoen, kanns du heemgoen. A wann s du net méi wëlls iessen, da kanns du dat och maachen, mä et ass jo kloer, dass mer d'Rechnung all zesumme bezuelen an dividéieren." Et ass net méi komplizéiert wéi dat. Domat wëllt ee kee bestrofen, mä do sinn Engagementer geholl ginn an déi Engagementer muss een anhalen.

An et ass och kloer, et ass ee vun den Orateuren, dee gesot huet: England, d'Vereenegt Kinnekräich, huet och Rechter! Mä natierlech! Rechter, déi eppes wäert sinn, an dat wäert mat an de Calcul erageholl ginn, ganz rationell. Vun all deenen Elementer, déi elo an der Diskussioun sinn, ech mengen, ass et ganz kloer auserneenzehalen, hu mir zwou Phasen. Wéi komme mer op deenen dräi Punkte virun: Budget, Citoyenen an d'Grenzen? A wa mer do genuch virukomm sinn, da kënne mer iwwert zukünfteg Relatioune schwätzen.

Ganz richtegerweis hu sech déi 27 Memberstaten zesumme mat der Kommissioun séier eeneg fonnt, fir ze soen, dass keng Rosinne kënnen erausgepickt ginn, „no cherry picking". An et kann een an deem Kontext nëmme bedaueren, dass d'Vereenegt Kinnekräich eréischt ze spéit d'Vertuen an d'Qualitéite vun Europa erausfonnt huet. Hätte se all dat Gutt un Europa, ënner anerem de Marché unique, méi fréi erkannt, hätten d'Englänner wahrscheinlech net esou gestëmmt, wéi se gestëmmt hunn.

Dat Zweet, wat ech wëll soen, dat ass, dass ee muss de richtegen Equiliber tëschent de Rechter an den Obligatioune vun de 27 a vum Vereenegte Kinnekräich fannen an dass een natierlech muss derfir suergen, dass mer en „level playing field" kréien, well dat ass ganz wichteg fir eis Finanzplaz, fir eis Wirtschaft a fir eis Fiskalitéit.

Als Finanzminister wäert ech natierlech ganz no suivéieren, wat geschitt an der „libre circulation des biens, des services et des capitaux". Well dat sinn dräi Saachen, wou ënner anerem d'Douane eng Roll spillt, awer och net nëmmen d'Douane, d'ganz Service-financieren dréie jo do ronderëm.

Ech schwätzen haut och, mat senger Erlaabnis, e wéineg iwwert den Impakt vum Brexit op d'Ekonomie en général, an net nëmmen op der Finanzplaz, well de Minister Schneider mech gefrot huet, dat ze maachen. Ech maachen dat och ganz gär. En fait ass de Brexit fir Lëtzebuerg natierlech en Defi, mä awer och eng Opportunitéit, net nëmme fir eis Finanzplaz, mä och fir eis ganz Wirtschaft.

Ech wäert mäi kuerzen Exposé op zwee Kapitele beschränken. Wat sinn d'Konsequenze vum Brexit à court terme? An am zweeten Deel: Wat sinn d'Konsequenzen à long terme?

A court terme géif ech gär op zwou Saachen insistéieren. Éischtens, mir mussen déi ganz Negociatioun hei dedramatiséieren. Leider hu mer ee Joer misse waarden, bis mer konnten ufänken ze negociéieren, an doduerch ass déi Dramatik ëmmer méi schlëmm ginn. Mä ech mengen, et muss een d'Realitéit an d'Ae kucken. Mir musse fir d'Éischt emol de Verdikt vum brittesche Vollek respektéieren. Dat ass dat Alleréischt.

Dat Zweet: Mir wëllen déi gutt, villfälteg a fir béid Säite positiv Relatiounen, déi mir mat der Finanzplaz London hunn, och gäre muer hunn. Déi mussen zwar transforméiert ginn. Mä mir wäerten déi férderen a mir wäerte versichen, muer och Brécke mat London ze hunn, wéi mer der haut hunn. Déi Brécke gesi vläicht muer anescht aus, mä dat ass eist Zil.

Dofir soen ech och, wann ech op de Missiounen am Ausland sinn: „Kommt, mir dedramatiséieren dat!" Et ass jo net esou, dass deen Dag, wou England erausgeet, kee Commerce vu Gidder, vu Servicer a vu Capitauxe méi tëschent England an Europa wäert bestoen. Mir hu jo mat der Schwäiz, fir dat Beispill ze huelen, exzellent Relatiounen als EU an déi sinn net Member an der Europäescher Unioun.

Mir mengen, an dat ass mäin zweete Punkt à court terme, dass Lëtzebuerg als Léisung an als natierleche Choix dosteet fir all déi, déi amgaange sinn, sech Froen ze stellen op der brittescher Insel, wéi se sech musse muer dréien a kéieren, fir den Accès op den europäesche Maart ze kréien.

Mir hunn de Moment en Ëmfeld vun Onsécherheet, an ech wëll och ënnersträichen, well dat oft als Beispill genannt gëtt, dass d'Britten eng Politik haten, déi en fait an der Vergaangenheet mat ganz vill Previsibilitéit verbonne war, ënner anerem an der Fiskalitéit, mä natierlech, mat deem Vott vun der Sortie aus der EU ass déi ganz Previsibilitéit, déi an deem Land esou héichgeschriwwe ginn ass, natierlech hin. Mir hu vill méi Previsibilitéit zu Lëtzebuerg wéi an England. Mir hunn en fait zu Lëtzebuerg eng vun deenen héchste Previsibilitéiten, déi et gëtt.

Wat maachen elo déi Akteuren, déi zu London täteg sinn? Eh bien, si sichen natierlech e Wee, fir en Accès op den europäesche Marché ze fannen. Verschiddener hu scho kleng Entitéiten hei, da wëlle se déi vergréisseren, anerer hunn nach iwwerhaapt keng, mussen déi dann hei opmaachen.

A wat ass do dat magescht Wuert? Dat ass d'Wuert „Substanz"! Et geet eis als Lëtzebuerg heidrëms, dass déi, déi sech hei implantéieren, keng Bréifkëschtegesellschafte maachen, an en fait si mer do jo scho säit Joren um Wee, déi Bréifkëschtegesellschaften hei ze decouragéieren. En fait notzen déi jo och am ganze Kontext vu BEPS näischt méi. An et geet eis och drëms, e qualitative Wuesstum ze kréien.

Ech hunn deslescht en Artikel gelies, wou se gesot hunn, dass den Impakt op Frankfurt iwwert déi nächst Méint a Joren, wat den Emploi ubelaangt, dee misst oder kéint zu Frankfurt geschafe ginn, sech an d'Dausende chiffréiert. De Chiffer vu 4.000 ass genannt ginn.

Mir mengen, dass fir Lëtzebuerg, wat wäert a Fro kommen, dat sech plutôt an Honnerte vun Emploie wäert ausdrécken. Dat heescht, mir wëlle Substanz kréien, a Substanz ass net nëmme Quantitéit vu Leit, Substanz ass och, wat fir eng Fonctiounen hei op Lëtzebuerg wäerte kommen.

A mir wëssen, dass de Commissariat aux assurances an och d'CSSF wäerten derfir suergen, dass éischtens déi néideg Substanz heihinnerkënnt an och wäerte kontrolléieren, dass d'EU-Direktiven all agehale ginn. An ech mengen, dat ass am Kontext vu verschiddene Polemiken, déi elo hei gemaach gi si vun anere Länner, extrem wichteg. Mir, also eis Institutiounen, wäerten do vigilant bleiwen, esou wéi si et dach ëmmer och an der Vergaangenheet waren.

Mir wäerten also keng Extrafaveure maachen. Ech hunn dat vum éischten Dag u gesot, wéi de Brexit geschitt ass, aus zwee Grënn. Eemol, well mer EU-Regulatioune wëllen a mussen anhalen, an zweetens, well mer dat net brauchen. Mir sinn elo attraktiv genuch, mat deem Cadre législatif, dee mer hunn, mat där gutt fonctionnéierender Wirtschaft, déi mer hunn, a mat der Fiskalitéit, wéi mer se haut hunn.

Et gëtt e Lien tëschent Brexit a BEPS. BEPS, déi faméis Initiativ vun der OCDE, déi jo d'Steierlandschaft weltwäit geännert huet. A wéi richtegerweis vu verschiddene Riedner ënnerstrach ginn ass, ass nach net gewosst, wéi d'Vereenegt Kinnekräich sech am Kontext vun der Fiskalitéit wäert behuelen.

Ech wëll ënnersträichen, a vill vun Iech wëssen dat, dass d'Vereenegt Kinnekräich dat Land war, wat am meeschte gedréckt huet, fir dass BEPS sollt séier gemaach ginn a séier ëmgesat ginn. Dofir kann ech mer net erwaarden, dass, wa si da géifen aus der EU erausgoen, si géifen eng Course no ënne maachen, fir d'Steiersätz ze reduzéieren.

An en drëtte Punkt, op dee Lëtzebuerg wäert oppassen, an deen ass ganz wichteg, dat ass, dass mer natierlech d'Reputatioun vu Lëtzebuerg ganz héichhalen. Ech kann dat awer och nach ëmgekéiert soen: Wa mir déi néideg Reformen net gemaach hätten a vun deene schwaarzen a groe Lëschten net ewechkomm wären, da géif haut keen op Lëtzebuerg kommen. Da géif och kee sech fir Lëtzebuerg interesséieren, da wäre mer op kenger „Shortlist".

D'Strategie, déi mer verfollegt hu vun den éischten Deeg nom Brexit u war, fir ze soen: Mir maache keng aggressiv Propaganda, mir maachen eng kooperativ Strategie. An ech hunn dat am Haut comité de la place financière vun den éischten Deeg u gesot, an iwwert d'Wochen ewech huet sech déi Strategie als déi richteg erwisen.

Ech kréien déi Fro ganz oft gestallt, ech ginn elo hei e puer Informatiounen.

Ech géif och gären dem Franz Fayot an dem Eugène Berger particulièrement Merci soe fir dat, wat se gesot hunn iwwert d'Attraktivitéit vu Lëtzebuerg. Wat ass d'Foto, déi mer haut kënne maachen? D'Foto seet eis haut, dass mer eng gutt hallef Dose vu Firmaen hunn, déi am Asset Management an an Investitiounsfongen dra sinn, déi sech fir Lëtzebuerg entscheet hunn. Eng gutt hallef Dose vun Assurancëfirmaen hu sech fir Lëtzebuerg entscheet, a bei deenen, déi sech do fir Lëtzebuerg entscheet hunn, si mat déi gréisste vun der Welt.

Dat sinn déi zwee Secteuren, wéi richteg ënnerstrach, wou mer bis elo am meeschte Succès haten, mä dat sinn net déi eenzeg. Mir sinn och gutt am Bankesecteur, wou e puer Banken, meeschtens amerikanesch Banken, entweder d'Decisioun scho geholl hunn oder ganz no derbäi sinn a wou et fir Lëtzebuerg gutt ausgesäit.

An dann zulescht si mer och gutt opgestallt am Domän FinTech. An ech muss soen, ech war do erstaunt, dass en fait elo scho FinTech-Entreprisen, déi zu London sinn, sech vill fir Lëtzebuerg interesséieren, well se soen, en Accès zum Marché ass fundamental vum éischten Dag un, an déi dorunner denken, op Lëtzebuerg ze kommen. Och do ass d'Pipeline gutt gefëllt.

Mir sinn also do gutt positionéiert par rapport zu deenen anere Finanzplazen, ouni dass mer eis mussen elo iwwerdriwwe Suerge maachen, dass ze vill Aarbechtsplaze geschaaft ginn, an ouni dass sech muss d'Fro gestallt ginn, ob mer genuch Büroen hunn. Dat hu mer alles. Mir hu genuch Büroen, mir hu genuch Talent, mir zéien es och nach un. A last but not least, mir hu genuch Plazen an eisen internationale Schoulen. An dat ass och eng absolutt Prioritéit vun dëser Regierung, fir dat ze maachen.

E leschte Punkt vläicht zur Fiskalitéit. Ech hu virdru scho gesot, dass d'Vereenegt Kinnekräich ganz gutt an der Kommunikatioun ass, fir ze soen, dass si mat de Steiere wäerten erofgoen. Lëtzebuerg huet net vill geteint. Mir hunn agéiert. Mir hunn an der Steiererliichterung oder Steierreform vum leschte Joer den Taux vun 21% fir dëst Joer op 19% gesat an d'nächst Joer op 18%. Dat ass eng Steiererliichterung an déi richteg Richtung. An déi kënnt eis elo am Kontext Brexit ganz zegutt.

Ech géif awer och soen, dass de Brexit net nëmmen eng Opportunitéit ass fir d'Finanzplaz, et ass awer och eng Opportunitéit fir d'ganz Wirtschaft. An ech hu mech do mam Etienne Schneider zesummegesat, fir dat e bëssen ze analyséieren. England ass eise siwente Fournisseur a Gidder an ass eise fënnefte Client. Et ass also e wichtege Client. Dofir ass et och an deem Domän wichteg, dass muer den Handel fonctionnéiert.

An den Impakt op d'Croissance huet jo de Statec... De potenziellen negativen Impakt op der Croissance, wann de Commerce géif erofgoen, ass jo ausgerechent ginn. Op där anerer Säit muss ee soen: Am Finanzberäich menge mer, dass jo do vill méi Croissance kënnt. Et muss ee sech bewosst sinn, dass am Domän vun de Service-financieren de Flux bilatéral sech wäit iwwer 10 Milliarden Euro befënnt. Also, dat si kolossal Zommen.

Net méi spéit wéi gëschter war eng Reunioun zu London mat potenziell interesséierte Firmen, déi net am Finanzberäich sinn, déi à la recherche si vun engem Headquarter. An ech kann Iech soen, Lëtzebuerg huet do gutt Kaarten! Wat eis do vun deenen anere gesot gëtt, dat ass, dass mer gutt positionéiert sinn an der Fiskalitéit, gutt positionéiert sinn an der Recherche et développement. An de Fait, dass mer Luxembourg for Business fusionéiert hu

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal,
Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:
Polygraphic SA, Esch-sur-Alzette

Concept et coordination générale:
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries:
Saint-Paul Luxembourg SA 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg
Editpress SA 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

mat Luxinnovation - dat ass jo eng rezent Decisioun vun der Regierung -, wierkt extrem positiv.

Ech hu geschwat vum Finanzsecteur a verschiddene Branchen, ech hu vun der Ekonomie en général geschwat, mä doduerch, dass mer elo esou vill Interessenten hunn, ginn awer eng ganz Rëtsch aner Saache gekuckt, déi heiansdo als secondaire ugesi ginn, mä déi een awer hei muss verhalen. Mir hunn eng ganz gutt Liewensqualitéit zu Lëtzebuerg, mir sinn en extrem séchert Land a mir hunn - dat gëtt eis gesot, dass dat ganz wäertvoll ass - vill Stärerestauranten.

(Interruptions et hilarité)

Och dat kucke verschidde Chefs d'entreprise.

Fazit: Ech mengen, à court terme hu mer vill Opportunitéiten zu Lëtzebuerg. An déi wäerte mer ausnotzen.

Wéi ass et dann à long terme? Do ass et esou, dass mer wäerte mussen derfir suergen, dass England och muer, no der Sortie, verschidden Direktiven am Domän zum Beispill vun der Fiskalitéit oder vum Blanchiment misst anhalen. Mä doriwwer hu mer keng Garantie. An dofir ginn déi Negociatiounen natierlech ganz schwéier.

Ech mengen och, dass et am Interêt vu Lëtzebuerg wär, dass mer Transitiounsperiode kréien, well mer vill Geschäfter mam Vereenegte Kinnekräich hunn, an dass et eisen Interêt net ass, dass mer e Cliff Edge kréien, dat heescht esou e Gruef, wou alles drafält, oder eng Mauer, an déi ee rennt.

Wat fir e Modell muer mat England wäert zréckbehale ginn, dat weess keen. Ech mengen net, dass se an d'Richtung wäerte goe vum norwegesche Modell, well deen en fait en termes vu Souveraineté fir e Land wéi England net satisfaisant ass, mä et kann ee sech Fräihandelsaccorde virstellen. Grad dee vum neien Typ, deen Europa mat Kanada ofgeschloss huet, kéint jo do wegweisend sinn.

Dat gesot, wäert et esou sinn, dass Lëtzebuerg muss derfir suergen, dass den Accès zu Europa bestoe bleift, awer zu Konditiounen, déi mer nach haut wahrscheinlech net kënne roden.

Zum Schluss wéilt ech och nach ënnersträichen, dass fir Lëtzebuerg - an dat ass vläicht e bëssen eng Gageure, fir dat haut ze soen - de Brexit eng Opportunitéit ass an e ganz wichtege Sujet ass, mä, ech mengen, fir eis Finanzplaz ass den Defi vun der Technologie a vun der FinTech a vun der Diversifikatioun vun eiser Finanzplaz nach méi wichteg. FinTech revolutionéiert d'Manéier, wéi ee Service-financiere liwwert, wéi ee se un d'Leit bréngt. An dat ass eppes Durabeles, wärend de Brexit ass elo eng riseg Klammer, mat där mer mussen eens ginn. Mä ech si confiant, dass mer och muer mat dem Vereenegte Kinnekräich ganz dynamesch bilateral Relatioune wäerten hunn.

Ech hunn also gesot: Wat ganz wichteg ass, ass de FinTech. Dofir schaffe mer do esou vill drop.

Dat Zweet si fir d'Diversifikatioun vun eisem Finanzberäich natierlech déi gréng Finanzen. A mir hu praktesch am Wochentakt an deene leschten Deeg Saachen annoncéiert, wat mer do maachen. Mir hunn elo virun enger Woch en Accelerateur annoncéiert fir de Changement climatique. Mir hunn eng Plattform mat der BEI gemaach als Lëtzebuerger Regierung. Eis Bourse huet eng gréng Bourse lancéiert. Also, dat ass e Sujet, an deem mer ganz aktiv sinn. An ech mengen, et ass wichteg, dass een dat och ënnersträicht. Mir sinn net nëmme braquéiert op de Brexit.

En conclusion géif ech soen, dass Lëtzebuerg gutt opgestallt ass am Kontext vum Brexit, sief et fir d'Ekonomie en général wéi och fir d'Finanzplaz. Mir maachen eng Approche, déi en fait och eng gewësse Solidaritéit mat dem Vereenegte Kinnekräich weist. Mir hu keng aggressiv Propaganda. Mir wénken net mat der Scheierpaart. A mir mengen och, dass dat eng Strategie ass, déi och wäert Reussite bréngen. Mä ech hu vun de Resultater scho geschwat. An ech mengen, dass déi, déi et anescht maachen, wahrscheinlech wäerten dechantéieren. Et sinn net ëmmer déi Muppen, déi am haartste billen, déi déi gréisste Schanke kréien.

Une voix.- Très bien!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- A mir wäerten also mat enger roueger Hand d'Promotioun weider maachen, déi Atouten, déi mer hunn, déi ganz wäertvoll sinn, utiliséieren. An do denken ech haaptsächlech un d'Previsibilitéit vu Lëtzebuerg an un eisen Triple-A.

D'Resultater schwätze fir sech selwer. Ech mengen, Lëtzebuerg huet an där heiter Saach déi richteg Strategie.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Finanzminister. An den Här Mosar huet d'Wuert gefrot.

M. Laurent Mosar *(CSV)*.- Jo. Ech wollt nach eng Kéier d'Wuert froen. Ech hunn deenen dräi Ministere ganz opmierksam nogelauschtert. Si hu ganz vill Richteges gesot, wat ech och kéint ënnerschreiwen. Ech wollt awer just op ee Punkt zréckkommen, wou ech keng Antwert kritt hunn a wou ech och fannen, datt eng Kontradiktioun tëschent eenzelne Regierungsmemberen ass.

Ech hunn dem Ausseminister nogelauschtert. Deen huet gesot, d'Regierung bräicht hei keng Strategie ze hunn - wann ech dat elo emol richteg ka widderhuelen an erëmginn, wat e gesot huet -, well d'Strategie wär eng gemeinsam. Ech hunn dovun Akt geholl, Här Ausseminister.

Ech sinn allerdéngs e bëssen erstaunt, wëssend, an dat war och déi Fro, déi ech un de Finanzminister gestallt hunn, datt d'groussherzoglech Regierung eng Étude stratégique justement bei enger grousser Fiduciaire a bei enger grousser Affekotenetüd opginn huet, fir d'Strategie justement ze definéieren a fir d'Regierung ze begleeden an hiren Demarchen.

An déi Fro ass mer net beäntwert ginn. Duerfir wollt ech dem Finanzminister se awer nach eng Kéier stellen. Wéi ass dat mat där doter Étude stratégique? Kritt d'Chamber déi iergendwéi och nach eng Kéier virgestallt? Mir wären och nawell interesséiert awer ze wëssen, wat dann déi grouss Recommandatioune vun där Étude stratégique do sinn.

An deen zweete Punkt, deen e bëssen domat ze dinn huet, hutt Der mer och net beäntwert, Här Finanzminister. Et gëtt anscheinend e Groupe de travail, deen Dir en place gesat hutt relativ schnell nom Brexit, wat u sech jo och eng luewenswäert Initiativ ass. Dee Grupp ass anscheinend am Ufank een-, zweemol zesummekomm, ass awer elo e bëssen ageschlof säit enger ganzer Rei vu Wochen a Méint. Kënnt dee Grupp net méi zesummen? Wat ech schued fannen. An ech wollt do och eng Kéier lech d'Fro stellen, firwat datt dat esou ass.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci. Den Här Gramegna huet d'Wuert.

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- Merci, Här President. Fir d'Eischt emol zu där leschter Fro. Den Haut comité de la place financière, deen och elo e permanent Sekretariat huet, schafft kontinuéierlech. A mir hunn an den éischte Méint no dem Brexit effektiv e spezielle Grupp geschaaft, deen de Moment net méi taagt, well mer an deene puer Reuniounen, déi mer haten, alleguerten d'Sujeten individualiséiert hunn an déi da weider un aner Gruppe vum Haut comité de la place financière verdeelt hunn.

Et ass also net, well dee Grupp do net méi zesummekënnt, dass d'Aarbechten net weiderginn. An ech mengen, d'Resultater vun der Attraktioun vun Entreprisen am Finanzberäich schwätze fir sech selwer, dass mer gutt opgestallt sinn.

A wat Är éischt Fro ubelaangt, wëll ech awer ganz kloer soen: Mir hunn eis natierlech e bëssen ëmfrot an e bëssen d'Fühleren ausgestreckt, mä mir hu keng Etüd en bonne et due forme gemaach. Mir hunn disparat Elementer vu verschiddene Consultantë kritt, déi mir afléisse gelooss hunn an eng Strategie, déi eis ass!

Dat ass dach d'Responsabilitéit vun der Regierung,…

Une voix.- Très bien!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- …op deem heite Sujet wéi och um méi breeden Terrain vun allem, wat mat Brexit ze dinn huet, ze definéieren. Mir consultéieren dobaussen, mir lauschteren dem Secteur no, wat och, mengen ech, eng Lëtzebuerger Traditioun ass, an duerno definéiert d'Regierung d'Strategie. An dat ass dat, wat mir gemaach hunn.

Et ass jo ganz kloer, dass déi Strategie, vun där ech hei schwätzen, ass: Wéi positionéiere mer eis, fir Entreprisen unzezéien? Dat ass eng aner Strategie wéi déi, vun där de Premierminister geschwat huet an den Ausseminister. Déi hu vun der Strategie am Kontext vum Brexit en général geschwat, wou se soen: „Do kann et nëmmen eng Strategie ginn, an dat ass eng Strategie zu 27." Ech wëll dat just wéinst der Clartéit ënnersträichen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci. Da géife mer iwwergoen zur Resolutioun an zu de Motiounen.

Motions et résolutions

M. Laurent Mosar *(CSV)*.- Ech hunn eigentlech guer keng Positioun héiere par rapport zu der Resolutioun. Ech mengen, do brauch jo d'Regierung keng Stellung ze huelen. Dat ass eng Resolutioun, déi sech un d'Chamber adresséiert. An déi dräi Motiounen, dat ass d'Regierung, déi do ugeschwat ass.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci. Mä ech wollt just déi Diskussioun iwwert d'Resolutioun opmaachen. An ech hunn eng Wuertmeldung vum Här Angel.

Résolution 1

M. Marc Angel *(LSAP)*.- Jo. Ech wollt am Numm vun der LSAP soen, dass déi Resolutioun hei am Fong superfétatoire ass. Mir hunn d'nächst Woch en Debat hei iwwert d'Zukunft vun Europa an och iwwert d'Eurozon, wou mer och eng Resolutioun preparéiert hunn an an der Kommissioun ausgeschafft hunn, wou mer eis soen, dass mer eis als Chamber méi aktiv an déi europäesch Dossiere wëllen abannen. An de Brexit ass en europäeschen Dossier. Dofir gesinn ech net an, firwat mer hei fir de Brexit, wann ech dat esou einfach däerf ausdrécken, eng Extrawurscht misste broden.

An där Resolutioun froe mer, dass mer nach méi enk mat der Regierung zesummeschaffen. Mir froen och, dass, wann e Conseil européen ass, jee no Ordre du jour vum Conseil de Premier kënnt. An dann, dee leschte Punkt hei an där Resolutioun: «(...) l'invitation des membres luxembourgeois du Parlement européen à assister à ces réunions (...)». Et ass vu menger Kommissioun nach keng eng Invitatioun erausgaangen, wou d'Europadeputéierten net invitéiert waren.

Den Ausseminister huet et gesot, ech hunn et virdru gesot, dass de CAG déi Brexit-Verhandlunge verfollegt. An ech sinn iwwerzeegt, wéi mer dat gemaach hunn an deene leschte Méint, dass den Ausseminister wäert komme virdrun an duerno, wa mir e froen. An dofir gesinn ech net an, firwat mer hei elo eppes sollen extra fir de Brexit stëmmen, wa mer d'nächst Woch souwisou an engem méi generelle Kader decidéieren.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Angel. Weider Wuertmeldungen zu der Resolutioun? Den Här Baum. An dann duerno den Här Mosar, fir ze äntwerten.

M. Marc Baum *(déi Lénk)*.- Merci, Här President. Mir ënnerstëtzen dës Resolutioun, well mer mengen, datt se net superfétatoire ass, besonnesch den alleréischte Punkt, wou et drëm geet, datt d'Chamber zesumme mat der Regierung en amont d'Positioun vu Lëtzebuerg determinéiert, wat de Brexit ugeet. Dat ass eppes, wat et esou an där doter Form net gëtt, wat mir awer fir néideg a wichteg hale bei esou engem wichtegen Dossier. An duerfir ënnerstëtze mir dës Resolutioun.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Baum. Wa keng weider Wuertmeldunge sinn… Den Här Mosar freet d'Wuert nach eng Kéier.

M. Laurent Mosar *(CSV)*.- Jo, Merci. Ech sinn e bëssen erstaunt iwwert d'Aussoe vum Kolleeg Marc Angel. Den Här Angel berifft sech op eng Resolutioun, déi d'nächst Woch eng Kéier kënnt, déi also nach net gestëmmt ass, wou mer net wëssen... Ech mengen, déi muss emol diskutéiert ginn, Här Angel, an da gëtt doriwwer ofgestëmmt. An da gëtt déi Resolutioun dann, le moment venu, le cas échéant, ugeholl oder ofgeleent.

Mir sinn am Moment hei konfrontéiert mat enger ganz konkreter Situatioun: d'Situatioun vun der Prozedur iwwert de Brexit. Ech sinn net oft mam Här Baum enger Meenung, mä elo emol eng Kéier, dat wëll ech ervirsträichen. De Mëtte sinn ech därselwechter Meenung.

Hei geet et wierklech ëm eng ganz spezifesch Prozedur - eng ganz spezifesch Prozedur! -, déi mer d'ailleurs och vum Här Ausseminister virgestallt kritt hunn. An duerfir kann ech net d'accord sinn, wann elo einfach hei gesot gëtt: „Dat do ass eng Prozedur wéi all aner." Dat ass net richteg.

Ech maachen lech allerdéngs eng Offer, Här Angel. Wann Dir d'accord sidd, dee ganze Volet vum Brexit an Är Resolutioun mat eranzehuelen, da géif ech proposéieren, datt mir déi heite Motioun en suspens sollen halen, an da kënne mer d'nächst Woch dat doten alles ofstëmmen in globo mat eiser Propositioun iwwert de Brexit. Mä mir hätte wierklech gär, datt dat speziell gekläert gëtt an och speziell gesot gëtt, datt dat hei eng Prozedur ass, déi just fir de Brexit gëllt.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Här Angel!

M. Marc Angel *(LSAP)*.- Ech wëll déi Propositioun vum Här Mosar net unhuelen, well ech der Meenung sinn, dass de Brexit en Dossier européen ass wéi all aneren Dossier européen. An an där Resolutioun, déi mer en long et en large an der Kommissioun schonn diskutéiert hunn, déi d'nächst Woch um Ordre du jour ass, do geet et ëm all d'Dossiers européens. A fir mech ass de Brexit en Dossier européen - e wichtegen! -, mä et gëtt nach aner wichteg Dossiers européens. An dofir, mengen ech, brauche mer dat hei net ze stëmmen. An ech géif lech proposéieren, eis zum Vott opzeruffen.

Merci.

Une voix.- Wéi verstänneg!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci. Här Ausseminister!

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*.- Also, ech ka mech eraushalen, et ass eng Resolutioun...

(Interruptions et hilarité)

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Dat packt Der awer net, sot!

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*.- Neen! Ech wëll just hei bestätegen, dass all Kéiers, wann den Här President vun der Kommissioun oder meng Wéinegkeet gemierkt hunn: „Dat do ass eppes, wou et am Interêt vun der Chamber ass, dass de dohinnergees an d'Kommissioun an doriwwer schwätz" - a selbstverständlech zielt dat och beim Brexit -, dann hu mer bis elo ëmmer esou gemaach an domat fuere mer esou virun. Ech mengen, déi Garantie kann ech lech ginn. Dat brauche mer net hei extra ofzestëmmen. Dat ass an dat bleift! Voilà!

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Da kënne mer et awer extra ofstëmmen, wann et ass an esou bleift.

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*.- Neen.

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Wann ech gelift!

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Ech fannen, déi Saachen, wou Der dermat d'accord sidd, kënnt Der jo och derfir stëmmen.

Une voix.- Den Här Mosar hat gesot: „Vott!"

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Mir géifen dann zum Vott iwwergoen.

Vote sur la résolution 1

D'Ofstëmmung fänkt elo gläich un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss: 28-mol Jo, 32-mol Neen. Domat ass d'Resolutioun 1 net ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Laurent Mosar), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding (par M. Alex Bodry), Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles (par M. Gusty Graas), Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par Mme Josée Lorsché) et M. Roberto Traversini (par M. Claude Adam).

Motion 1

Mir géifen dann zu der Motioun N°1 iwwergoen. Ech mengen, den Här Mosar hat se argumentéiert, mä ech hunn...

(Interruption)

Neen, voilà, et ass genee dat, wat ech wollt soen. Wëllt d'Regierung dozou Stellung huelen? Den Här Gramegna huet d'Wuert.

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Merci, Här President. Déi Propositioun, déi hei an der éischter Motioun gemaach gëtt, proposéiert, eng Agence centrale Brexit ze maachen. An ech muss lech soen, d'Regierung gesäit wierklech net d'Utilitéit, fir dat doten ze maachen, well mer scho ganz vill Ulafstellen hunn, wou dat ka gemaach ginn. An ech géif soen: Gott sei Dank!

Mir hunn natierlech net op de Brexit gewaart, fir Ulafstellen ze hunn, fir Entreprisen oder Investisseuren zu Lëtzebuerg ze empfänken. Elo zitéieren ech der e puer, déi kennt Der alleguerten: Dat ass Luxembourg for Finance. Dat ass Luxembourg for Business a Luxinnovation, déi elo jo fusionéiert sinn. Dat ass d'Luxembourg House of FinTech, dat mer virun e puer Méint gegrënnt hunn. An da gëtt et och nach den Espace Entreprises an der Chambre de Commerce.

Bon, ech mengen, wann een dat alles opzielt, da realiséiert een, dass een hei gutt opgehuewen ass. An dat géif double Emploi maachen. Dat wäre jo och onnéideg Käschten.

An ech mengen, d'Resultater vun eiser Promotioun, déi loosse sech jo weisen. Ech hu se jo beschriwwen a se si vun aneren och beschriwwe ginn, soudass ech wierklech net agesinn, firwat dass mer dat heite sollte maachen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Keng weider Wuertmeldunge vun deene verschiddene Bänken?

(Négation)

Dann huet den Här Mosar d'Wuert.

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Jo, och do sinn ech net mam Här Finanzminister d'accord. An ech mengen, en huet selwer d'Argumenter ginn, firwat dat noutwendeg ass. Dir hutt näämlech gesot, wivill verschidde Gremien zoustänneg sinn, wann eng Entreprise sech hei zu Lëtzebuerg wëllt etabléieren.

En plus, ech weess net, ob Der mer richteg nogelauschtert hutt, gëtt et bien entendu hei Voleten, déi d'Entreprise selwer concernéieren. Et gëtt awer extrem vill Voleten, déi guer näischt mat der Chambre de Commerce zum Beispill ze dinn hunn oder mam House of Entrepreneurship, zum Beispill Froen iwwer Schoule vu Kanner, well déi Leit komme jo mat hire Familljen heihinner. Et gëtt Froen iwwer Logementer.

An ech kann lech just soen: Et ass jo net elo a mengem Kapp gewuess, et ass e Problem, datt déi Leit, déi interesséiert sinn, sech mussen op diverse Plazen informéieren, ier se déi Informatioune kréien. Hei geet et einfach drëm, fir de Leit och e bëssen d'Liewen ze vereinfachen. Et geet och ëm eng Fro vu Simplification administrative. An duerfir menge mir, datt dat doten awer eng ganz sënnvoll Institutioun wär.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Keng weider Wuertmeldungen? Dat ass net de Fall.

Da géife mer iwwert d'Motioun N°1 ofstëmmen.

Vote sur la motion 1

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer: 26-mol Jo a 34-mol Neen. Domat ass d'Motioun 1 net ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par Mme Nancy Arendt), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding (par M. Alex Bodry), Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles (par M. Gusty Graas), Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par Mme Josée Lorsché), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par M. Henri Kox) et M. Roberto Traversini (par M. Claude Adam);

MM. Marc Baum et David Wagner.

Motion 2

A mer géifen dann zur zweeter Motioun iwwergoen, erabruecht och vum Här Mosar. Wëllt d'Regierung dozou Stellung bezéien? Den Här Gramegna huet d'Wuert.

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Merci, Här President. Effektiv ass de Sujet vum Risk Management e wichtegen. Ech hu mam Här Mosar och virdru bilateral am Ufank kuerz doriwwer geschwat an hunn an der Tëschenzäit méi Informatioune kritt, well mir waren eis net ganz eens, ob et dann e Master op der Uni géif ginn oder net e Master géif ginn.

D'Äntwert ass: Et gëtt e Master of Science in Banking and Finance. An deen huet véier Moduller, déi mat Risk Management ze dinn hunn. Ech liesen lech se op Englesch, well dat ass esou, wéi dee Cours gehale gëtt: „Quantitative approaches in Risk management." Zweetens: „Risk management in international institutions (veuillez lire: in financial institutions)." Drëttens: „Risk management in specialised financial products." A véiertens: „Systemic risk and macro-prudential supervision." Also ech mengen, do hu mer emol scho Saachen.

Mäin zweete Punkt ass: Ech weess net, ob et eng gutt Approche ass, hei an der Chamber der Universitéit ze soen, wat se soll maachen. Si huet jo eng akademesch Fräiheet. An ech kann lech assuréieren, Här Mosar, Här President an lech alleguerten, dass de Finanzministère souwéi vill aner Ministèren d'Besoine vun der Wirtschaft natierlech der Universitéit soen. An dann ass et un hir, fir dann en conséquence ze agéieren. Ech géif et keng gutt Iddi fannen, hir hei Instruktiounen ze ginn.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Jo, den Här Mosar huet d'Wuert.

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Jo. Ech wëll mech elo net op déi fachlech Diskussioun do mam Här Finanzminister aloossen. Ech kann lech just soen, datt ech vun enger ganzer Rei Leit, déi am Secteur schaffen, erugedroe kritt hunn, datt wierklech eng grouss Demande vum Secteur do wär, well ee keng där Leit do fënnt.

Ech sinn och net ganz mat lech d'accord, datt d'Regierung hei der Uni keng Instruktioune gëtt. Dat steet och net an eiser Motioun dran. Ech fannen, hei geet et just ëm eng Iddi. Dat do ass eppes, an Dir sot et selwer, wat wichteg ass fir eis Finanzplaz. Ech halen elo net drop, datt déi de Mëtten hei ofgestëmmt gëtt. Ech kann och dermat liewen, datt mer déi an déi zoustänneg Kommissioun eng Kéier ginn.

(Interruption)

An da solle mer kucken, ob dat do besteet, ob et net besteet. Ech géif et op jidde Fall schued fannen, well hei geet et wierklech ëm d'Finanzplaz, wann déi einfach géif ënnert den Dësch gestëmmt ginn.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Den Här Baum huet d'Wuert.

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Ech war an déi bilateral Negociatiounen tëschent dem Här Gramegna an dem Här Mosar net mat agebonnen, mengen awer zwou Saachen:

Éischtens, datt et scho ganz komesch awer ass, wann an enger Debatt ronderëm de Brexit eng Motioun do ass, wou et effektiv ëm d'intern Organisatioun vun der Universitéit Lëtzebuerg respektiv vun der Héichschoulpolitik geet an dovunner och just ee bestëmmte klenge Broch deel.

Dat Zweet, wat mer mengen, ass, datt effektiv eng Debatt ëm d'Kohärenz vun der Héichschoulpolitik an d'Orientéierung, och d'wirtschaftlech Ausriichtung vun der Héichschoulpolitik hei zu Lëtzebuerg, duerchaus en interessante Sujet ass, mä datt een dat awer da misst an e méi vaste Kader setzen, wéi just ee bestëmmte Cours an ee bestëmmte Master hei ze fuerderen.

Duerfir stëmme mer et och net mat.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Wa keng weider Wuertmeldungen do sinn, géif ech d'Motioun N°2 zum Vott stellen.

Vote sur la motion 2

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss: 26-mol Jo, 34-mol Neen. Domat ass d'Motioun 2 ofgeleent.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par Mme Martine Mergen), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Laurent Mosar), Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding (par M. Alex Bodry), Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles (par M. André Bauler), Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par M. Henri Kox), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par Mme Josée Lorsché) et M. Roberto Traversini (par M. Claude Adam);

MM. Marc Baum et David Wagner.

Motion 3

A mer géifen direkt weidergoen zu der Motioun N°3. Den Här Ausseminister wäert Positioun bezéien.

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- Här President, ech hunn dat meescht gesot gehat. Ech mengen, d'Kolleege vun der CSV hunn dat och verstanen. Mä et ass e klenge Malentendu heidran. Also, wa mer dat do géife stëmmen, éierlech gesot, déi zwee éischt Punkten, dat ass d'Basis vun de Leitlinnen. A mir kënne jo awer hei an der Chamber kee Vott maachen iwwert d'Leitlinnen, déi eestëmmeg festgehale gi sinn am Conseil.

An dat Zweet, dat betrëfft dee leschten Tiret. Also, dee britteschen Ambassadeur zu Lëtzebuerg, deen ass gutt. An dat ass e Mann,...

(Interruption)

...wann e brittesche Bierger bei e kënnt, da weess dee sech unzeleeën. Do brauche mir net nozehëllefen.

Merci.

Une voix.- Voilà.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Den Här Mosar huet d'Wuert.

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Also, ech zweifelen net drun, datt den engleschen Ambassadeur, dee mer gutt kennen, exzellent ass. En ass awer och net onfrou, wann en e bëssen Aarbecht géif ewechgeholl kréien, Här Ausseminister.

Neen. Ech wollt awer nach eng Kéier op dee Punkt do agoen, deen awer net onwichteg ass. Dir hutt gesot, déi englesch Bierger, déi hei iergendwelch Problemer hunn, hunn als éischt Ulafstell déi brittesch Ambassad. Dat ass richteg. Allerdéngs gëtt et hei ganz vill Beispiller vu Leit, déi och am Kontext vun deem Brexit aner Froen hunn.

An de Statsminister huet virdrun eppes gesot, wat extrem wichteg ass. En huet eis d'Zuele gi vun all deene Britten, déi zum Beispill wëllen d'lëtzebuergesch Nationalitéit kréien. Duerfir, do si mer eis awer eens, ass net onbedéngt de britteschen Ambassadeur zoustänneg. Dat sinn éischter Froen, déi da géifen um Här Braz seng Administratioun geriicht ginn. An esou gëtt et ganz vill aner Froen, déi net direkt eppes domadder ze dinn hunn.

An ech kann lech och do ëmmer erëm nëmme soen, datt ganz vill brittesch Bierger sech extrem Suerge maachen, déi andauernd mat Froen och do konfrontéiert ginn, a sécherlech de britteschen Ambassadeur net all déi Froen do ka beäntwerten. An ech fannen, datt mir oder Dir als Regierung awer och do eng Roll hunn, fir e Signal ze ginn, datt mir/Dir/d'Regierung och do si fir déi brittesch Bierger mat all de Suergen, déi se hunn.

(Interruptions)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Den Här Ausseminister huet d'Wuert.

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- Et ass och ouni de Vott vun dëser Motioun, dass fënnefmol méi brittesch Bierger d'Lëtzebuerger Nationalitéit gefrot hunn an deene leschten zwee Joer, wéi dat virdrun de Fall war. Dat heescht, selbstverständlech, wat d'Nationalitéit ugeet, ass d'Lëtzebuerger Regierung op allen Niveauen, alle Ministërë bereet, fir do hir bon Servicen unzebidden. An ech mengen awer, Här Mosar, gleeft mer dat: Duerfir brauche mer keng Motioun ze stëmmen!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Den Här Justizminister huet d'Wuert gefrot.

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Den Här Ausseminister huet d'Zuele jo scho genannt. Ech kann déi nëmmen ënnersträichen. Deen Trend ass do. An dee geet vum selwen, wéi Der feststellt. Doriwwer eraus, elo e spezielle Regimm fir Britten, fir...

Une voix.- Dat huet kee gefrot.

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Ech wëll lech just soen: Ech kann am Gesetz an och a menger Verwaltung net soen: „Elo maache mer hei speziell Regele fir brittesch Bierger." Dat geet net. All déi Leit...

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Dat huet och kee gefrot. Et steet och net an der Resolutioun.

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Dir hutt lech erkläert, ech erklären lech elo mäi Standpunkt. Ech fannen, dass Der hei amgaange sidd ze iwwerdreiwen. Dir verléiert e bëssen den Norden. Dëst Gesetz an der Nationalitéit ass fir all Leit hei am Land genee d'selwecht. An ech denken net drun, do iergende spezielle Regimm fir brittesch oder aner Leit, bei all Sympathie, déi ech fir se hunn a besonnesch fir hiren Ambassadeur, opzestellen. Dat geet ze wäit.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Dat huet och absolutt kee gefrot. Et steet och net an der Resolutioun. An dat sinn Ënnerstellungen, déi falsch sinn.

Plusieurs voix.- Zum Vott!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Mir géifen zur Ofstëmmung iwwert d'Motioun N°3 iwwergoen.

Vote sur la motion 3

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. An dann d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass ofgeschloss: 26-mol Jo, 32-mol Neen an 2 Abstentiounen. Domat ass déi drëtt Motioun net ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par Mme Nancy Arendt), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco

Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding (par M. Roger Negri), Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles (par M. Gusty Graas), Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par M. Claude Adam), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par Mme Josée Lorsché) et M. Roberto Traversini (par M. Henri Kox).

Se sont abstenus: MM. Marc Baum et David Wagner.

Mir sinn um Enn vun dëser Diskussioun ukomm. A mer géifen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen, an zwar dem Projet de loi 6997, der Ëmsetzung vun enger Direktiv iwwert de penale Schutz vum Euro an aneren Devisë géint Fälschung.

5. 6997 - Projet de loi modifiant le Code pénal et le Code de procédure pénale, en vue de transposer la directive 2014/62/UE du Parlement européen et du Conseil du 15 mai 2014 relative à la protection pénale de l'euro et des autres monnaies contre la contrefaçon, et remplaçant la décision-cadre 2000/383/JAI du Conseil

Rapport de la Commission juridique

M. Franz Fayot *(LSAP), rapporteur.-* Här President, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, Här Minister, mat dësem Gesetzesprojet a mam Gesetzesprojet...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Kolleeginnen, Kolleegen, et ass ganz schwéier fir de Rapporteur ze schwätzen, wann Niewendiskussioune gefouert ginn. Wann Der déi musst féieren, féiert se wann ech gelift dobaussen!

M. Franz Fayot *(LSAP), rapporteur.-* Merci, Här President.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Den Här Rapporteur huet d'Wuert.

M. Franz Fayot *(LSAP), rapporteur.-* Mam Gesetzesprojet 6997 setze mer eng europäesch Direktiv ëm, där hiert Zil et ass, d'Fälsche vum Euro ze verhënneren. An de Considérantë vun der Direktiv 2014/62 ass ze liesen, dass zënter dem Joer 2002, zënterdeem et also méiglech ass, an Euro ze bezuelen, e Schued vun enger hallwer Milliard Euro duerch gefälschtend Geld entstanen ass.

Op där enger Säit geet et bei dëser Direktiv drëm, d'Entreprisen an hir 330 Millioune Verbraucher am Euroraum viru finanzielle Perten ze schützen. Op där anerer Säit geet et drëm, d'Vertrauen an den Euro, der zweetwichtegster Wärung op der Welt, ze garantéieren.

D'Direktiv obligéiert d'Memberlänner, gewëssen Infraktiounen iwwert d'Fälsche vu Suen an hirem Code pénal virzegesi souwéi och minimal Sanktiounen anzeféieren. Da sollen d'Ermëttler, dat heescht d'Police an der Haaptsaach, déi néideg Moyene kréien, fir iwwert déi Infraktiounen ze enquêtéieren. An d'Memberstate ginn ausserdeem opgeruff, Statistiken iwwert d'Zuel vun Infraktiounen, déi mam Fälschen ze dinn hunn, ze féieren.

Déi zwee lescht Punkte ginn allerdéngs net an dësem Gesetz traitéiert.

Här President, mat deem heite Gesetz ännere mer just punktuell eise Code pénal an eise Code de procédure pénale. D'Gesetz, dat mir hoffentlech haut alleguerte stëmme wäerten, huet nëmmen zwee Artikelen, well eis aktuell Gesetzgebung scho largement d'Exigenze vun der Direktiv, mä och vun aneren internationalen Texter wéi der Genfer Konventioun vun 1929 respektéiert.

Mir hunn awer vun dësen Ännerunge profitéiert, fir d'Kapitelen I bis III an hir Disposition commune am Titel 3 vum Livre II vum Code pénal nei ze strukturéieren. Mir ersetzen also heimadder d'Artikelen 160 bis 192-2 vum aktuelle Code pénal duerch dräi nei Kapitelen.

Am Kapitel I, Artikelen 160 bis 166, präziséiere mer, dass mer mat „Wärung", dem franséische Wuert „Monnaie", souwuel Pabeier wéi metalle Wärunge verstinn. Do derbäi kommen dann och nach d'Definitioune vun den Instruments de paiement corporels an d'Titren, also Wäertpabeieren, fir déi och déi nämlecht Sanktioune gëlle wéi déi fir d'Fälsche vu Suen. An zwar gesäit eise Code pénal Prisongsstrofen tëschent 10 a 15 Joer fir d'Fälsche vu Suen, vu Paiementsinstrumenter a Wäertpabeiere vir.

Dat si streng Strofen, Här President, allerdéngs och justifiéiert, wann ee bedenkt, wivill Schued esou Infraktiounen uriichten, a wann ee bedenkt, dass et sech hei ëm ganz sophistiquéiert Kriminalitéit, oft och Bandekriminalitéit handelt. Manner streng gëtt d'Participatioun an d'Hëllef zu de viregten Infraktioune bestrooft souwéi och d'Tentative. Mä ëmmerhin, et riskéiert een awer och hei eng Prisongsstrof vu bis zu fënnef Joer.

Am neie Kapitel II geet et ëm d'Fälsche vu staatleche Sigelen, vun Timberen, Dréck a Marken. Och hei gëllen déi nämlecht Strofe wéi bei Suen oder Wäertpabeieren.

Am drëtte Kapitel da regele mer d'Strofe fir de Fall, wou een institutionell Maschinnen, also legal Printinstrumenter benotzt huet, fir Fälschungen hierzestellen oder zum Beispill wann et ëm Sue geet, déi net gefälscht goufen, mä eigentlech nach net dierften an d'Zirkulatioun bruecht ginn.

Här President, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, ech wëll net ze laang ginn an ech weess, dass dat lech freet. Fir d'Detailer erlaben ech mer, op de Rapport vun der Kommissioun ze verweisen. Mir erreeche mat der Ëmsetzung vun dëser Direktiv zwar net eng eenheetlech penal Gesetzgebung am Beräich vun der Fälschung vu Suen am Euroraum, mä mir erweideren awer hei op europäeschem Niveau de Katalog vu méigleche Sanktiounen a stäerken eis Mëttelen am Kampf géint dës Form vu Kriminalitéit.

Ech wëll och nach derbäifügen, dass et eng gewëssen Urgence gëtt, fir dës Direktiv ëmzesetzen, well mer schonn hei a Verzuch sinn an, mengen ech, och en Avertissement kruten, soudass ech lech da géif Merci soe fir d'Nolauschteren. Ech ginn natierlech och den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet. Voilà!

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci dem Här Rapporteur. An den éischte Riedner ass den Här Gilles Roth.

Discussion générale

M. Gilles Roth *(CSV).-* Merci, Här President. Mir soen dann och dem Rapporteur, dem Franz Fayot, Merci fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport. An ech ginn d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci. D'Zoustëmmung vun der LSAP hu mer. D'Madamm Beissel fir d'DP.

Mme Simone Beissel *(DP).-* Jo, Här President, ech ralliéiere mech. Et wär vill ze soen an dësem interessante Projet, mä vu dass den Här Fayot, deem ech Merci soe fir säin exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport, an dëser awer technesch komplizéierter Matière dat ganz gutt presentéiert huet, ginn ech och den Accord vun der DP-Fraktioun.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci. D'Madamm Lorsché.

Mme Josée Lorsché *(déi gréng).-* Villmools Merci, Här President. Mir schléissen eis deem un. Och mir ginn den Accord zu dësem Projet de loi a si komplett d'accord mat allen Dispositiounen, déi en enthält.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Den Här Reding hätt ech hei stoen. Ech ginn dervun aus, dass den...

M. Gast Gibéryen *(ADR).-* Ech ginn och den Accord vun eiser Säit.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci gesot. An dann, mengen ech... Den Här Baum wénkt och den Accord. Domat huet den Här Justizminister d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.-* Ech hunn de Wierder vum Rapporteur näischt drunzehänken, ausser dass ech dem Franz Fayot wëll Merci soen, wéi och der gesamter Commission juridique, fir déi héich Vitesse, mat där se dëse Projet evakuéiert kritt huet. Mir sinn doriwwer ganz frou. An ech soen och der Chamber Merci fir d'Eestëmmegkeet.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci och dem Här Justizminister. Mir kënnen dann direkt zum Vott iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6997 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo direkt eriwwer: 59-mol Jo, keng Abstentiounen a keng Negativstëmmen. Domat ass de Projet unanime ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6997 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

